

# INFO BLAT

°05 19

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng



## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 5. JUNI 2019




L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

# INFO BLAT 05 19


COMPTE-RENDU DU 5 JUIN 2019

3-43

COPIES D'ACTES D'ÉTAT CIVIL

44

ATTESTATION DE SÉJOUR PERMANENT

45

CARTE D'IDENTITÉ BIOMÉTRIQUE

46



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-11 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 10 000 exemplaires

**© PHOTOS** Couverture: Rita Noël

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 05/2019,** ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 5 JUIN 2019

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Roberto Traversini, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Christiane Brassel-Rausch (déi gréng)
Gary Diderich (déi Lénk)
Serge Goffinet (LSAP)
Jerry Hartung (CSV)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

**Absents/excusés:** Laura Pregno (échevin, déi gréng), Fränz Meisch (DP), Erny Muller (LSAP), Ali Ruckert (KPL)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
2. **Projets communaux : aménagement d'un studio d'enregistrement et de salles de répétition au bâtiment C du site 1535° Creative Hub, article budgétaire 4/493/221311/14012 — décompte.**
3. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers : modification ponctuelle du PAG à Differdange, au lieudit « Differdinger Hüttenwerk – Ancienne Terrasse des hauts-fourneaux » — saisine du conseil communal suivant article 10 de la loi du 19 juillet 2014 concernant l'aménagement communal et le développement urbain.**
4. **Enseignement fondamental :**
   a. Changements dans l'affectation des postes au cours de l'année scolaire 2018-2019 ;
   b. Organisation de l'année scolaire 2018-2019.
5. **Actes et conventions :**
   a. Contrats de bail d'un espace au 1535° Creative Hub ;
   b. Contrat de bail avec la SARL CR Services pour l'exploitation de l'hôtel-restaurant Klenge Casino.
6. **Classement comme monument national d'un immeuble situé au no 133, avenue de la Liberté à Niederkorn.**
7. **Règlements communaux :**
   a. Modification du règlement communal sur l'allocation de solidarité ;
   b. Règlements temporaires de circulation.
8. **Syndicats intercommunaux : soutien au projet UNESCO « Man and Biosphere » sous la gouvernance du syndicat Pro-Sud.**
9. **Questions.**

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *ouvre la séance. Il communique trois absences: M. Meisch, M. Muller et Mme Pregno. Il félicite Mme Pregno pour la naissance de son bébé au nom du conseil communal.*
*(Interruption)*
*Roberto Traversini rappelle que M. Ruckert s'est excusé la dernière fois.*
*Il passe aux communications.*

**TOM ULVELING (CSV)** *annonce que la rénovation de l'église de Lasauvage commencera à la fin du mois. Le gros des travaux sera réalisé après le congé collectif.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe à un décompte du 1535°.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise qu'il est question du Sonotron. Le devis se montait à 1 250 000 € et les couts réels s'élèvent à 1 363 000 €. La différence s'explique par une majoration du gros œuvre de 50 000 €. La personne ayant lancé l'idée a touché 20 000 €.*
*Pour Tom Ulveling, il ne s'agit pas d'une augmentation énorme. Il demande au conseil communal d'approuver le décompte.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe à une modification ponctuelle du PAG.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *explique que ce dossier n'avait pas pu être terminé à temps pour la dernière séance. Il s'agit d'une modification du PAG que le collège échevinal souhaite approuver rapidement pour ne pas perdre de temps et parce que le projet est prêt.*
*Le projet porte sur le terrain où la commune souhaite bâtir le grand parc de stationnement. L'ancien collège échevinal a entamé ce projet. Le collège échevinal actuel a décidé de déplacer le parking à la suite de concertations avec Arcelor. Désormais, il pourra être construit sur le plateau des hauts-fourneaux. Le terrain va du bâtiment de la direction d'ArcelorMittal au premier tiers du parking des hauts-fourneaux, où a eu lieu la kermesse. Il*

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mer géife mat eiser Sitzung ufänken. Schéine gudde Moien. Mir hunn dräi Entschëllegungen: den Här Meisch, den Här Muller, den Här Ruckert an d'Madamm Pregno. Am Numm vum ganze Gemengerot felicitéiere mer der Madamm Pregno fir dee léiwe Puppelchen, deen si op d'Welt bruecht huet.

Da géife mer zu de Kommunikatioune kommen. Här Ulveling, w.e.gl.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll de Conseil informéieren, dass mer Enn dës Mounts wäerte mat der Renovatioun vun der Lasauvager Kierch ufänken. Mer fänke mam Désamiantage un, dee mer gäre virum Congé collectif fäerdeg hätten. Duerno ginn d'Aarbechte richteg lass. Dat wollt ech just matdeelen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Da géife mer zum zweete Punkt kommen, dat ass en Dekont vum 1535°. Här Ulveling, Dir waart esou gutt am Lafen, kënnt Der eis deen Dekont och kuerz erklären.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dat ass am Rapport mam Sonotron. Wéi Der gesitt, waren 1.250.000 Euro virgesinn. Mir hunn 1.363.000 Euro ausginn. D'Deierecht ass haaptsächlech doduerch komm, dass beim Gros oeuvre eng Majoratioun vun iwwer 50.000 Euro war. Dat anert si kleng Majoratiounen. An dee Mann, deen déi Iddi lancéiert hat, deem hu mer missen 20.000 Euro ginn. Soudass mer, mengen ech, awer keng terribel Augmentatiounen haten. Dofir géif ech Iech bieden, deen Dekont hei ze stëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Da géife mer zum Vott kommen, Här Generalsekretär.

*Le conseil communal approuve le décompte relatif à l'aménagement d'un studio d'enregistrement et de salles de répétition au bâtiment C du site 1535° Creative Hub.*

Super. Deen drëtte Punkt. Ier mer dee grousse PAG virstellen an zwou Wochen ass hei nach eng punktuell Adaptatioun. Déi hätt sollte schonn e bëssen éischter gemaach ginn, mä do si mer net nokomm. Dofir hu mer dat e bësse virgezunn. Här Liesch, kënnt Der eis weider Detailer ginn, w.e.gl.?

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Effektiv war den Dossier op e puer Deeg net prett fir de leschte Gemengerot. Et war just net duergaangen. Duerfir hu mer en dann elo haut op den Ordre du jour gesat. Et geet ëm eng Modifikatioun vum PAG, déi mer elo nach wëlle maachen, well de Projet éischtens fäerdeg ass a well mer net nach Zäit wëlle verléieren.

Et geet hei ëm den Terrain, wou mer dat grouss Parkhaus zu Déifferdeng wëlle bauen. Wou mer schonn e puermol – de leschte Gemengerot an dëse Gemengerot – mat deem Projet befaasst waren. Wou mer och scho selwer geswitcht hu vun där enger op déi aner Säit, well d'Arcelor eis eng Ouverture gemaach huet, déi immens interessant war. An och nach sënnvoll war, virun allem fir Déifferdeng. Well mer de Parking op der Säit vun der Arcelor um Plateau Hauts-Fourneaux kënne maachen. An elo si mer eigentlech souwäit prett, dass mer déi Modifikatioun kënne maachen. Duerfir wollte mer Iech déi haut proposéieren.

Et geet hei ëm deen nërdlechen Terrain, wann een dat aktuellt Direktiounsgebai vun ArcelorMittal mat abegräift. Dat geet erop bis an den éischten Drëttel vum Parking Hauts-Fourneaux wou d'Kiermes war, déi mer haut kennen. Dat ass am Moment am PAG als Industriegebitt klasséiert. A mir géifen dat änneren an eng Zone spéciale.

Wann Der d'Wäerter vergläicht op der Partie graphique, da gesitt Der, dass den COS bei 0,6 läit. Wat extrem nidd-

reg ass. An den CUS läit bei 2,0. Wat och net schrecklech héich ass. Wat Iech vläicht opgefall ass, ass d'Densité logement, den DL, dee steet op null. Aus deem Grond, well mer do kee Logement wäerte maachen.

Wann een dat e bësse vergläicht mat deem, wat ronderëm esou gebaut ass – net jidderengem soen déi Wäerter do jo elo ganz vill. Wann Der déi Wäerter ronderëm d'Entrée en ville kuckt, déi mer do applizéiert hunn, da läit den COS do bei 0,9. Wéi gesot, hei leie mer bei 0,6. Also et gëtt wierklech eng Implementatioun, déi vill Gréngs ronderëm wäert erlaben. An den CUS ronderëm läit bei 4,2. An hei leie mer bei 2,0. Also Dir gesitt, hei wëlle mer net extrem verdichten. Mir wëllen op dëser Säit eng labber Bauweis hunn, soudass mer eng parkähnlech Struktur erméiglechen. Et ass natierlech kee Park, mä eng parkähnlech Struktur, och Richtung Nidderkuer, mat deenen heite Wäerter.

Nach e Wuert zu der Zone spéciale. Wat ass dat? Wat kann ee sech dorënner virstellen? Eng Zone spéciale ass eng vun deene villen Zonen, déi mer an eisem leschte Gemengerot virgestallt kruten. An enger Zone spéciale kann een am Fong bal alles maachen: Commerce, Loisir, Service administratif, Service-publiquen, Bâtiment-publiquen, Hotel, Restauratioun an esou weider.

Dat eenzegt, wat an der Zone spéciale net erlaabt ass, dat ass Logement. An ech mengen, do si mer alleguerten heibannen d'accord, dass mer op dëser Plaz net onbedéngt wëllen e Quartier résidentiel bauen, esou no beim Arcelorswierk.

Wat wichteg ass, an dëser Zon ka keng Industrie méi sinn. Dat heescht, haut hu mer do en Industrieterrain, wou eigentlech bis elo sech hätt kéinten eng Industrie néierloossen, direkt bei eiser Entrée en ville. Wat mer natierlech net super fonnt hätten, wann een an Déifferdeng erakënnt, a mir hätten do nach eng Industrie. Dat ass also mat enger Zone spéciale net méi méiglech.

Wat ass elo virgesinn op deem Terrain? Et ass jo nëmmen en Deelterrain. Déi Modifikatioun maache mer jo, wéi gesot, haaptsächlech, fir d'Parkhaus ze maachen. Natierlech bleift nach e bësse Plaz ronderëm, wou ee sech nach aner Saache virstelle kéint. Vläicht dat eent oder dat anert Gebai. Dat musse mer kucken.

Wat awer haut scho sécher ass, dat kann ech op jidde Fall scho soen, ArcelorMittal profitéiert heivunner, fir hiert Direktiounsgebai ze erneieren. An deem Sënn, dass se eigentlech en neit Direktiounsgebai direkt beim Parking wäerte bauen. An dee Moment dat aalt Direktiounsgebai ofrappen.

Wat eis d'Méiglechkeet géif ginn, fir den Accès nach eng Kéier ze iwwerdenken, zum Parkhaus. Dee vun Déifferdenger Säit an och zur Nidderkuerer Säit da wäert garantéiert sinn. Dat sinn déi Méiglechkeeten, déi mer hunn.

En plus bitt den Terrain, mat deem bescheidenen COS an CUS, nach d'Implementéierung vu klengere Gebaier. Mä dat ass alles à voir. Do gëtt et Iddien, awer nach keng konkret Pläng.

Ech hoffen, ech hunn am Resumé alles gesot, wat Der braucht. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Goffinet, w.e.gl.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Ech probéieren, den Erny ze ersetzen, sou gutt, wéi et méiglech ass.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dir maacht dat bestëmmt ganz gutt, Här Goffinet.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

D'LSAP Déifferdeng begréisst, dass et no laangjärege Sondéierungsgespréicher ënner viregte Schäfferéit elo zu engem Accord iwwert déi zukünfteg Notzung vum fréieren Terrain vum Héichuewe-Site, déi aktuell Entrée an d'Schmelz ëm d'Direktiounsgebai komm ass. Dës Ëmklasséierung ass engersäits eng nei Orientéierung vun engem Industrieterrain an eng urban Situ-

*est reclassé de zone industrielle à zone spéciale.*
*Le COS se monte à 0,6 et le CUS à 2. La densité de logement est de zéro. Dans le reste de l'entrée en ville, le COS est de 0,9 et le CUS de 4,2. Sur ce site-ci, il reste donc beaucoup de place pour des espaces verts. Bien entendu, il ne s'agira pas d'un parc, mais d'une structure semblable à un parc en direction de Niederkorn.*
*Georges Liesch précise qu'une zone spéciale est une zone dans laquelle on peut implanter presque toutes les activités : commerce, loisirs, services administratifs, services publics, bâtiments publics, hôtels, restauration… Seul le logement n'y est pas autorisé. Mais de toute façon, le conseil communal ne veut pas construire un quartier résidentiel à côté d'ArcelorMittal.*
*En tant que zone industrielle, le terrain aurait pu accueillir une entreprise directement à l'entrée de ville. Le reclassement en zone spéciale ne le permet plus. La modification a pour objectif principal d'aménager un parc de stationnement. Les alentours pourraient accueillir l'un ou l'autre bâtiment. Ce qui est sûr, c'est qu'ArcelorMittal en profitera pour rénover le bâtiment de la direction. L'ancien bâtiment sera démoli et remplacé.*
*L'accès au parking sera garanti du côté de Niederkorn et du côté de Differdange.*
*Le COS et le CUS permettent la construction de petits bâtiments. Il existe déjà des idées, mais pas de plans.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *essaiera de remplacer Erny aussi bien que possible.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *se dit convaincu qu'il y parviendra.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *signale que les socialistes saluent l'accord obtenu avec ArcelorMittal concernant l'ancien terrain des hauts-fourneaux. Le reclassement permet de transformer un terrain industriel en site urbain. Il ouvre aussi la voie à l'aménagement d'un accès à la halle historique de la « Groussgasmaschinn » et au Luxembourg Science Center.*

# 3. Modification ponctuelle du PAG

*Le terrain fait 3,8 ha. Il est reclassé de zone industrielle en zone spéciale permettant l'implantation d'activités de loisirs, d'activités professionnelles, de services administratifs et d'équipements publics. M. Liesch a déjà mentionné les différents coefficients.*
*Serge Goffinet trouve que l'article du « Luxemburger Wort » du 31 mai n'était pas clair. Il regrette la façon peu transparente dont le dossier a été présenté. Il manque un plan directeur et la description de ce qui sera aménagé sur le site. Cependant, les socialistes détenaient des informations grâce à leur présence au sein du dernier collège échevinal.*
*Le parking est destiné à l'EIDE, aux habitants de Differdange et aux visiteurs du Science Center. Combien d'emplacements contiendra-t-il ? Actuellement, les hauts-fourneaux et le contournement peuvent accueillir 700 voitures. Il faut prévoir plus de places compte tenu de l'agrandissement de la fabrique créative, de la présence du Science Center et de l'EIDE, et de l'université à sept kilomètres de là.*
*Le collège échevinal a dit vouloir déplacer le parking pour éviter de devoir passer par le carrefour. Cependant, l'étude sur la circulation tenait compte du parking. Les socialistes préconisent la construction de deux parcs de stationnement. Il ne faut pas oublier que de nombreux habitants du centre n'ont pas de garages.*
*Pour ce qui est du nouveau bâtiment administratif d'ArcelorMittal, existe-t-il un concept ? Serge Goffinet croit savoir qu'ArcelorMittal ne veut pas vendre ces 3,8 ha, mais les louer à long terme. Comment seront financés le parking et le bâtiment ? Combien la commune devra-t-elle débourser ?*
*Que le parking jouxte la rocade est une bonne chose. Mais attention à ce que cela ne se transforme pas en cadeau empoisonné en raison de la présence d'un étang à assainir.*
*La modification partielle du PAG ne concerne pas le site de la « Groussgasmaschinn » et du Science Center. Mais il faut prévoir un accès optimal pour ce projet si important pour l'attractivité de la ville.*

atioun. A mécht anerersäits de Wee fräi fir den Accès zu der historescher Hal vun der Groussgasmaschinn. Wou de Luxembourg Science Center soll hikommen.

Zum PAG selwer. Et handelt sech ëm een Areal vun 3,8 Hektar, dat iwwer eng Modifikatioun vum PAG vum aktuellen Industriegebitt an eng Zone spéciale, SPE, ëmgewandelt gëtt. A wéi et an der Partie écrite heescht: „Cette modification ponctuelle est envisagée dans le but suivant: permettre l'implantation d'activités de loisirs, d'activités professionnelles, des services administratifs ou des équipements publics sur un ancien site industriel."

Déi maximal Wäerter, déi am PAG fir den „nouveau quartier et terrain Hauts-Fourneaux" zréckbehale gi sinn, nennen ech elo net nach eng Kéier, den Här Liesch hat se genannt.

Wat ech bemängelen: Wann een d'„Lëtzebuerger Wort" vum 31. Mee gelies huet, da konnt ee sech virun dëser Sitzung net grad alles virstellen, mä et konnt ee sech e bësse selwer verschidde Saachen ausmolen. Dat fanne mir net transparent, wéi dësen Dossier virgeluecht gouf. Mir vermëssen de Plan directeur, nieft enger Beschreiwung, wat dann an der Zukunft hei soll entstoen.

Vu dass mer awer Zeitung liesen an eng Partie dervun och scho woussten, net zulescht duerch eis viregt Präsenz am Schäfferot, hätte mir nach eng Partie Bemierkungen zu dësem Punkt.

Deen éischte Punkt wier d'Parkhaus. Dëst soll d'Stellplaz fir ArcelorMittal – wéi scho bemierkt ginn ass –, fir d'École internationale, fir d'Bierger aus der Stad Déifferdeng an de Weekend fir de Science Center virgesinn. Eis Fro: Wéi vill Parkplaze ginn am Ganzen hei ageplangt?

Mir erënneren drun, dass mer elo schonn zirka 700 Plazen um Contournement a Site Hauts-Fourneaux hunn. Et muss och dru geduecht ginn, dass op dëser Plaz nach weider Aarbechtsplaze solle geschaaft ginn. Wéi jo virdru bemierkt ginn ass, zum Beispill duerch den Ausbau och vum 1535°.

Et bidde sech sécherlech nei Aarbechtsplazen un, bedéngt duerch déi direkt Präsenz vum Science Center an enger Uni, déi nëmme siwe Kilometer vun hei ewech ass. Awer och der Attraktivitéit vun enger internationaler Schoul. Dës Entwécklung muss selbstverständlech hei berécksiichtegt ginn.

Dir hutt elo virgesinn, wéi Der et am Zeitungsartikel zum Ausdrock bréngt, dat geplangte Parkhaus um Contournement net ze bauen, fir esou d'Kräizung ze vermeiden. Wann dat wuel e Virdeel duerstellt, da wëlle mir drop hiweisen, dass an der Verkéiersetüd vun der Kräizung, wann ech richteg am Bild sinn, dësen Trafic mat ageplangt war.

Dir wësst, dass mir schonn an der Budgetssëtzung virgeschloen hunn, zwee Parkhaiser ze bauen. Eent um Contournement wéinst der direkter Noperschaft an Abannung vum Stadkär. Och hätt dëst Parkhaus enger Partie Leit, déi am Zentrum wunnen – an dat geet bis de Wangert erop – hir Parkproblemer geléist. Déi weder Parkgeleeënheeten nach Garage hunn. Dat zweet Parkhaus um ArcelorMittal-Site wär da fir d'Entwécklung vun dësem Site fir d'Schoul an de Science Center zoustänneg.Zweete Punkt: en neit Verwaltungsgebai fir ArcelorMittal. Wéi wäit ass e Konzept entwéckelt, fir d'Gesamturbanisatioun vun deem haut virgeluechte PAG? Souwäit mir informéiert sinn, ass et net d'Intentioun vun ArcelorMittal, fir der Gemeng dësen Terrain vun 3,8 Hektar ze verkafen. Mä éischter fir e laangfristeg zur Verfügung ze stellen.

Wéi gedenkt de Schäfferot, zesumme mat ArcelorMittal, déi Käschten, déi duerch de Bau vum Parkhaus an deem neie Verwaltungsgebai entstinn, géigenzefinanzéieren? Oder méi konkret: Wat fir Käschte kommen op d'Stad Déifferdeng duer?

Mir gesinn an der Partie graphique vum PAG, dass dëse Richtung Fousbann un d'Rocade uschléisst. Wat sécherlech e grousse Virdeel fir d'Verkéiersféierung ass. Allerdéngs wëlle mer drop hiweisen, dass grad dat hei e Cadeau empoisonné ass, bedéngt duerch e Weier, e sougenannte Réckhaltebaseng op dëser Plaz. Wou et drop ukënnt, dësen ze sanéieren.

Wat den zukünftege Site vu Groussgasmaschinn a Science Center ubelaangt, sou kënne mir feststellen, dass dësen

iwwert d'Modification partielle vum PAG net betraff ass. Et gëllt awer och, fir dëse wichtege Projet, am Kader vun der Attraktivitéit vun eiser Stad, eng optimal Ubannung ze gestalten.

D'LSAP huet, iwwer hire fréiere Schäffen, selwer Demarchë säitens Arcelor gemaach, fir d'Entwécklung vum fréieren Héichuewe-Site virunzedreiwen. Wa mir och an Detailfroen anerer Meenung sinn, esou ënnerstëtze mir awer dës Modifikatioun vum PAG.

Mir sinn awer der Meenung, dass dee ganze Gemengerot méi muss an déi zukünfteg Pläng vun der Entwécklung agebonne ginn. Wuelwëssend, dass säit geraumer Zäit en Aarbechtsgrupp sech heimadder beschäftegt. Dat wier et. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Goffinet. Madamm Saeul, w.e.gl.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Häre Schäfferot, Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm, Monsieur vun der Press, dës punktuell Modifikatioun vum PAG Terrain Héichuewen huet als Zil, fir déi aktuell Industrieparzellen als Zone spéciale, SPEC, ëmzeklasséieren.

Eng Zone spéciale, wéi den Numm et seet, déi schonn op ass a wou een eng Panoplie vun Aktivitéiten drop erëmfanne kann, ausser Wunnengen. Awer mam But – Suite zu der Erklärung am Detail vum Schäffe Georges Liesch – hei dat Parkhaus ze bauen, wat scho méi laang geplangt ass. D'Demokratesch Partei ass frou, dass endlech eppes geschitt an dësem Dossier.

Am viregte Schäfferot war de Bau nach um Parking Contournement-Centre geplangt a géif, wéi an der Zeitung vun e Freideg ze liese war, an där neier Zone spéciale SPEC gebaut ginn. Firwat net op der Plaz, wou am Moment nach d'Direktiounsgebai vum Stolwierk steet, am Stil vum fréieren Hadir-Tuerm? Vläicht en Thema fir spéider an d'Geschicht vun der Gemeng Déifferdeng.

D'An- an d'Ausfaarte vum Parkhaus sinn an der Emile-Mark-Strooss respektiv um Contournement geplangt. Esou dass de Verkéier net iwwert d'Kräizung brauch ze fueren, déi schonn zu den Haaptzäite saturéiert ass, awer déi verkéiersméisseg zum fréiere Rondpoint e grousse Plus ass.

Dës Zone spéciale SPEC erméiglecht d'Weiderentwécklung vum Contournement.

D'Demokratesch Partei begréisst schonn emol dës Modification ponctuelle vum PAG, en vue vun deem neie Parkhaus.

Op där anerer Säit hätte mir et begréisst, wann deen Deelterrain vun der Wierkshal mat der Groussgasmaschinn scho mat an d'Prozedur gaange wär. Esou hätt ee kéinte vill Zäit spueren, dass wéinstens dësen Deel vum Projet Luxembourg Science City realiséiert géif. Dofir géif d'Demokratesch Partei sech hei bei dësem Punkt enthalen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Här Tempels, w.e.gl.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären, wéi mer gesinn, ännere mer de bestoende PAG ëm, fir aus engem Schwéier-Industrie-Gebitt eng Zone spéciale ze maachen. Dësen Terrain ass 3,80 Hektar grouss. Eigentlech geet et jo drëms, fir esou séier wéi méiglech mam Bau vum geplangte Parkhaus unzefänken. Wat mir begréissen.

Mir mussen eis awer Gedanke maachen, wéi d'Leit optimal aus dësem Parkhaus an den Zentrum kommen, fir deen net ze vergiessen.

Eng Fro steet am Raum: Aus wéi enge Grënn gëtt den Terrain net méi erop klasséiert bis bei d'Gebléishal, wou de spéidere Science Center soll dra kommen? Fir och dësem dach fir Déifferdeng wichtege Projet ze weisen, a wéi eng Richtung mir wëllen zéien. Merci.

*L'ancien échevin socialiste a participé aux démarches auprès d'Arcelor pour développer l'ancien site des hauts-fourneaux. Serge Goffinet estime que le conseil communal doit être impliqué davantage dans ce développement. Il rappelle l'existence d'un groupe de travail.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *rappelle qu'il s'agit de reclasser des parcelles industrielles en zone spéciale SPEC. Les zones spéciales peuvent accueillir une panoplie d'activités, mais pas de logements. M. Liesch a expliqué que l'objectif est d'y aménager un parc de stationnement. Le DP s'en réjouit.*
*L'ancien collège échevinal préconisait le site du parking du centre-ville, mais vendredi dernier, le journal parlait de la nouvelle zone spéciale.*
*Les entrées et les sorties du parking sont prévues dans la rue Émile-Mark et au contournement. Les voitures ne devront donc pas passer par le carrefour, qui constitue une amélioration par rapport à l'ancien rondpoint, mais qui est d'ores et déjà saturé aux heures de pointe.*
*Les démocrates saluent cette modification ponctuelle du PAG. Cependant, ils auraient voulu que la partie du terrain devant accueillir la « Groussgasmaschinn » soit incluse dans la procédure. Cela aurait permis de gagner du temps pour la réalisation du projet du Science Center. C'est pourquoi le DP s'abstiendra lors du vote.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *constate que la modification du PAG permet de transformer une zone industrielle en une zone spéciale. Il rappelle que le terrain fait 3,8 ha. L'objectif est de commencer les travaux de construction d'un nouveau parc de stationnement aussi vite que possible. Il faudra veiller à relier de façon optimale ce parking au centre-ville. Guy Tempels demande pourquoi le terrain n'a pas été reclassé jusqu'au site de la centrale à gaz et du Science Center, un projet important pour Differdange.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *a des problèmes d'électronique et ne peut pas lire les notes qu'il a préparées à la maison.*

*Les écologistes saluent la modification du PAG, qui permet d'accélérer le traitement de certains dossiers.*
*Les visions présentées dans le journal sont à discuter par le conseil communal et les fractions. Cela reste d'ailleurs possible.*
*Frenz Schwachtgen se réjouit des efforts accomplis au cours des dernières années ainsi que de l'accord trouvé avec ArcelorMittal. Il ne s'agit pas de réduire la capacité de production de l'usine, mais d'utiliser une partie des terrains à des fins d'utilité publique. Il s'agit ici d'un premier pas pour urbaniser le site.*
*Les écologistes approuveront la modification du PAG.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *apporte son soutien à la modification du PAG parce qu'elle rend possibles des choses importantes pour le centre de Differdange.*
*Comme les autres conseillers communaux, il ne comprend pas pourquoi des détails concernant le développement du site ont été publiés dans la presse alors qu'il n'est question, aujourd'hui, que de l'emplacement. Le collège échevinal a souvent répété à Gary Diderich qu'il ne pouvait pas commenter des parcelles spécifiques dans le cadre de la refonte du PAG. Or ici, il s'agit d'une parcelle au sujet de laquelle le conseil communal peut discuter. Quelle est la raison pour laquelle le collège échevinal s'est adressé à la presse ?*
*Gary Diderich approuvera le PAG. Il veut que le projet avance vite, mais qu'une discussion ait lieu au préalable. Cette modification ponctuelle est faite pour ne pas devoir attendre la refonte complète du PAG. Quels sont les délais ? Il ne faudrait pas que le collège échevinal présente au conseil communal un dossier avec des plans finis cinq jours avant la séance.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *estime que la possibilité existe d'aménager davantage de places de stationnement. Il a vu que le dossier contenait de nombreux croquis.*
*Le parking comme initialement prévu était relié au centre-ville.*
*Sans plan directeur, il est difficile de connaitre les besoins, parce que dif-*

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Här Schwachtgen, w.e.gl.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech hu leider elektronesch Problemer. Dat heescht, wat ech mer doheem notéiert hat, ass wäiss hei um Schierm. Mä soit.

Ech wollt am Resumé dat heiten derzou soen: Déi gréng begréissen déi PAG-Ännerung, déi am Fong virum grousse PAG kënnt, fir dass herno méi Rapiditéit a verschidden Dossiere komme kann. Dat ass emol deen éischten Zweck, deen dermat geduecht ass.

All déi Visiounen, déi aus der Zeitung ze liese waren, sinn à discuter – um Plang vum Gemengerot an och um Plang vun de Fraktiounen. Et ass jo nach e Wee, deen ze beschreiden ass.

Déi aner Saach: Wat eis wierklech freet, sinn all déi Beméiungen, déi an de leschte Jore gemaach gi sinn – an och d'Averständnis vun ArcelorMittal, mat an déi Richtung ze goen –, dass mer un dat grousst Wierk knabbere ginn. Wat seng Etendue a seng Mächtegkeet am Zentrum vun Déifferdeng bedeit. Et ass net, dass mer wëlles hunn, d'Produktioun anzeschränken, mä op aneren Ecker vun deem Site nach Gemengenterritoire lues a lues erëmzeentdecken, fir valabel Sitte fir d'Allgemengheet draus ze maachen.

An deem Sënn ass dat hei en éischte Schrëtt, deen eisem Urbanismus, egal ënner wat fir enger Form, zegutt kënnt an Zukunft. An an deem Sënn begréisse mir déi PAG-Ännerung, déi alles opmécht fir d'Zukunft.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, um Ordre du jour hu mer d'Modifikatioun vum PAG. Déi mir ënnerstëtzen, well se einfach emol Saache méiglech mécht op engem Terrain, dee wichteg ass fir den Zentrum vun eiser Stad.

Ähnlech wéi awer verschidde Virriedner, verstinn ech net ganz, firwat virun enger Gemengerotssëtzung, wou et am Fong just ëm d'Plaz geet, dann an der Press Detailer iwwert d'Entwécklung vun deem Site sinn, déi ni diskutéiert gi sinn.

Ech hu vill intervenéiert, wat d'Entwécklung vun der Stad ugeet, wat de PAG ugeet, wou ëmmer gesot ginn ass, do kënne mer net iwwer eenzel Parzellen diskutéieren – aus verständleche Grënn zum Deel. An hei schwätze mer vun enger Parzell, wou een awer hätt kéinten driwwer diskutéieren. A wou een nach kann driwwer diskutéieren. Ech hoffen, dass dat dann och de Fall wäert sinn.

Mä dass awer Saachen direkt an d'Press kommen, do liicht mer net ganz an, wat de Sënn an Zweck dovun ass, wann ee wëll an Diskussioune goen. Jiddefalls denken ech, dass déi nach musse gefouert ginn. An dass déi elo net Objet hei sinn.

Mir stëmmen dee PAG, fir dass eng Entwécklung weidergeet. Awer net, dass déi dann esou schnell weidergeet, dass déi Diskussiounen net méi gefouert ginn. Well dat schéngt jo awer d'Motivatioun ze sinn, dee PAG elo esou ze modifizéieren. Et ass eng Modification ponctuelle amplaz am Groussen PAG, dee mer jo och geschwënn op den Ordre du jour kréien.

Dofir wollt ech froen, wat d'Delaie sinn a wat do virgesinn ass. Fir dass mir och als Gemengerot do kënne méi matschwätzen, wéi dass mer dat fënnef Deeg am Viraus, mat fäerdege Pläng, hei geschwënn eng Kéier wäerte virgeluecht kréien. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Den Här Bertinelli, w.e.gl.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, ënnert deenen Aarbechten, wat de Parkraum ugeet, muss ech soen, datt et och Méiglechkeete gëtt, fir op dëser Plaz nach Parkraum ze schafen. Wat eise Fraktiounssspriecher jo scho gesot huet. Mä ech gesinn nach e ganze Koup Kruxen do dran.

Et ass och e politesche Choix, deen een do trëfft. Well een den Zentrum hei nach e bësse méi opgëtt, mat deem éischte Parking, wou een do net baut. Wat eng direkt Ubannung vum Stadkär ass, wéi mer en elo nach kennen. An dat muss een da kucken.

Et ass ganz, ganz schwéier mat deem Plang hei, ouni dee Plan directeur, deen ausgeschafft gi war. Well do jo nach e ganze Koup u Saache mat erakommen, déi een elo hei net weess, wéi de Besoin vun deem Parking. Also, do bleift jo eng ganz grouss Fro nach op.

Wat ass de Besoin? Mam Lycée, deen elo kënnt, rechent ee mat 200 an 250 Leit, déi do wäerte schaffen. Och wa mer eis ganz vill beméien, fir datt d'Leit mam Zuch, mam ëffentlechen Transport a mam Vëlo kommen, wäerten awer nach ëmmer Leit mam Auto kommen. De Parking um Contournement ass bal saturéiert. Ech géif soen, deen ass zu 90% all Dag besat. An dee wäert och net méi esou vill verdroen.

Rechent een am ganze Kader vun der Entrée en ville – dee Plan directeur, dee virlouch – mat bis zu 1.500 Leit, ass dee Besoin och do. An hei hätte mer dem Stadkär, de Leit, déi effektiv am Zentrum keng Garagen, keng Stellplazen hunn, eng Méiglechkeet kënne ginn, fir eng Plaz ze lounen oder ze kréien, wou se no bei hirem Wunnquartier gewiescht wären. Wéi op anere Plazen, wou mer dat scho virgemaach hunn. Wat ech schued fannen. Mä effektiv ass dat doten e Choix.

An et stelle sech nach e ganze Koup aner Froen. Zum Beispill, wat de Kommodo ugeet. Ech weess, wat dat eng riseg Diskussioun ëmmer war, fir de Kommodo hinzekréien op esou engem Site industriel.

An den Zäitraum, Här Liesch. Wat stellt Der Iech fir en Zäitraum vir, wéini een dat dote realiséiere kéint? Wiisst dat mat, wéi dee ganzen Zentrum wiisst? Oder wéi um Plan directeur d'Entrée en ville wiisst? Oder gëtt dat doten duerch e Kommodo, wat jo laangwiereg Geschichte sinn, elo do dropgehaangen?

Mir als LSAP wiere frou gewiescht, wann deen zweete Parking fir den Zentrum do derbäi komm wier. An enger Form, dass een deen och mat ageschafft hätt, wéi et ufanks virgesi war. Esou réckele mer den Zentrum méi op de Fousbann. An ech fäerte ganz, datt mer dann den Zentrum, wéi en elo ass, nach e bësse méi vernoléissegen. An datt mer d'Demande da vläicht net méi befriddegt kréien.

Dat ass e bëssen d'Angscht, déi d'LSAP huet. Un déi mer och geduecht haten, wou mer déi Etüde gemaach hunn, fir dat Parkhaus dohinner ze bauen.

An et muss ee jo och kucken, wann de Science Center bis funktionéiert, wéi vill Leit do all Dag kommen, wéi vill Leit dee besiche ginn. Dat weess jo och haut nach keen. Den Här Buergermeeschter hat an der leschter Sitzung gesot, wann de CID op Nidderkuer geplënnert ass, datt mer eventuell Demandeur sinn, fir nach eng Schoul, e Lycée dohinner ze kréien.

Also dat engendréiert schonn e ganze Koup u Leit an u Méiglechkeeten. Soudatt et, menger Meenung no, net ze vill ass an net ze spéit geduecht ass, fir an deem Kader do déi Problemer geléist ze kréien, déi mer elo schonn an eiser Stad hunn, wat Parking ugeet.

Wéi eise Fraktiounssspriecher scho gesot huet, si mer ganz d'accord an och frou, datt en dohinner kënnt. Mä wéi gesot, mat engem tréinenden A a mat engem laachenden A. Well mer de Problem do geléist kréien, mer se awer net all geléist kréien. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Bertinelli. Den Här Liesch, w.e.gl.

*férentes structures vont être aménagées. Quelque 250 personnes vont travailler dans le lycée. Même si la commune promeut les transports publics et le vélo, beaucoup vont encore utiliser la voiture. Le parking du contournement est pratiquement saturé. Si l'on considère l'entrée en ville dans son ensemble, il faut compter sur quelque 1500 personnes. Il existe donc bel et bien un besoin.*
*Fred Bertinelli rappelle que les gens dans le centre-ville n'ont pas de garages. La commune aurait donc pu leur proposer de louer des emplacements dans ce parking comme cela a été fait dans d'autres quartiers. Malheureusement, le collège échevinal a fait un autre choix.*
*Fred Bertinelli se souvient des difficultés pour obtenir un commodo sur un site industriel. Quel calendrier M. Liesch envisage-t-il ? Car l'entrée en ville et le centre vont continuer à croitre.*
*Les socialistes auraient voulu qu'un deuxième parking soit aménagé comme cela était prévu au départ. Ici, le collège échevinal ne fait que reculer le centre vers le Fousbann. Cela signifie que le centre-ville actuel va être encore plus négligé. C'était la crainte du LSAP lorsque l'étude sur la circulation a été réalisée.*
*Par ailleurs, lorsque le Science Center sera bien établi, personne ne sait combien de visiteurs il accueillera chaque jour. Le bourgmestre a également laissé entendre qu'un deuxième lycée pourrait être construit lorsque le CID aura déménagé à Niederkorn. Cela engendrera aussi un important flux de personnes. Il n'est pas encore trop tard pour chercher une solution à ces problèmes de parking.*
*Comme l'a dit M. Goffinet, les socialistes sont contents que le parking soit construit, mais regrettent que tous les problèmes ne soient pas résolus.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *constate que les conseillers communaux mélangent certains éléments.*
*Aujourd'hui, il est question d'une modification du PAG, c'est-à-dire du reclassement d'une zone industrielle en zone spéciale. Ensuite seulement, des plans et un avant-*

*projet seront réalisés. Ils seront présentés au conseil communal avant que les budgets et les contrats avec les propriétaires ne voient le jour. Georges Liesch rappelle qu'ArcelorMittal est propriétaire.*
*Pour le moment, le collège échevinal ne sait pas encore si la commune pourra racheter le site ou bien le louer. C'est pourquoi il ne serait pas sérieux de présenter un plan directeur aujourd'hui.*
*Le collège échevinal sait qu'il veut développer ce site. C'est d'ailleurs ce qui était écrit dans l'article qui a été cité. Georges Liesch n'a pas montré de plan. Il n'a fait qu'esquisser la façon dont le terrain pourrait être viabilisé. Ce qui est sûr, c'est qu'il n'y aura pas de logements. Pour le reste, tout est possible : équipement public, bureaux pour le 1535°... C'est à cela que sert le reclassement d'aujourd'hui. D'autres fonctionnalités que le parking sont permises, mais le collège échevinal ne connait pas encore le type de bâtiments, leurs tailles, etc. Seule la réflexion est lancée.*
*Le seul souhait du collège échevinal consiste à aménager une structure semblable à un parc. Il ne s'agira donc pas d'un véritable parc, mais d'un couloir reliant Oberkorn à Niederkorn. Cette connexion sera d'ailleurs présentée le 19 juin dans le cadre du PAG.*
*Georges Liesch répète encore une fois que le collège échevinal a cherché des fonctions, mais qu'il ne dispose pas encore d'un plan — qui en ce moment serait tape-à-l'œil et peu sérieux. Dans quatre mois, ce plan ne correspondrait plus à la réalité et les conseillers communaux s'en plaindraient.*
*Pour ce qui est du parc de stationnement, les doléances de la Ville de Differdange sont restées les mêmes : il faut un parking de 800 à 1200 places.*
*Mais Georges Liesch insiste sur le fait que le collège échevinal veut une nouvelle politique de mobilité. Il ne veut pas que tous ceux qui travaillent à Differdange ou visitent le Science Center viennent en voiture. Sur le site en question se trouve la « gare » de Differdange. Toutes les lignes de bus s'y croisent. Ceux qui n'essaient pas de réduire le trafic à cet endroit, de soulager le carrefour*

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. Wann ech resuméieren, maache mer awer hei erëm den Amalgamm tëschent zwou Saachen, déi zwar matenee verbonne sinn, awer net direkt. Mir schwätzen hei um Ordre du jour vun enger Modification du PAG, dat heescht vun enger Ëmklasséierung vun engem Terrain aus enger Industriezon an eng Zone spéciale.

Doropshin, wann dat bis fäerdeg ass, entstinn natierlech Iddien, Pläng, an da kënnt en Avant-projet an esou weider. An dat kënnt jo all Kéiers hei an de Gemengerot. Doraus entsti Budgeten, doraus entsti Kontrakter mam Proprietär, wa mir dat als Gemeng esou wënschen, fir do matzespillen. Dat ass jo net eisen Terrain, dee mer hei ëmklasséieren. Ech wëll dat just nach eng Kéier rappelléieren. Den Terrain gehéiert integral ArcelorMittal.

Natierlech si mer mat hinnen an Diskussiounen, fir ze kucken, a wéi enger Hisiicht mer eis als Gemeng do kéinte mat eraklinken. Sief dat iwwert den Developpement vun deem Site. Sief dat, dass mer vläicht souguer Proprietär ginn oder iwwer e Bail fueren. Mä dat ass alles nach op.

Also fir Iech haut e Plan directeur ze weisen, dat mengen ech, wär net seriö. Well alles dat, wat Dir gesot hutt, ass méiglech op deem Terrain. A mir wëssen haut jo just vun de Funktionalitéiten, wat mer wëllen. Mir wëllen op dëser Plaz en Developpement maache fir eis Stadentwécklung.

An dat ass och notamment dat, wat an deem Artikel steet, dee jo e puermol hei zitéiert gouf, aus der Press. Wat ech do gesot hunn. Ech hunn do net gesot, wéi deen Terrain ausgesäit. Ech hunn do kee Plang gemaach. Ech hunn Iddien entworf, skizzéiert, wéi een deen Terrain do kéint fiabiliséieren, mat wat fir enge Funktionalitéiten.

Logement schléisse mer aus. Dat ass eng Funktionalitéit, déi mer gesot hunn, déi wëlle mer net. Industrie schléisse mer aus. Dat ass och eng Funktioun, déi mer op deem Terrain do net wëllen. Alles aneschters ass denkbar. Sief dat Équipement public, sief dat, dass mer soen, mir maachen do Bürosgebaier fir d'Leit aus dem 1535°.

All déi Iddien, déi Dir hei genannt hutt, sinn op deem doten Terrain machbar. An duerfir ass déi Ëmklasséierung och esou gemaach ginn, wéi mer se haut um Dësch leien hunn. Fir dass mer nieft dem Parkhaus awer och nach aner Funktiounen hunn. Wou ech awer haut nach kee Plang hunn. Wéi zum Beispill: Wou kënnt e Gebai hin? Wéi grouss gëtt dat Gebai? Dat ass alles nach guer net do. Mir si just am Denkprozess, wat mer mat deem Areal kënne maachen.

Eise Wonsch war nach – an dat hunn ech jo am Ufank gesot –, dass déi ganz Zon, an net nëmmen déi heiten, mä déi Zon, déi bis eropgeet, en Alignement gëtt mam Park op där anerer Säit. Et gëtt natierlech kee Park. Mä et soll awer eng parkähnlech Struktur ginn, dat heescht eng gréng Verbindungsachs Richtung Nidderkuer, déi mer do wëlle weiderféieren. Déi och am PAG ass. Dat wäert Der jo nach gesinn den 19. Juni, dass do eng Weiderféierung bis Nidderkuer kënnt, och wa se méi schmuel ass. Dat war eis wichteg, dass mer eng gréng Achs vun Uewerkuer bis Nidderkuer weiderzeechnen duerch dëst Areal. Dat sinn déi Funktiounen, déi mer gesicht hunn.

Mä nach eng Kéier: Fir Iech e Plang haut ze weisen, dat wär, mengen ech, tape-à-l'oeil an net ganz seriö. Well a véier Méint wär dee Plang vläicht ganz aneschters. An da géift Der mat Recht soen: „Wat hutt Der eis dann do presentéiert? Do stëmmt jo näischt méi." An dat ass wahrscheinlech d'Realitéit.

Zum Parkplaz. Do mengen ech ass et kloer: Mir hunn hei kee Parkhaus skizzéiert. Mir hunn als Demandeur vun der Stad Déifferdeng gesot, wat eis Doleancë sinn. An déi hunn eigentlech net geännert. Mir hunn nach ëmmer gesot, mir brauche Parkraum tëschent 800 an 1.200 Plazen. Dat ass dat, wat mer mat allen Aktivitéiten, déi an der Entrée en ville sinn, wëllen.

Ech wëll dat ënnersträichen: Mir wëllen eng aner Mobilitéitspolitik. Mir wëllen net, dass jiddwereen, dee muer op Déifferdeng schaffe kënnt, an d'Parkhaus fiert. Mir wëllen net, dass all Visiteur, deen eng Kéier an de Science Center kënnt, wann en da Realitéit ass, mam Auto kënnt. Mir wëllen dat net. Mir wëllen eng aner Mobilitéit.

Mir befannen eis hei op der Gare vun Déifferdeng, obwuel ech dat Wuert eigentlech net gäre benotzen, um Halt-Arrêt vun Déifferdeng. A mir befannen eis hei um kruziale Punkt, wou sech all Buslinnen treffen. Wou och herno de BHNS sech wäert mat engem Arrêt néierloossen.

Et gëtt all Argumenter. A wa mer all déi Argumenter haut net eescht huelen, fir den Autostrafic op esou enger Plaz nach weider ze reduzéieren – net nëmme fir eis Kräizung ze entlaaschten, dat ass sécher ee Punkt, mä och fir e Paradigmewiessel an eiser Mobilitéit ze kréien –, da mengen ech, däerfe mer alleguerten déi Schüler, déi freides demonstréiere ginn iwwerall, net méi supportéieren.

Ech mengen, mir mussen eis awer bewosst sinn, wat mer wëlle maachen. A mir sinn eis am Schäfferot bewosst, wat mer wëlle maachen. Jo, mir brauchen e Parkhaus. Mir hu Besoin un Autoen. Mir wëllen den Auto och net verdäiwelen. Mä et musse Méiglechkeete ginn, fir och aner Moyenen ze notzen. An déi muss een heiansdo e bësse forcéieren, andeem een net all Besoin mat enger Parkplaz befriddegt.

Dann ass nach gefrot ginn, firwat mer net weider eropgaange si Richtung Science Center. Dat kann ech ganz kuerz erklären. Den 23. Abrëll hate mer eng éischt Reunioun, wou all d'Acteuren, déi sech mam Science Center befaassen, um Ministère zesummekomm sinn. Dat heescht ArcelorMittal, de Ministère de l'Économie, de Ministère du Tourisme war do. D'Stad Déifferdeng war dann och elo emol do, wat mer ganz begréisst hunn.

An an där Reunioun sinn awer nach ganz vill Froe gestallt ginn. Notamment wat den COS, also de Coefficient d'occupation des sols, ugeet. Deen net kloer ass beim Science Center. Wat brauche si?

An engem vun de Rapporten, dee mer elo kritt gehat hu vun där Reunioun, ass eng vun hiren Hausaufgaben, emol ze soen, wéi vill Metercarré si brauchen. Well beim Science Center ass nach enorm vill Developpement dran. Si si wäit ewech vun der Iddi, just déi bestoend Hal ze notzen. Si si scho vill méi wäit. Si soen, si brauchen och nach Plaz déi aner Säit. Si wëllen do nach e Gebai eventuell opriichten.

An do komme ganz kloer Fuerderungen a Froen, datt si eis emol hir Besoinen a Metercarréë ginn. Well wa mer haut dat hei ëmklasséiert hätte mat engem COS vun 0,6, a mir hätten dann herno festgestallt, de Science Center kënnt mat enger genialer Iddi, déi mer all gutt fannen, dann hätte mer erëm missten eng Modifikatioun maachen, well et hätt net gepasst.

Duerfir mécht et och kee Sënn, fir hei de Science Center … Ech weess jo, op wat verschidde Leit hei erausspillen. Dass mer dat elo bewosst maachen, fir déi ze boykottéieren an esou weider. Dat ass guer net de Fall. Et stinn eng Partie Froen op, wou mer nach keng Äntwerten hunn. Mer hoffen, dass mer fir den 19. Juni – dat ass jo net méi laang –, wéinstens e puer Indikatioune kréien. Wa mer de PAG maachen, Iech e presentéieren, dass do dann déi Wäerter dra sinn, mat deene mer alles kënne maachen, wat sënnvoll ass op deem doten Areal.

Dat ass just een Argument. Also do sinn nach eng Partie Argumenter, firwat den nërdlechen Deel vum Science Center net hei mat dran ass.

Den Artikel an der Press, war nach gefrot ginn, firwat deen elo schonn de Freideg dran ass. Dat kann ech natierlech elo net soen. Ech mengen, do ass éischter d'Press, déi ee muss froen, wéi si hir Zeitungsartikele maachen. Deen Interview hate mir schonn e bësse méi laang gemaach.

Mä ech wëll awer soen, dass dat, wat an deem Artikel steet, Propose sinn. An dat ass jo och eng demokratesch Entwécklung. Mat dësem Artikel, deen awer, mengen ech, ganz flott geschriwwe war, hu mer de Bierger zu Déifferdeng Informatioune ginn, wat op deem Terrain leeft. Wat machbar ass a wat denkbar ass.

A wann d'Leit solle mat Iddie kommen, dann ass et jo genau esou een Artikel, dee se vläicht ureegt, ze soen, hei ech hunn och nach eng Iddi, ech hunn och nach eng Propos. An natierlech kënnen d'Leit eis déi dann eraginn. Et ass näischt a Steen gemeesselt. Mir maachen hei eng Modifikatioun vun engem

*et de changer de mentalité ne devraient pas non plus soutenir les manifestants vendredi. Le collège échevinal a une idée précise de ce qu'il veut faire. Il faut un parc de stationnement, car les voitures ne doivent pas être diabolisées. Mais il existe d'autres moyens qu'il faut promouvoir.*

*Pour ce qui est du Science Center, une réunion de tous les acteurs — ArcelorMittal, le ministère de l'Économie, le ministère du Tourisme et la Ville de Differdange — a eu lieu le 23 avril. Des questions ont par exemple été posées concernant le coefficient d'occupation des sols. Il reste à décider ce dont le Science Center a besoin. Celui-ci doit notamment indiquer combien de mètres carrés il lui faut. Car ils comptent se développer bien au-delà de la halle existante, et veulent davantage de place et un nouveau bâtiment. La commune doit donc savoir combien de place réserver au Science Center. Car si le COS est fixé à 0,6 et que le Science Center a une idée géniale, il faudrait le cas échéant modifier une nouvelle fois le PAG.*

*Georges Liesch sait que certains conseillers communaux pensent que le collège échevinal veut boycotter le Science Center. Mais la vérité est que certaines questions restent sans réponse actuellement. Georges Liesch espère avoir davantage d'informations le 19 juin lors de la présentation du PAG.*

*L'échevin ne sait pas pourquoi l'article dont il a été question a été publié vendredi. Il faudrait demander aux journalistes comment ils prennent ce type de décisions. L'entretien a eu lieu bien auparavant.*

*L'article, qui est d'ailleurs bien écrit, reprend des propositions pour informer les citoyens de ce qui se passe sur le terrain. Si les lecteurs ont des idées, ils sont invités à les communiquer au collège échevinal. Rien n'est gravé dans la pierre. Aujourd'hui, il n'est question que de la modification du PAG et non d'un plan terminé.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *revient sur l'article dans le journal. Il vaut mieux discuter des projets avec le conseil communal avant d'en informer la presse et de lui vendre des*

*idées. Serge Goffinet pense que M. Diderich et d'autres conseillers communaux sont du même avis.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *comprend ce que dit M. Goffinet. Il constate cependant que les avis changent selon qu'on fait partie de la majorité ou de l'opposition. Ce qui réjouit Roberto Traversini, c'est que les journaux sont apparemment beaucoup lus.*

*De toute façon, le bourgmestre trouve qu'il ne faut pas faire les difficiles. Il y a un an, la commune aurait rêvé de pouvoir profiter de ce terrain de quatre hectares en plein centre. Ceux qui font les difficiles aujourd'hui montrent qu'ils ont oublié la situation d'il y a un an.*

*Ce reclassement représente une grande chance pour Differdange. Roberto Traversini estime que lorsque des moments aussi importants se présentent, les conseillers communaux devraient s'en réjouir même si quelques détails pourraient être améliorés. La commune se voit mettre à disposition quatre hectares dans le centre.*

*Par ailleurs, une partie du conseil communal semble penser que le collège échevinal ne veut pas de certaines associations. La Ville de Differdange souhaite que le Science Center se développe, mais elle ne s'identifie pas au Science Center. Le Science Center ne décide pas ce que le conseil communal a à faire.*

*Differdange ne doit pas non plus devenir un parking. Le nouveau parking doit être relié au centre et là où se trouve l'actuel parking du contournement, le bourgmestre imagine une grande maison médicale ou peut-être même un troisième lycée, alors que l'école professionnelle a été fermée. Il en reste une grande entre Walferdange et Dommeldange. Alors, pourquoi ne pas rêver d'une structure à Differdange ?*

*Roberto Traversini répète que recevoir ces quatre hectares de la part d'ArcelorMittal est une chance unique. Il les remercie même s'il ne sait pas encore si le terrain sera vendu ou loué pendant 99 ans. Le moment est en tout cas historique pour le centre-ville. Roberto Traversini remercie ceux qui soutiennent le projet. Il regrette cepen-*

PAG. Mir schwätzen net vun engem fäerdege Plang, dee schonn fäerdeg hei läit mat alle Steckeren a mat alle Fënsteren. Dat ass et jo net. Mir schwätze just vun enger Modifikatioun vum PAG. An do ass nach villes denkbar.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ganz gären, Här Goffinet.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Ech wollt eng kleng Remark zum Zeitungsartikel maachen. Et passt ebe besser, wann de Gemengerot fir d'éischt driwwer diskutéiert an et dann an d'Zeitung kënnt. Dat ass deen normalen, dee flotte Wee, wann déi gewielte Vertrieder fir d'éischt driwwer diskutéieren an dann de Schäfferot e Projet oder Iddie verkafen. Dat war eis Iddi. Ech mengen, dat war dem Här Diderich seng Iddi. A wahrscheinlech och nach anere Memberen aus dem Gemengerot. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech verstinn dat. Mä et ass just komesch, wann een an der Oppositioun ass, denkt een aneschters, wéi wann een an der Majoritéit ass. Mech berouegt, datt awer nach vill Leit d'Zeitung liesen. Dat ass ganz positiv.

Ech wëll nach zwou, dräi Saache soen, wann Der mer dat erlaabt. Ech fannen, hei soll een awer net ze vill de spatze Mëndche maachen. Virun engem Joer hätte mer dovunner gedreemt, datt d'Stad Déifferdeng bal véier Hektar op enger Plaz matzen am Zentrum géif vun ArcelorMittal zur Verfügung gestallt kréien. Virun engem Joer war dat absolutt net de Fall. Dofir mengen ech, wann een hei e bëssen de spatze Mëndche mécht, dann huet ee wierklech d'Realitéit vu virun engem Joer vergiess.

Et ass méi wéi eng historesch Chance, déi mer hunn, matzen am Zentrum dat doten esou ëmzeklasséieren. An ech wëll dat hei ënnersträichen. Well ech hunn d'Gefill, et ass all Kéiers esou, wann et wierklech grouss Momenter si fir d'Stad Déifferdeng. Vläicht bréngе mer et amplaz fäerdeg, fir ze soen, dat doten ass gutt, mir kéinten et nach vläicht e bësse besser maachen. Mä dat wëll ech awer hei soen. Mir sollen awer ophalen, de spatze Mond ze maachen, wa mer bal véier Hektar matzen am Zentrum kréien, fir eis Stadentwécklung urbanistesch wierklech ze verbesseren.

An dann hunn ech awer nach e bëssen d'Gefill, datt verschidde Leit nach ëmmer mengen, datt mer verschidden Associatiounen net hei wéilten. Wat totale Quatsch ass. Ech soen Iech, d'Stad Déifferdeng ass nach ëmmer un engem Developpement vum Science Center interesséiert. Mä d'Stad Déifferdeng ass net de Science Center. An et wäert net de Science Center sinn, deen dem Gemengerot virschreift, wat ze maachen ass oder net. Mä ëmgekéiert.

Dat anert: en zweet Parkhaus. Ech mengen, datt dat ënnert dëser Konstellatioun net wäert a Fro kommen. Mir sinn der Meenung, datt Déifferdeng net soll e Parkhaus ginn. Mir sinn der Meenung, datt ee soll d'Liewensqualitéit vun de Bierger a Biergerinne fërderen. An dofir mengen ech, wa mer et sollte fäerdegbréngen, e Parkhaus mam Zentrum ze verbannen, an net iwwert d'Kräizung ze fueren, dann hu mer gutt geschafft.

Wa mer déi aner Säit vum Contournementsparking géifen eventuell en neit Spidol dohinner setzen. Eng grouss Maison médicale. Mir wësse ganz genau, datt d'Südspidol wäert an e puer Joer opgoen. Mir wësse ganz genau, datt de Site Nidderkuer an Diskussiounen ass. Firwat net dreemen a soen, mir hätte gär fir eis Bierger a Biergerinnen eng grouss Maison médicale. Vläicht mat verschiddenen Urgencen.

Ech dreeme vläicht nach vun engem zweeten, drëtte Lycée op där Plaz. Eis Léierbud ass zougemaach ginn. Mir wësse pertinemment, datt mer ganz wéineg Leit hunn, déi Beruffer léieren. Mir hunn an der Stad eng grouss Schoul. Tëschent der Stad a Walfer, zu Dummeldeng. Firwat net drun denken, eventuell esou eppes heihinner ze kréien. Mir all hunn nach ganz vill Iddien. Et ass nach net alles ausgeschlueсht. Dofir ass et och gutt, datt mer hei am Gemengerot driwwer diskutéieren.

Et ass eng eemoleg Chance, véier Hektar vun ArcelorMittal ze kréien. An ech wëll hinnen dofir och elo scho Merci soen. Quitte datt mer nach net wëssen, ob mer et kafen oder lounen op 99 Joer. Doriwwer hate mer déi lescht Gemengerotssitzung geschwat, datt mer dru schaffen.

Op alle Fall ass et en historesche Moment, wat den Zentrum ugeet. Mir haten dat scho laang net méi. Dofir Merci un déi, déi eis ënnerstëtzen. A schued erëm, datt d'DP sech bei esou engem wichtege Projet enthält. Wou se méi un de Science Center denkt wéi un d'Entwécklung vun der Stad. Mä dat weist schonn erëm ganz vill.

Mir géifen zum Vott kommen.

---

*Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 1 abstention d'émettre un avis positif relatif à la modification ponctuelle du PAG à Differdange au lieudit « Differdinger Hüttenwerk – Ancienne terrasse des hauts-fourneaux ».*

---

Villmools Merci. Mir géifen dann zum véierte Punkt kommen. Normalerweis wier et elo un der Madamm Pregno, dat ze maachen. Awer den Här Liesch, dee fréiere Schoulschäffen, huet dat nach a sech. Soudass hien eis dat wäert presentéieren. Sidd awer net ze streng mat em, en huet sech eréischt iwwert de Weekend komplett eraschaffe kënnen.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech maache mäi Bescht. D'Laura Pregno huet dat heite super preparéiert mat sengem Service scolaire hei uewen. Duerfir schonn emol e grousse Merci un d'Laura Pregno fir déi Aarbecht. Ech sinn elo hei eigentlech just de Rapporteur vu senger Aarbecht.

Am Resumé kann ech soen, dass déi Aarbecht an der Kontinuitéit sou weidergeet, wéi dee viregten an och dëse Schäfferot d'Schoulplanung hei an der Gemeng weiderféieren. Mir setze weiderhin op Dezentraliséierung vu gréissere Schoulkomplexer. Nidderkuer ass jo am Gaang. An eng Quartiersschoul fir Déifferdeng ass an der Planung. Dat heescht, mir setze weider op d'Philosophie, fir grouss Schoulzentre méi kleng ze maachen.

Mir setze weider op innovativ Projeten, fir nei Weeër ze goen, andeems mer, wann eis Enseignante mat neien Iddie kommen, si ënnerstëtzen. An dëser Schoulorganisatioun fannt Der zum Beispill e puer nei Iddien erëm. Dat ass also alles an der Kontinuitéit vun deem. Et ass also kee Revirement oder e Quantesprong, mä et ass eng Kontinuitéit. An ech mengen, et ass wichteg an der Pädagogik, am Enseignement, dass een net dauernd vu lénks op riets spréngt, mä eng gewësse Kontinuitéit huet an eng gewësse Rou an déi ganz Thematik erabréngt.

Ech wéilt Iech trotzdeem e bësse verwinne mat e puer Zuelen. Well ech awer en Zuelemënsch sinn, an déi Zuelen zum Deel zum Verständnis bäidroen, wou mer hierkommen a wou mer hiwëllen.

An der Schoulorganisatioun vun dësem Joer gesitt Der en Total vu 5.807 Stonnen Enseignement. Déi gi berechent op d'Schüler, déi sech ageschriwwen hu bis den 31.12. Doropshi kréie mer vum Ministère gesot, wéi vill Stonnen Enseignement mer zegutt hunn. Dat beleeft sech hei op 2.755 Schüler, déi zu deem Zäitpunkt ageschriwwe waren.

Wa mer déi Stonne bis hunn, da gëtt gekuckt, wéi eng Schoul wéi vill Schüler, Klassen, Projeten huet. An da ginn déi Stonne verdeelt op déi eenzel Gebaier.

Dir fannt dat alles am Tableau eraus. Ech kierzen e bëssen of, fir Iech dat net alles virzeliesen. Dir fannt Projeten erëm wéi d'Naturschoul, déi zum Beispill 46 Stonnen huet. D'Technikschoul huet 46 Stonnen. Wat mëttlerweil Institutioune gi sinn. Ech wëll just drop hiweisen, d'Naturschoul gëtt et elo säit 31 Joer hei an der Gemeng. Dat ass e Projet, dee virun 31 Joer vu Leit ausgeduecht gouf n deen haut nach ëmmer funktionéiert. A wou d'Kanner haut nach grad esou begeeschtert si wéi virun 31 Joer.

Eis Technikschoul, déi mer eréischt viru fënnef, sechs Joer ugefaangen hunn, geet deeselwechte Wee. Och do ass d'Begeeschterung vun eise Kanner, fir

*dant que les démocrates s'abstiennent parce qu'ils pensent davantage au Science Center qu'au développement de Differdange.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe au quatrième point et cède la parole à M. Liesch, l'ancien échevin aux affaires scolaires, qui remplace M^me^ Pregno aujourd'hui.*

---

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *va faire de son mieux. Mme Pregno a bien préparé le dossier. Il n'est que le messager.*
*Le travail entamé par l'ancien collège échevinal se poursuit. La commune mise sur la décentralisation des grands complexes scolaires. Une école de quartier est construite à Niederkorn et une autre est en planification à Differdange.*
*Le collège échevinal soutient les idées innovantes des enseignants. C'est pourquoi l'organisation scolaire contient quelques nouveautés même s'il n'y a pas de revirement. Dans l'éducation, la continuité est importante.*
*Georges Liesch va énoncer quelques chiffres, car ils contribuent à la compréhension. L'organisation scolaire compte 5807 heures d'enseignement. Les heures sont calculées sur la base de 2755 élèves inscrits au 31 décembre. Ensuite, les heures sont réparties en fonction des écoles, élèves, classes, projets, etc.*
*Les conseillers communaux disposent d'un tableau. L'École Nature et l'École technique disposent de 46 heures chacune. Georges Liesch rappelle que l'École Nature existe depuis 31 ans et que les enfants sont enthousiastes. La même chose est vraie pour l'École technique ouverte il y a six ans. Ces structures démontrent que la Ville de Differdange est disposée à s'engager dans de nouvelles voies.*
*Le comité scolaire décide quoi faire du petit surplus en heures dont dispose Differdange. Le projet d'équitation de 29 heures connait un beau succès. Certains élèves sont parfois plus complexes que les autres. Les punir ou les menacer ne sert à rien. En revanche, le contact avec les animaux peut déclencher un déclic leur permettant de sortir*

*de leur situation et de retrouver une certaine normalité.*
*Une large part du surplus est destiné à l'accueil. Celui-ci prépare pendant un an les enfants arrivés récemment à Differdange et ne maitrisant pas la langue. De cette façon, ils ont une chance de prendre pied dans le système scolaire luxembourgeois.*
*Actuellement, il reste 1260 heures à occuper par des enseignants qualifiés. Georges Liesch regrette que chaque année, il manque du personnel parce que les enseignants ne veulent pas venir à Differdange. En tant qu'enseignant, Georges Liesch sait qu'il y a des écoles où il est plus facile d'enseigner. Mais c'est justement pour cette raison que la commune a besoin des meilleurs, c'est-à-dire de pédagogues s'investissant totalement dans l'éducation des enfants afin de préparer leur avenir. Georges Liesch en profite pour lancer un appel aux étudiants pour qu'ils viennent à Differdange mettre en pratique ce qu'ils ont appris. La commune les soutiendra et est ouverte aux nouveaux projets.*
*Georges Liesch a suivi l'évolution des établissements au cours des dernières années. Elle correspond à ce qu'avait prédit l'étude démographique réalisée il y a quelques années. Dans certains établissements, le nombre d'élèves recule, dans d'autres il augmente ou stagne.*
*À Differdange, le nombre d'élèves est passé de 790 en 2016 à 706 aujourd'hui. En quatre ans, il y a donc cent enfants de moins à Differdange. L'étude démographique prévoyait que Differdange croitrait moins rapidement que les autres localités. Il reste donc 700 enfants. C'est pourquoi une école de quartier pour 250 ou 300 enfants est nécessaire. Le campus de Differdange retrouverait alors une taille normale.*
*Le Fousbann stagne avec quelque 535 élèves. Le bâtiment ne permet de toute façon pas d'accueillir plus d'enfants, ce qui signifie qu'en cas d'accroissement de la population, il faudra chercher une solution au Woiwer.*
*À Niederkorn, la population est destinée à croitre et cela se reflète dans l'organisation scolaire. Bientôt, cette localité sera aussi grande*

dohinner ze goen, immens grouss. An de Feedback, dee mer kréie vun de Kanner, vun den Elteren a vun den Enseignanten och. Hei gesäit een, dass d'Stad Déifferdeng prett ass, nei pädagogesch Weeër ze goen, wann et drëm geet, kreativ ze ginn.

Mir hunn ëmmer e klenge Surplus u Stonnen. Wou d'Schoulorganisatioun an d'Schoulcomitéë sech zesummesetzen a kucken, wou mer déi Stonnen nach higinn. Mir hunn do e klenge Projet, dee Reitpädagogik heescht. Dee mat 29 Stonne vläicht ganz bescheiden ass, mä deen awer en immense Succès huet.

Mir hu Kanner, déi heiansdo, aus verschiddenen Ursaachen, einfach op eemol aneschters ticke wéi de Rescht vun der Welt. Dann hëlleft et sécher net, déi Kanner ze bestrofen oder mat Konsequenzen ze droen. An dat hei ass e ganz klenge Projet, wou eng Rei Kanner, wa se a Kontakt mat Déiere kommen, an dësem Fall mat Päerd, einfach aus hirer Situatioun erauskommen, einfach emol en Declic fannen, fir erëm eng Kéier geäert ze ginn. An erëm e Wee zréckfannen an eng méi normal Situatioun. Dat ass e klenge Projet, fir mech awer e ganz wichtege Projet.

Ganz vill Stonne vun eisem Surplus ginn och nach ëmmer, sou wéi an deene leschte Joren, an den Accueil. Dat ass eppes, wat mer hei zu Déifferdeng ubidden, wou mer déi Kanner, déi op Déifferdeng kommen, déi keng Sprooch beherrschen, déi hei an der Schoul geschwat gëtt, an en Accueil setzen. Wou mer se iwwer ee Joer preparéieren op dat, wat herno kënnt. Fir hinnen esou wierklech eng Chance an eng Perspektiv ze ginn, fir am Schoulsystem Fouss ze faassen an hire Wee do ze maachen.

Dir gesitt am Tableau, wann Der d'Rechnung gemaach hutt, datt ronn 1.260 Stonnen iwwreg bleiwen, déi mer am Moment net besat hu vu qualifizéierten Enseignanten. Dat ass – dat soe mer, mengen ech, all Joer hei –, immens bedauerlech, dass mer net genuch Personal fannen, net genuch Léierkräfte fannen, déi op Déifferdeng kënnen oder wëlle kommen.

Ech weess net, aus wéi engen Ursaachen et ass. Ech mengen, dass et – an do schwätzen ech och als Enseignant – Plazen am Land gëtt, wou et méi einfach ass, Schoul ze halen. Ech mengen, dat ka kee vun eis ofstreiden. Déifferdeng ass a war net déi einfachst Plaz, fir Schoul ze halen. Duerfir brauche mer hei zu Déifferdeng, mengen ech, awer déi beschte Leit. Nämlech déi, déi mat Häerz a Séil Pädagog sinn, déi de Kanner wëllen eppes bäibréngen a si op de Wee an hir Zukunft preparéieren.

Leider fanne mer der net genuch. An et bleiwen 1.260 Stonnen op. Dat ass bedauerlech. An ech kann hei nëmmen en Opruff maachen un all Jonker, Schüler, déi um Wee sinn an der Ausbildung, fir dee Beruff do ze ergräifen – well et e ganz flotte Beruff ass –, sech op Déifferdeng ze mellen an heihinner ze kommen. Well hei kann een dat, wat een an der Schoul geléiert huet, ëmsetzen. An hei kann ee vill mat der Gemeng ëmsetzen. Mir sinn ëmmer do. Mir hunn ëmmer en oppent Ouer, wann nei Projete kommen, fir déi ze ënnerstëtzen.

Dat e bëssen zum philosopheschen Deel. Elo kommen ech erëm zréck bei d'Zuelen. Ech hunn déi eenzel Gebaier e bëssen analyséiert an deene leschte Joren, wéi se sech entwéckelt hunn. Do gesi mer, dass mer grosso modo eigentlech de Linne folge vun där demografescher Etüd, déi mer virun dräi, véier Joren an Optrag ginn haten. Déi eis jo gewisen hat, wéi eng Zonen zu Déifferdeng méi staark wuessen, wéi eng stagnéieren a wéi eng zréckginn.

Ech fänken emol u mat där, déi zréckgeet. Dat ass Déifferdeng. Wat och an der demografescher Etüd esou erauskomm ass. Hate mer 2016 nach bal 800 Kanner, ass déi Zuel an de Joren op 763, 735 an haut op 706 Kanner zréckgaangen. Dat heescht, an Zäit vu véier Joer hu mer 100 Kanner manner zu Déifferdeng. Dat ass eng Ausso aus der demografescher Etüd. Déifferdeng wäert manner staark wuessen, an de Schoulkomplex geet lues a lues zréck.

Mä et bleiwen nach ëmmer 700 Kanner am Zentrum vun Déifferdeng, dat muss ee sech emol virstellen. Duerfir mécht déi Quartiersschoul, déi mer plangen, nach ëmmer absolutt Sënn. Wou mer 250 oder 300 Kanner eventuell do nach kënnen eraushuelen. An da géif Déifferdeng op eng normal Gréisst vun engem Schoulcampus zréckgoen.

Um Fousbann, gesi mer an der Entwécklung, sou wéi d'demografesch Etüd et am Moment gesäit, e Status quo. Mir schwammen esou ëm déi 535 Schüler. Et geet e bëssen erop an e bëssen erof. Mä dat bleift eigentlech esou, wéi et ass. D'Gebai bitt am Moment och net méi Méiglechkeeten. Dat heescht, do muss een dann och soen, wa Kanner um Fousbann bäikommen, deemno wou se wunnen, kréie mer se um Fousbann wahrscheinlech net ënnerdaach. Mer musse se dann éischter op de Woiwer ginn. Dat gesäit een dann och bei den Zuele vum Woiwer, déi e bëssen am Contresens variéiere wéi de Fousbann.

Zu Nidderkuer gesi mer e Wuesstem, och deen huet d'demografesch Etüd erausgesinn. Nidderkuer entwéckelt sech an engem Mooss, dass et geschwënn esou grouss ass wéi Déifferdeng. Wat eis jo Suerge gemaach huet. Duerfir ass d'Quartiersschoul zu Nidderkuer am Mattendall jo voll am Gaang. Soudass mer hoffen, dass mer déi Situatioun schnell revidéiert kréien an 200 bis 300 Kanner an de Mattendall an d'Schoul huele kënnen.

2016 ware mer bei 509 Schüler. Du si mer op 592 eropgaangen. An haut si mer bei 616 Kanner. Dir gesitt, déi Croissance zu Nidderkuer ass scho grouss. A wann een d'Entwécklunge gesäit vun de Projeten, notamment Mattendall, da weess een, dass dat och nach esou virugeet. An och déi demografesch Etüd huet dat esou beluecht.

Zu Uewerkuer, huet d'demografesch Etüd gesot, dass mer kee gréissere Wuesstum ze erwaarden hätten. Mir stelle fest, dass d'Zuel an de leschten dräi Jore relativ stagnéiert huet. Dass se dëst Joer awer op 525 eropgaangen ass. Wou mer d'lescht Joer nach bei 480 waren. Also 40 Kanner méi. Dat kann eng punktuell Erhéijung si vum Quartier Kazebësch, wou sech elo d'Famillen alleguerten néiergelooss hunn, wou eng Partie Kanner bäikomm sinn. Dat kéint eng Erklärung sinn. Dat wär e Punkt, deen een nach méi genau analyséiere kéint.

Sou wéi ech et aschätzen, ass et eng punktuell Erhéijung, déi an deenen nächste Joren erëm ofschwäche wäert, well mer keng gréisser Bauprojeten an och keng Verdichtungsprojeten zu Uewerkuer méi hunn. Ech mengen, dass dat sech erëm apendele wäert.

Zum Schluss dann nach de Woiwer, wou mer plus ou moins stabil sinn. An, wéi gesot, am Contresens mam Fousbann e bësse wäerte variéieren.

Dann hu mer 36 Kanner an eiser Bëschschoul ageschriwwen dëst Joer. Dat ass e Projet, dee virun zwee Joer an d'Liewe geruff gouf an deen haut och schonn eng fest Plaz an eiser Schoulorganisatioun huet. Wou d'Demandë grouss sinn. Wou mer natierlech och nach méi Kanner kéinten ophuelen, wa mer Plaz hätten, fir en neie Projet ze maachen. Ech weess, dass d'Laura Pregno intensiv dorunner schafft, fir ze kucken, ob een nach eng Extensioun, sief et op enger anerer Plaz, oder alternativ Modeller zum klassesche Schoulsystem, wéi mer e kennen, kéint ubidden.

E puer Punkten aus der Schoulorganisatioun si mer opgefall – Iech sécher och –, wat geännert huet par rapport zu der Schoulorganisatioun vun de leschte Joren. Dir gesitt, dass d'Remplacementer net méi vun der Gemeng gemaach ginn ab der nächster Rentrée.

Et ass esou, dass mir dat jo bis elo hei op der Gemeng selwer gemaach hunn. Dat heescht, eis Leit waren ab hallwer siwen hei, falls Enseignante sech ofgemellt hunn, fir schnell e Remplaçant ze fannen. Et muss een awer och soen, mir waren nach eng vun deenen eenzege Gemengen, déi dat eigentlech gemaach huet, op eis Käschten. A mir maachen dat elo och net méi.

Dat heescht, dat ass elo zentraliséiert ginn, an dat iwwerhëlt dann och de Staat. Dat heescht d'Absencen, also wann Enseignante sech ofmellen, ass net méi bei eis, mä dat ass an hirer Direktioun. An déi organiséieren dann och de Remplacement. Soudass déi Aarbecht bei eis am Service elo ewechfält.

Eng Iddi, déi ech interessant fannen, déi zu Déifferdeng am Zentrum probéiert gëtt: Si probéieren e Modell aus, fir d'Pausen e bëssen ze réckelen. Dat heescht déi Moiespaus, déi klassescherweis jo um zéng Auer ass – also zwou Stonnen Enseignement, eng Paus an erëm zwou Stonne Cours. Si ginn elo op e Modell, wou se probéieren, dräi

*que Differdange. C'est pourquoi l'école du Mathendahl est en train d'être construite. Elle accueillera 200 à 300 enfants. Depuis 2016, le nombre d'élèves est passé de 509 à 616. Cette tendance va se poursuivre compte tenu des lotissements en train d'être construits.*
*À Oberkorn, les chiffres stagnent depuis trois ans comme le prévoyait l'étude. On constate cependant une augmentation de la population scolaire qui passe de 480 à 525. Georges Liesch rappelle que des familles ont emménagé au Kazebësch. L'échevin pense donc qu'il s'agit d'une augmentation ponctuelle. En effet, il n'y aura pas de projets de construction importants à Oberkorn prochainement.*
*Le Woiwer reste stable.*
*Trente-six enfants sont inscrits à l'école en forêt. Ce projet créé il y a deux ans connait une forte demande. L'école pourrait accueillir plus d'enfants s'il y avait davantage de place. Mme Pregno évalue les possibilités d'étendre l'école ou de modifier le modèle.*
*Georges Liesch passe aux changements par rapport à l'année dernière. À partir de la prochaine rentrée, les remplacements ne seront plus effectués par la commune. Jusqu'à présent, le service scolaire de la commune était occupé à partir de 6 h 30 au cas où il fallait remplacer un enseignant. Differdange était une des dernières communes à procéder de la sorte. À partir de l'année prochaine, la procédure sera centralisée et l'État s'en occupera. Le service scolaire aura donc moins de travail.*
*Georges Liesch trouve intéressante une idée développée à Differdange-centre. L'école veut déplacer la pause. Actuellement, elle a lieu à 10 h, c'est-à-dire après deux heures de cours. L'idée consiste à la déplacer à 11 h. Ce modèle devra être évalué pour en tirer les conclusions nécessaires. Le cas échéant, ce modèle pourra être supprimé ou développé.*
*Le partenariat avec l'école de musique entamé l'année dernière se poursuivra et s'intensifiera. Le ministère de l'Éducation nationale salue expressément cette démarche. Les enseignants de l'école de musique pourront tenir des cours à*

*l'école fondamentale. Georges Liesch trouve cette idée extraordinaire. Les responsables de l'école de musique et du service scolaire sont en train d'élaborer un concept pour le ministère. Differdange se lance donc sur une nouvelle voie pour initier les enfants à la musique et à l'art.*
*Georges Liesch remercie M^me^ Pregno pour la présentation qu'elle a préparée et qu'il a révisée ce week-end.*
*Il rappelle que Marilena Falbo, qui dirige le service scolaire depuis quelques années, a décidé de reprendre l'enseignement. C'est une enseignante engagée qui n'a pas hésité à imposer ses points de vue lorsqu'il y a eu des conflits avec ses collègues. Georges Liesch comprend qu'après plusieurs années, elle ait envie de retourner à l'école. Il est convaincu qu'elle y réalisera du bon travail comme elle l'a fait à la commune. Il la remercie au nom du collège échevinal.*
*Marilena Falbo sera remplacée par Monique Schmit, qui travaille depuis longtemps au service scolaire. Elle a connu divers responsables ; désormais, c'est son tour. Georges Liesch sait qu'avec elle, le service est entre de bonnes mains. Elle ne provient pas du secteur de l'enseignement, mais elle a les compétences requises. Elle est extrêmement engagée et se trouve à la bonne place.*
*Ensemble avec M^me^ Pregno, Georges Liesch lui souhaite bonne chance pour les prochaines années.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *félicite le service scolaire pour ce rapport détaillé et remercie la direction scolaire, le personnel enseignant, la commission scolaire et les représentants des parents d'élèves pour leur engagement.*
*Tout a été dit concernant l'organisation scolaire. Guy Altmeisch va cependant revenir sur quelques points. Il serait important de mentionner dans le dossier les inscriptions d'enfants differdangeois à l'école internationale afin de surveiller la situation.*
*Guy Altmeisch salue le fait que l'encadrement des élèves à Aquasud puisse être assuré à nouveau. Deux maitres nageurs s'occupent*

Stonne Cours ze halen an dann eréischt Paus ze maachen.

Dat ass e Modell, wéi kloer an der Organisatioun steet, dee se wëllen ausprobéieren, evaluéieren an natierlech duerno och déi richteg Konklusiounen draus zéien. Ass dee Modell bénéfique fir eis Schüler oder net? An da kann een dat, gegebenenfalls revidéieren oder ausbauen. Ech fannen esou Projeten interessant, dass een emol esou Pisten ugeet a kuckt, wat dobäi erauskënnt.

E leschte Punkt, deen ech eraussträiche wéilt, ass déi Kollaboratioun mat der Museksschoul. Déi mer d'lescht Joer schonn ugefaangen hunn. Déi sech am Fong dëst Joer nach intensivéiert an och méi festegt. Dir gesitt, an der Schoulorganisatioun ass e Courrier vum Ministère de l'Éducation Nationale dran, deen dës Demarche hei ausdrécklech begréisst an ënnerstëtzt. Dat heescht, dass d'Enseignanten aus der Museksschoul elo och d'Musekscoursen an der normaler Schoul kënnen halen. Ech fannen dat eng super Iddi, fir dat esou ze maachen. An de Ministère fënnt dat iwwregens och. Déi Kollaboratioun gëtt elo nach weider ausgeschafft.

De Ministère waart elo nach op e Pilotprojet, also e Konzept, wat soll ausgeschafft ginn. Déi Responsabel vun der Museksschoul an déi Responsabel vum Schoulservice schaffen drun. Mä ech mengen, dass dat erëm eng nei Pist ass, déi hei zu Déifferdeng opgeet. An Dank och, mengen ech, dem Succès vun eiser Museksschoul. Wat e ganz flotte Wee gëtt, fir d'Kanner nach méi no un d'Musek an un d'Konscht erunzeféieren.

Ofschléissend géif ech wëllen e puer Mercien ausdrécken. Dem Laura Pregno hunn ech scho Merci gesot fir seng super Preparatioun, déi et mer hei hannerlooss huet. Wou ech mech iwwert de Weekend e bëssen eraschaffe konnt.

Dir hutt vläicht schonn héieren, dass d'Marilena Falbo, wat jo detachéiert war déi lescht Joren, fir de Schoulservice ze leeden, zréck an d'Schoul geet. Ech selwer hunn déi lescht Legislatur vill mam Marilena zesummegeschafft. An ech wollt him vun dëser Säit e ganz grousse Merci soen.

Ech hunn d'Marilena Falbo op jidde Fall geschat als eng immens engagéiert Léierin, déi sech voll fir de Schoulservice agesat huet a sech och net gescheit huet, bei Konfliktsituatioune mat de Kolleegen hir Fra ze stoen a sech duerchzesetzen. Ech kann awer verstoen, dass ee seet: No esou vill Jore geet et duer, ech wëll emol erëm eng Kéier e bësse Schoul halen. Ech gi gär erëm an dee Milieu zréck, wou ech hierkommen.

An ech weess, dass hatt seng Aarbecht als Enseignante genau esou gutt wäert maachen, mat genau deemselwechten Engagement wéi hei op der Gemeng. Duerfir vu mir aus, an ech mengen am Numm vum Schäfferot, e ganz grousse Merci un d'Marilena Falbo fir déi lescht Joren, wou et fir eis hei geschafft huet.

Seng Remplaçante gëtt d'Monique Schmit. An och do kann ech nëmme soen, d'Monique Schmit schafft scho genau esou laang, wann net scho méi laang eigentlech, am Schoulservice. Hatt huet scho méi Responsabeler matgemaach, an hatt gëtt dann elo Responsabel vun deem Service. An do weess ech och, dass eisen Département scolaire an deenen allerbeschten Hänn beim Monique ass.

Hatt kënnt net aus dem Schoulberäich, mä et huet absolutt Kompetenzen. Et kennt dee ganze System aus dem Effeff. Et ass eng immens engagéiert Fra, déi mengen ech do op där richteger Plaz ass. An ech wënschen him, zesumme mam Laura Pregno, eng glécklech Hand an deenen nächste Joren, wat d'Schoulen an d'Schoulorganisatioun ugeet. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Altmeisch, w.e.gl.

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der LSAP wëll ech dem Service scolaire felicitéiere fir deen detailléierte Bericht. Mir wëllen och der Schouldirektioun, dem Schoulpersonal mat hire Presidentinnen, der Schoulkommissioun mat der Elterever-

triedung Merci soe fir hir Aarbecht am Interêt vun der Zukunft vun eise Kanner.

Zu der Schoulorganisatioun selwer ass alles gesot ginn. Erlaabt mer, e puer Punkten unzeschwätzen. Am Kapitel 1.2 Admission à une autre école op der Säit 11 wier et vu grousser Wichtegkeet, wa mir d'Aschreiwung an der École internationale vun den Déifferdenger Kanner géifen uginn. Fir esou en Iwwerbléck iwwert d'Entwécklung vun dëser Situatioun ze behalen.

Am Kapitel 6.2 geet et ëm d'Schwammcoursen am Aquasud. Mir begréissen, dass endlech erëm deen néidegen Encadrement vun de Schwammstonne vun eise Kanner duerch dräi Schwammmeeschtere vun der Gemeng Déifferdeng assuréiert gëtt. Zwee dovunner maachen d'Surveillance, an deen Drëtte bréngt de Kanner d'Schwamme bäi. Eng gutt Saach.

D'Kapitel 8.1.5. handelt vun der Museksschoul. Mir fannen dës Initiativ, déi schonn am Laf vun dësem Schouljoer 2018/2019 ugelaf ass an elo nach weider ausgebaut gëtt, wou d'Kanner ënner anerem d'Spille vun engem Musekssinstrument bäibruecht kréien, eng exzellent Saach.

Ech wëll meng Interventioun heimadder ofschléissen, fir eng permanent Widderhuelung ze vermeiden. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Altmeisch. D'Madamm Brassel-Rausch Christiane, w.e.gl.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, et ass scho vill gesot ginn. Als gréng begréisse mer d'Kontinuitéit an där ganzer Saach, wat d'Schoul ubelaangt. Den Här Liesch hat laang d'Responsabilitéit als Schäffe vun der Schoul. En huet ganz vill nei Weeër ageschloen, déi am Gaang sinn, sech ze beweisen.

An dass Kontinuitéit do ass, ass awer och gutt, fir dass erëm e bësse Rou an déi Schoul kënnt. Déi relativ opgewullt war vun all deene Reformen – ouni se wëllen ze bewäerten –, déi awer eng gewëssen Onrou mat sech bruecht hunn. Dofir begréisse mer natierlech déi Kontinuitéit hei an der Gemeng.

Mir begréissen och, dass d'Direktioun d'Remplacementer iwwerhëlt fir d'Enseignanten. Ech selwer, mengen ech, hat et gefrot hei vun dëser Plaz aus. Ech hoffen, dass dat an därselwechter Qualitéit weidergefouert gëtt, wéi eis Schoule gewinnt waren, verwinnt ze ginn, an deem Sënn. Mir wënschen hinnen op jidde Fall bonne chance.

Ech wëll nach eng Fro stellen. Den Här Liesch seet, zu Déifferdeng geet d'Zuel erof. Inwiefern ass den Impakt vun der Europaschoul do mat dru Schold, dass Déifferdeng-Zentrum erofgeet?

Mir begréissen déi Initiativ vun der Museksschoul. Ech selwer hat d'Chance, mam Direkter vun der Museksschoul ze schwätzen. Dat Angebot ass scho ginn, dass Titulairë vun der Museksschoul hei an den Déifferdenger Zentrum gaange sinn. Si hunn eng grouss Reussite domadder. Si hu vill méi Kanner, déi sech an d'Museksschoul aschreiwe kommen.

A vu dass dat elo ausgebaut gëtt, wënsche mer hinne vun dëser Plaz aus bonne chance. Et ass eng Mesure, déi sech areit an dat Ganzt vun där Onrou, déi an der Schoul ass. Fir d'Kanner, wéi den Här Liesch och sot mat der Reitpädagogik, erëm mat zwee Féiss op de Buedem ze kréien.

Dobäi wëll ech bemierken, dass mer vum Ministère aus, wann ech richteg gelies hunn, 50 zousätzlech Stonnen, hors contingent, kréien. Dovunner si 25 eleng nëmme fir den Espace. Dat heescht, fir déi Kanner ze betreien, déi Verhalensstéierungen hunn. Wat absolutt ze begréissen ass. Ech wäert elo net nach eng Kéier op d'Reitpädagogik an op d'Naturschoul agoen.

Da wëll ech nach eppes ënnersträichen, well et en Uleies vu mir ass. An där neier Schoulorganisatioun steet, dass verschidde Säll souwuel vun der Schoul wéi vun de Maison-relaise kënne genotzt ginn. Ech hoffen, dass et am Sënn

*de la surveillance tandis qu'un troisième enseigne la natation.*
*L'initiative de l'école de musique visant à enseigner aux enfants à jouer d'un instrument de musique est une excellente chose.*
*Guy Altmeisch va s'arrêter là pour éviter de répéter les mêmes choses.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *salue la continuité dans laquelle s'inscrit l'organisation scolaire. Elle rappelle que M. Liesch a longtemps été échevin à l'enseignement et qu'il a lancé de nombreux projets. Il a aussi contribué à calmer la situation après les multiples réformes.*
*Mme Brassel-Rausch se réjouit du fait que la direction scolaire se charge désormais du remplacement des enseignants malades. Elle espère que ce nouveau système fonctionnera aussi bien que le précédent.*
*M. Liesch a parlé d'une baisse des effectifs à Differdange. Quel est l'impact de l'école internationale dans ces chiffres ?*
*Christiane Brassel-Rausch salue l'initiative de l'école de musique. Elle en a discuté avec le directeur de l'école de musique. De nombreux élèves finissent par s'inscrire. La conseillère communale leur souhaite bonne chance.*
*Cette initiative s'inscrit dans la suite de mesures comme la pédagogie équestre, visant à responsabiliser les enfants.*
*Le ministère octroie à la commune cinquante heures hors contingent. Vingt-cinq heures sont destinées aux enfants souffrant de troubles du comportement.*
*Christiane Brassel-Rausch rappelle ensuite que certaines salles seront occupées à la fois par l'école et les maisons relais. Elle espère que cela contribuera à une meilleure coopération entre les structures d'accueil et l'école. Elle souligne toutefois que Differdange a beaucoup progressé dans ce domaine même s'il reste quelques problèmes de nature pratique.*
*Pour le reste, tout a été dit. Christiane Brassel-Rausch remercie tous ceux qui travaillent dans le milieu.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *souligne l'importance de l'organisation scolaire chaque année. M. Liesch vient*

*de détailler celle de 2019-2020. Christiane Saeul se montrera brève. Tout d'abord, elle remercie tous ceux qui ont collaboré à la réalisation du document : l'échevine, le service scolaire, la commission scolaire, les représentants des parents d'élèves, le personnel enseignant, etc.*
*Deux-mille-huit-cent-trente-sept enfants sont inscrits dans les écoles en 2019 pour une moyenne par classe de quinze élèves.*
*Christiane Saeul salue les activités pédagogiques supplémentaires comme l'École Nature, permettant aux enfants de sortir du cadre normal de l'école. Elle mentionne ensuite l'École technique du Woiwer, la classe en forêt et le partenariat avec l'école de musique. Sept classes de Differdange participent à ce partenariat. Un enseignant de musique s'y déplace une fois par semaine pour enseigner un instrument aux enfants et même à l'instituteur s'il le souhaite. En 2019-2020 s'ajoute la possibilité d'apprendre à jouer d'un instrument à bois.*
*Dans le cadre du « Séchere Schoulwee », Christiane Saeul mentionne les initiatives « Dem Poli seng Päif », « Kuck a Klick », l'école du bus… Les écoles profitent aussi du jardin de circulation au Metzkimmert.*
*Les enfants aux troubles du comportement peuvent participer à la pédagogie équestre à la Ferme rouge. Les offres sont adaptées en permanence aux enfants afin de permettre un développement optimal de leur personnalité.*
*Le DP approuvera l'organisation scolaire 2019-2020.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *constate comme Mme Saeul que l'organisation scolaire est un point important revenant d'une année à l'autre parce que l'école a lieu chaque année. (Rires)*
*Gary Diderich ajoute que c'est une bonne chose à moins qu'on ne doive aller à l'école soi-même.*
*La commune est consciente de l'importance de l'école et de sa mission. Gary Diderich remercie le personnel enseignant et le service scolaire. Toutefois, l'école publique ne parvient pas à offrir les mêmes chances*

ass, dass déi Zesummenaarbecht souwuel vun de Structures d'accueil wéi vun der Schoul, dozou bäidréit, dass et um Terrain funktionéiert.

Ech mengen, mir sinn eis net bewosst, wéi wäit a wéi gutt Déifferdeng an deem Secteur do steet. Ech wëll dat dofir nach eng Kéier ënnersträichen. Et gëtt vläicht nach Problemer praktescher Natur. Awer wat d'Maison-relaisen an d'Schoulen ugeet, brauche mir eis hanner kengem ze verstoppen. Dat wëll ech emol eng Kéier ganz kloer gesot hunn.

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Très bien !

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech mengen, ech ka meng Interventioun ofschléissen. Souwäit ech gesinn, hunn ech alles gesot. An ech soen natierlech den Enseignanten, wéi alleguerten deenen, déi deen heiansdo zäitweis schwéiere Beräich geréieren, nach eng Kéier villmools Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Perfekt. Madamm Saeul, w.e.gl.

---

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Här Buergermeeschter. D'Schoulorganisatioun ass all Joer e wichtege Punkt um Ordre du jour vum Gemengerot. Zu der Schoulorganisatioun fir d'Joer 2019/2020 huet de Schäffe Georges Liesch eis all d'Detailer genannt an erkläert. Dofir kann ech mech kuerz halen.

Un éischter Stell wëll ech all de concernéierte Leit, déi un dëser Schoulorganisatioun matgeschafft hunn, e grousse Merci soen. An der Schoulschäffen an deem ganze Schoulservice, mam Marilena Falbo a senger zukünfteger Successeurin, bonne chance wënschen. Och der Schoulkommissioun an der Elterevertriedung. Merci och un dat ganzt Schoulpersonal, wat all Dag an der Schoul Wësse vermëttelt.

Fir 2019 si mer elo scho bei 2.837 Schüler an 188 Klasse fir d'Schouljoer 2019/2020. An enger gudder Klassemoyenne vu 15 Schüler – 15,1 Schüler, fir genau ze sinn.

Ze begréissen ass an eiser Gemeng, dass se hei zu Déifferdeng, ausser der normaler Schoul, e bëssen erausginn an de Kanner zousätzlech pädagogesch Méiglechkeete ginn. Ausserhalb de Schoulstonnen, wéi scho gesot. D'Naturschoul op der Zowaasch, déi mat Succès schonn 31 Joer besteet. D'Technikschoul um Woiwer mat Elektresch- an Holzatelieren. Oder de Schüler hiert Interessen un der Wëssenschaft aktivéieren. Och d'Bëschklass.

Nei ass d'Zesummenaarbecht mat der Museksschoul. Déi schéngt gutt ze fonctionnéieren. Et si siwe Klassen, déi sech vun Déifferdeng gemellt hunn. De Musekspr off kënnt eemol d'Woch an d'Klass mam Schoulmeeschter. Wou d'-Schüler geléiert ginn, Instrumenter ze spillen. De Schoulmeeschter och, wann e wëllt. 2019/2020 ass souguer d'Méiglechkeet ginn a virgesinn, fir en Holzinstrument spillen ze léieren.

Am Kader vun der Initiativ „séchere Schoulwee" gëtt et folgend Initiativen. Fir d'Spillschoulen: „Dem Poli seng Päif", eng Initiativ vun eiser Police Grand-Ducale. Am éischte Schouljoer: „Kuck a Klick". D'Initiativ, déi de Schüler de richtege Wee an d'Verhalen op der Strooss an den Trottoirë léiert. Am Cycle 3: d'Bus-Schoul. Wéi verhalen ech mech richteg am Bus an op der Bushaltestell?

Vill profitéiert gëtt och vum Verkéiersgaart um Metzkimmert. Fir eis Kanner mat Verhalensschwieregkeeten, do kommen ech och drop zréck, hu mer Reitpädagogik um Roudenhaff. Zwee Päerd fir mat de Kanner ze schaffen, a Präsenz vun der Reitpädagogik-Léierin. Fir am Ëmgang mat Päerd Responsabilitéit ze iwwerhuelen.

Dës Offere gi permanent ugepasst, fir se un d'Besoine vun de Kanner ze adaptéieren, fir eng optimal Entwécklung vun der Personalitéit vun de Kanner. Kee Kand soll op der Streck bleiwen.

Soudass all Kand d'Méiglechkeet op e gudde Start an d'Liewen huet.

Deemno ass eis Schoulorganisatioun e ganz wichtegen Dossier. D'Demokratesch Partei stëmmt dës Schoulorganisatioun 2019/2020. An ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Den Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen am Gemengerot, d'Schoulorganisatioun ass, wéi D'Madamm Saeul et scho gesot huet, e ganz wichtege Punkt, deen all Joers erëmkënnt. Well d'Schoul eben all Joers weidergeet.

(Gelaachs)

An dat ass och ganz gutt esou. Ausser wann ee selwer muss an d'Schoul goen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dat ass och richteg.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Mir sinn eis bewosst, wat d'Aufgab vun der Schoul ass a wat déi wichteg Missioun vun der Schoul ass. Mä trotz ganz villen Ustrengungen, wou ech alle Bedeelegte Merci soen, deem ganze Léierpersonal an dem Schoulservice, fir déi heiten Aarbecht, gesi mer nach ëmmer zu Déifferdeng, awer och landeswäit, dass mer mat der Iddi vun der ëffentlecher Schoul, déi zur Chancëgläichheet soll bäidroen, net alles opgefaange kréien.

Oder zum Deel, virun allem spéider, wa mer an e Schoulsystem kommen, deen d'Leit selektionéiert a vill Dieren och zouméch, au fur et à mesure de Géigendeel bewierken. An am Fong déi sozial Ënnerscheeder nach bestäerken. An dat ass ganz schued, wann ee kuckt, wéi vill gudde Wëllen, Aarbecht, d'Personal drastécht, fir eben de Géigendeel ze bewierken.

Hei zu Déifferdeng hu mer an deem Sënn ganz vill Initiativen, déi weisen, wat een alles ka maachen, wat ee soll maachen. Wat eng ganz Rei Méiglechkeeten opmécht fir ganz vill Kanner, déi se soss net géife kréien.

Déi gréisst Innovatioun, déi mer elo dëst Joer an der Schoulorganisatioun gesinn, dat ass, dass d'Musek nach méi eng staark Plaz an der Schoul kritt. Dat ass nëmmen ze begréissen. Et gëtt Etüden, déi beleeën, déi wichtegst Schoulfächer wäre Musek, Sport an an d'Natur ze goen. An an déi Richtung soll et, mengen ech, goen an deem Projet mat der Museksschoul. An deem Sënn ënnerstëtze mer dat och.

Wat de Sport ugeet, wollt ech nofroen, wéi et mat der Schwämm ass. Virun zwee Joer ass scho gesot ginn, et gëtt esou lues enk an der Schwämm. Et ass och dat, wat ech bëssen esou matkréien. Ech hunn awer hei an der Schoulorganisatioun keng konkret Chiffere gesinn. Wéi eng Klasse ginn an d'Schwämm, also wéi eng Altersgruppen? Gi se alleguerten? Huet am Moment jiddereen d'Méiglechkeet, an d'Schwämm ze goen? Wéini si mer iwwert de Capacitéiten eraus?

Ech kréien éischter de Feedback, dass et keng ideal Bedéngunge wären, wann ee kuckt, wéi vill Couloire mer hunn. Ech mengen, et sinn zwou Klasse pro Couloir. An dat ass net ideal, fir schwammen ze léieren a mat Freed auszeüben. Dofir wollt ech nofroen, wou mer do mat de Capacitéiten dru sinn. A wat d'Pläng sinn, wat d'Capacitéiten ugeet.

Am Periscolaire gëtt et elo e Makerspace mat der Technikschoul an dem Schoulgoart. Dat gëtt am Kader vun de Stonne vum Appui ugebueden. Do wollt ech froen, wéi ee sech dat ka virstellen. Dat ass da wuel ausserhalb vun der Schoulzäit. Wéi eng Kanner kënnen do drun deelhuelen?

Jiddefalls hu mir jo schonn ugereegt, esou flott Initiative wéi d'Naturschoul an d'Technikschoul och ausserhalb vun de Schoulzäiten disponibel ze maachen. Och souguer fir Kanner, déi net an enger Kannerbetreiung sinn. Fir deenen dat och ze erméiglechen, ganz geziilt. A

*à tous les enfants et lorsque les écoles pourront sélectionner les élèves admis, les inégalités sociales n'en seront que renforcées. C'est dommage quand on connait l'engagement du personnel enseignant.*
*Les initiatives à Differdange démontrent que l'on peut proposer des activités aux enfants dont ils ne pourraient pas profiter autrement. La nouveauté principale de cette organisation scolaire est l'importance accordée à la musique. Certaines études ont prouvé d'ailleurs que la musique, le sport et la nature étaient les cours scolaires les plus importants.*
*Pour ce qui est du sport, Gary Diderich voudrait en savoir plus sur la piscine. Combien de classes profitent-elles de l'offre ? Quel est l'âge des enfants concernés ? Est-ce que tous les enfants ont cours de natation ? Gary Diderich a entendu dire que les conditions n'étaient pas idéales, car deux classes occupent un même couloir. Existe-t-il des plans pour améliorer la situation ?*
*Gary Diderich passe à l'École technique et au jardin scolaire proposés dans le cadre de l'appui, c'est-à-dire en dehors des heures d'école. Qui peut participer à ces activités ? Déi Lénk est d'avis que l'École technique et l'École Nature devraient être proposées à tous les enfants, même s'ils ne sont pas en maison relais.*
*M. Liesch a dit que Niederkorn et Oberkorn commençaient à manquer de place. À Niederkorn, dans le cycle 2.2, les effectifs se montent à 19,8 en moyenne. Gary Diderich voudrait savoir combien d'élèves il y a dans chaque classe. Car il se pourrait que certaines classes comptent 20 ou 21 élèves. Le conseiller rappelle que deux classes ont été supprimées dans le cycle 2.2. Or s'il y avait 5 classes au lieu de 4, la moyenne se situerait à quelque 15 élèves. Pourquoi cette décision ?*
*À Oberkorn, la moyenne se monte à 18,5 dans le cycle 3.2. Mais d'après M. Liesch, il s'agit d'une augmentation ponctuelle contrairement à Niederkorn. L'école du Mathendahl suffira-t-elle ? Gary Diderich rappelle que des rénovations sont également en cours. Il regrette*

*qu'une solution n'ait pas encore été trouvée comme il le demandait.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *constate que l'organisation scolaire définit le nombre de classes et de postes dans toutes les écoles.*
*Les chrétiens sociaux remercient tous ceux ayant collaboré au document ainsi que le personnel sur le terrain.*
*Sur le papier, les effectifs scolaires sont plutôt bas. La moyenne se monte à 15,1 enfants dans les 188 classes. Seuls les cycles 2.2 à Niederkorn et les cycles 3.2 à Oberkorn comptent plus de 17 enfants. Cela peut sembler élevé, mais il s'agit de la deuxième année de cycle et il vaut mieux garder les enfants dans leurs classes avec leurs camarades et leurs enseignants. Les nouveaux élèves sont quant à eux répartis entre les différentes classes pour des raisons d'hétérogénéité. Il aurait aussi été possible de créer une classe supplémentaire si les enseignants l'avaient voulu.*
*Chaque classe dispose d'heures pour l'enseignement à deux ou les ateliers d'apprentissage. Cela concerne surtout les branches principales dans les classes avec des effectifs élevés.*
*Pour ce qui est du fonctionnement général, il ne reste plus beaucoup à dire. L'organisation scolaire est explicite et vaste. Jerry Hartung ne souhaite revenir que sur certains points.*
*Dans les cycles 2, 3 et 4 les mardis et jeudis, la pause est repoussée de 9 h 40 à 10 h 30. Cela permet aux enfants de travailler plus longtemps le matin avant de se défouler. Jerry Hartung se demande cependant si 10 h 30 n'est pas trop tard pour manger. Mais d'un autre côté, beaucoup d'enfants étaient affamés à midi, ce qui ne devrait plus être le cas dorénavant. De toute façon, les enseignants sont ceux qui savent le mieux quoi faire. Par ailleurs, les petits du cycle 2 peuvent prendre un encas à 9 h, même si cela n'est pas prévu explicitement dans le document.*
*À l'avenir, les enseignants ne seront plus détachés pour travailler dans le service scolaire. Le CSV remercie Mme Falbo pour le travail réalisé ces dernières années et félicite Mme Schmit*

wou een och d'Elteren do mat abanne kéint.

Wat den Effectif ugeet, do hutt Der, Här Liesch, gesot, dass mer zu Nidderkuer an zu Uewerkuer relativ staark ausgelaascht sinn, wat d'Schoulraim ugeet. Mir hunn zu Nidderkuer am Cycle 2.2 eng Klassemoyenne vun 19,8. Dat ass jo eng Moyenne. In der Tat wär et interessant, wann een dat an en Dossier géif setzen an op der Cloud ze gesi wär, wat et wierklech ass pro Klass.

Well wann een eng Moyenne vun 19,8 huet, dann ass vläicht eng Klass ënner 19,8 an eng aner ass iwwer 20, 21. A grad an deem Cycle 2.2 koum eng Suppressioun vun zwou Klassen. Wann ech elo déi 79 Schüler duerch fënnef Klassen deelen, da kommen ech op eng raisonnabel Moyenne vu 15 Komma eppes. Do wollt ech nofroen, firwat do de Choix gemaach ginn ass, fir véier Klassen draus ze maachen amplaz fënnef Klassen.

Zu Uewerkuer komme mer am Cycle 3.2 op 18,5. Dat ass dat, wat Dir undeit. Mä wann ech Iech elo verstanen hunn, da mengt Der, dass dat zu Uewerkuer éischter eng punktuell Entwécklung ass. Wou dat net erëm ënnen nokënnt, soudass een erëm an déi Situatioun kënnt.

Zu Nidderkuer ass et éischter eng laangfristeg Entwécklung, wou d'Fro reell ass: Geet dat duer mam Mattendall? Ech bezweifelen dat. Do sti jo och nach Renovatiounen un. Soudass mer egal wéi fir Schoulraum suerge mussen. An dat war am Fong scho fir dëst Schouljoer geplangt. Dass am September schonn eng Léisung do wär. Wat ech jo hei och bedauert hunn, dass dat elo net, wéi am Budget virgesinn, realiséiert gëtt.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Diderich. Här Hartung, w.e.gl.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, dëst Dokument definéiert d'Unzuel vun de Klassen an de Posten an all de Schoulen a regelt quasi dat ganzt Fonctionnement, fir datt alles gutt openeen ofgestëmmt ass.

Als Vertrieder vun der CSV soen ech all deejéinege Merci, déi un dësem detailléierten Dokument matgeschafft hunn. Awer och deem ganze Personal um Terrain, dat dës Texter schlussendlech mat Liewe fëllt a soumat den 2.837 Kanner an eise fënnef Déifferdenger Schoule Wësse vermëttelt.

An dësem Pabeier gesäit een, datt d'Klasseneffektiver weider zimlech niddreg bleiwen. Mer hunn eng Gesamtmoyenne vu 15,1 Kand an den 188 Klassen. Just op dräi Plazen huet ee Klasse mat méi wéi 17 Kanner. Am Cycle 2.2 zu Nidderkuer an an de Cyclen 3.2 zu Nidderkuer an zu Uewerkuer. Dat gouf grad ugeschwat.

Dës schéngt vläicht vill Schüler op den éischte Bléck. Mä wann een d'Zuele genee kuckt, da gesäit een, datt et sech jeeweils ëm en zweet Joer am Cycle handelt an d'Klassenunzuel, déi mer elo am éischte Joer haten, bäibehale gëtt. Soudatt, am Sënn vun der Kontinuitéit am Cycle, all Kanner an hirer Klass kënne weiderfueren. Also am Prinzip an hirer Klass mat hire Kolleegen an hirem Enseignant. An net, wéi soss virgesinn, d'Kanner erausgelooss musse ginn, fir weider Klassen ze forméieren.

An datt de Klasseneffektif méi héich ass, ergëtt sech doraus, datt déi Kanner, déi elo bäikoumen, am Sënn vun der Heterogenitéit, op dës bestoend Klasse verdeelt ginn. An dëse Schoulen ass d'Unzuel vu Klasse réckleefeg. Dat heescht, et wiere Säll disponibel gewiescht, wann d'Enseignante léiwer eng weider Klass gemaach hätten. Also ass et eng bewosst Entscheedung vun den Enseignante fir d'Kontinuitéit an net duerch de Plazmangel.

An dësem Kontext gesäit een och, datt all Klasse Stonne fir Enseignement à deux oder Lernatelieren hunn. Dat heescht am Prinzip an den Haaptfächer a virun allem fir déi Klassen, déi mat méi héijen Effektiver fueren. Eng wei-

der Ressource fir dës Klassen. An och fir den differenzéierten Enseignement.

Zum generelle Fonctionnement bleift net vill ze soen. Dat ass alles gutt duerchduecht. D'Schoulorganisatioun ass an dësem Sënn zimlech explizit a vast. Soudatt ech just e puer Punkten erauspicke wëll, besonnesch d'Ännerungen.

Éischtens wäerten am C2, C3 an C4 ab der Rentrée dënschdes an donneschdes, wou vun aacht bis hallwer eng Schoul ass, d'Pausen net méi um 09.40 Auer, mä elo um 10.30 Auer sinn. Fir eng Schoulstonn méi laang ze schaffen an dann eréischt de Kanner Zäit ginn, sech an der Paus ze defouléieren, ier se nach eemol zwou Stonnen d'Schoulbänk mussen drécken. Dëst mécht sécher Sënn. Ech hu mer just d'Fro gestallt, ob dat fir d'Iessen an der Moiespaus net spéit ass.

Mä ëmgedréit gesinn – an dat hate mer elo beim aktuelle Modell –, ware munch Kanner um zwielef Auer gutt hongereg, wat dann elo net méi dierft de Fall sinn. Hei denken ech, gesinn d'Enseignanten am beschten um Terrain, wéi et de Kanner heimat geet. Bei deene méi klenge Kanner am Cycle 2 sprécht jo och näischt géint eng kuerz Iesspaus a Rou um néng Auer. Och wann dat elo net explizit hei am Dokument steet.

Zweetens wäert zukünfteg keen Enseignant méi detachéiert sinn, fir am Schoulservice matzeschaffen. De Lien tëscht de Schoulen an der Gemeng hat an der Vergaangenheet zimlech gutt geklappt.

Am Numm vun der CSV soe mer der Madamm Falbo, déi an de leschte Joren hei vill Aarbecht geleescht huet, Merci. A schléissen ons de léiwe Wierder vum Här Liesch un, datt d'Madamm Schmit mat hirer ganzer Equipe dëse Service gutt weiderféiert. Mer hoffen, datt de konstruktive Lien tëscht der Gemeng zu de Schoule bestoe bleift.

D'Matsproocherecht an den Afloss vun de Gemengeresponsabelen, wat an onse Schoule geschitt, do hunn ech d'Gefill, datt dat ofhëlt. Hei muss ee sech d'Fro stellen, ob dat eng positiv Entwécklung ass.

Dat drëtt Changement hänkt mam zweeten zesummen a betrëfft den Ersatz. Bis elo hate mer ee Pool des remplaçants, Leit, déi d'office un ons Gemeng attachéiert waren an als Ersatz an de verschiddene Schoulen agespronge sinn, wann en Enseignant, zum Beispill duerch Krankheet, ausgefall ass. Dëst natierlech mat engem Minimum u Leit. Mä dës hate mer scho sécher, ier de Schoulservice, fir weidert Personal ze fannen, eng Lëscht vu Leit oftelefonéiert huet, déi a méi Direktiounen ersetzen an dofir net esou disponibel sinn. Ab der Rentrée gëtt den Ersatz, wéi an deene meeschte Gemengen, iwwert d'Direktioun organiséiert.

Dann nach e puer Punkten, déi mer haten an déi och bleiwen. A wou mer houfreg kënnen drop sinn, dës onse Schüler unzebidden. Zum engen, wou de Virwëtz vum Kand u senger Ëmwelt soll ugereegt ginn, wéi an der Naturschoul oder der Technikschoul hei zu Déifferdeng. An natierlech och bei de pädagogesche Sortien oder de Kolonien. Flott ass déi ugestrieften Zesummenaarbecht mat der Museksschoul, déi an onse Klasse kann intervenéieren an de Kanner bäibréngen, fir e Museksinstrument ze spillen.

Wat elo méi dat schoulescht Léieren ugeet, hu mer, am Sënn vun der Differenzéierung, vill verschidde gutt Projete lafen, fir d'Schüler, déi eng extra Hëllef brauchen, ze ënnerstëtzen. Ech denken do un eis Léieratelieren, den Accueil, de Projet Dysphasie-Dyslexie-Dyscalculie an esou weider.

Vu datt d'Zäit weidergedréint huet, d'Gesellschaft evoluéiert huet, ass et wichteg, datt hautdesdaags net nëmme méi d'Offer fir schoulescht Wëssen ze léiere stëmmt, fir datt d'Kanner weiderkommen, mä och dat ronderëm. Datt een nei pädagogesch Weeër geet, déi wichteg sinn. Wat een ënnert dem Begrëff Klasseklima oder Schoulklima versteet. Verschidde Schoulen haten dëst als Thema an hirem viregte PDS.

An deem Kontext, fanne mer et wichteg, datt ons Sozialpädagogen an de Schoule fir all Kanner disponibel sinn. Datt si, bei perséinlechem Besoin, eng Ulafstell hunn. Ech ka mech nach gutt erënneren, datt d'Sozialpädagogen 2010 vun der Gemeng gesot kruten – an dat war och gutt esou – datt an all

*et son équipe. Jerry Hartung espère que le lien entre la commune et les écoles se poursuivra.*
*Le conseiller communal a l'impression que l'influence de la commune sur ce qui se passe dans les écoles est en baisse. Il se demande si cette évolution est positive.*
*Pour ce qui est des remplacements, la commune disposait jusqu'à présent d'un « pool » de remplaçants. Désormais, la direction scolaire prendra en charge ce volet.*
*Jerry Hartung mentionne ensuite l'École Nature, l'École technique, les excursions pédagogiques et les colonies, des offres dont la commune peut être fière.*
*Le partenariat avec l'école de musique est une bonne chose.*
*Les écoles disposent aussi de bons projets pour les enfants ayant besoin d'une aide supplémentaire.*
*L'école ne peut plus se contenter de transmettre un savoir. Il existe de nouvelles voies pédagogiques regroupées sous l'expression « climat scolaire ». Certaines écoles ont abordé le sujet dans leurs PDS.*
*Jerry Hartung souligne ensuite l'importance des pédagogues sociaux. En 2010, la commune a décidé la mise en place d'un projet de médiation dans toutes les écoles. Lorsque les enfants ont des conflits entre eux, ils peuvent donc s'adresser à leurs enseignants ou à un pédagogue social, qui les aident à résoudre leurs problèmes. À l'époque, la tâche des pédagogues avait été répartie en trois volets : la prévention de la violence, les projets scolaires et les enfants à besoins spécifiques. Cela permettait aux pédagogues d'établir une relation de confiance avec les enfants.*
*Dans l'organisation scolaire, Jerry Hartung n'a trouvé aucune mention des pédagogues sociaux. Il a entendu dire que depuis la fusion de leur équipe avec l'EDIFF, ils ont moins de temps à consacrer au climat scolaire. Quelle est la situation actuelle ? Si les pédagogues sont attachés à la direction de Differdange et interviennent sur le terrain, ils devraient figurer dans l'organisation scolaire.*
*La thérapie équestre a été développée. Désormais, elle sera aussi accessible aux enfants auprès des-*

*quels il faut promouvoir l'estime de soi et l'empathie.*
*L'école en forêt, qui a légèrement été adaptée l'année dernière, est un excellent projet.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *revient sur les questions posées.*
*Quatre-vingt-six Differdangeois sont inscrits à l'EIDE. M*[me] *Rausch a demandé si l'EIDE expliquait le recul du nombre d'enfants à Differdange. En partie, peut-être. Car le nombre d'enfants recule depuis 2016, alors que l'EIDE n'existait pas encore. Mais il est clair qu'une partie des élèves de Differdange-centre vont désormais à l'EIDE.*
*Pour ce qui est de la natation, tous les enfants vont nager. Cependant, la demande des maisons relais et des lycées augmente. Que la place soit limitée n'est ni nouveau ni un secret. Un groupe de travail s'occupe de la planification d'un bassin d'apprentissage. L'idée consiste à le construire à proximité d'Aquasud pour le relier à l'équipement technique existant. Il pourra aussi être utilisé par les associations le soir.*
*Georges Liesch répète qu'actuellement, tous les enfants peuvent suivre un cours de natation. Mais dans quelques années, cela deviendra difficile. C'est pourquoi le collège échevinal veut construire un bassin d'apprentissage rapidement.*
*Le « Makerspace » est une offre extrascolaire de l'appui, mais faisant partie de l'organisation scolaire. Comme pour tous les projets, il faut des enseignants disposés à participer. Or tous les enseignants ne se sentent pas à l'aise dans le domaine de l'électronique et de la programmation.*
*L'idée de M. Diderich est un peu différente. La commune devrait mettre des salles à disposition des personnes intéressées à participer à ce projet, et ce, pour tous les enfants, qu'ils soient inscrits dans les maisons relais ou pas. Pour le moment, le collège échevinal n'a pas reçu de demandes allant dans ce sens.*
*Comme l'a dit M. Hartung, la question des effectifs à Niederkorn concerne les cycles 2.2 et 3.2. La même philosophie est appliquée dans les autres établissements, où la moyenne n'est pas aussi élevée.*

den Déifferdenger Schoulen e Projet Mediatioun fir d'Kanner muss proposéiert ginn. Dat heescht, wa Kanner Konflikter ënnerteneen haten, si sech ausser un hiren Enseignant och un d'Sozialpädagoge kënne wennen, déi si a verschiddene Projeten ënnerstëtzt hunn, fir Léisungen ze fannen. An dobäi ze léieren, zukünfteg Konflikter selwer ze léisen oder besser ze vermeiden. D'Enseignanten hunn dës Offer geschat an hir Schüler bei Bedarf dohi verwisen.

De Sozialpädagogen hir Aarbecht war deemools opgedeelt a ronn 1/3 vun hirer Zäit fir Gewaltpräventiounsprojeten, 1/3 fir Schoulprojeten an 1/3 fir mat Kanner mat engem spezielle Besoin ze schaffen. Dës Opdeelung hat et erlaabt, scho fréi mat de Kanner ze schaffen an eng Vertrauensbasis opzebauen.

An dësem Dokument hunn ech elo weder d'Sozialpädagogen nach hir Projete fonnt. Den Echo, deen ech vum Terrain krut ass deen, datt zënter dem Zesummeschloss vun hinnen an deene vun der EDIFF zur Equipe ESEP si ëmmer manner Zäit kréien, fir wärend der Schoul Projeten am Sënn vun engem férderleche Schoulklima ze proposéieren. Ee gutt Schoulklima verréngert Gewalt a steigert d'Leeschtung vun de Kanner. Dofir wollt ech nofroen, wéi den Istzoustand ass. A falls dat esou ass, firwat? A wéi ass hei ugeduecht, fir weiderzefueren?

Wann d'Sozialpädagoge vun der ESEP neierdéngs un d'Direktioun Déifferdeng an net méi un eng spezifesch Schoul attachéiert sinn, si jo awer an onse Schoulen intervenéieren, wier et dofir gutt, wa si och an dëser Schoulorganisatioun géife stoen. Mat hirer Aarbecht, déi si schlussendlech leeschten.

Am Sënn vu positiver Relatioun a fir all Kanner accessibel ze sinn, war ech frou ze gesinn, datt d'Zilgrupp vun der Reittherapie erweidert gouf. An dëse Projet, nieft dem Espace, zukünfteg och fir Kanner accessibel ass, wou zum Beispill d'Selbstwäertgefill, d'Empathie soll gefërdert ginn. Dëst ass eng gutt Saach.

De Projet Bëschschoul, wou mer d'lescht Joer e puer Adaptatioune gemaach hunn, déi sech bewäert hunn, fanne mer exzellent. A mir ënnerstëtzen, fir esou Projete weider op anere Plazen ze lancéieren. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Hartung. Mir hunn d'Ronn gemaach. Et ware Froe komm, Här Liesch. Wann Der se kënnt beäntwerten, w.e.gl.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Déi éischt Fro war, wéi vill Kanner aus eiser Gemeng an d'EIDE vun Déifferdeng ginn. Et sinn der 86, déi do ageschriwwe sinn. Dat heescht 86 Kanner aus der Gemeng Déifferdeng sinn an der EIDE ageschriwwen. Do kann ech dann direkt och op d'Fro vun der Madamm Rausch äntwerten, ob dat de Réckgang vun Déifferdeng erkläert: Zum Deel, vläicht e wéineg, Jo. Wann een d'Zuele kuckt, vun 2016 un, da gesi mer, dass säit 2016, wou et d'EIDE emol nach guer net gouf, d'Zuele réckleefeg sinn. Natierlech spillt d'EIDE do mat. Vu dass eng Partie Kanner aus dem Déifferdenger Zentrum an d'EIDE ginn, schéngt kloer, dass déi Zuel dann och esou erofgeet.

Den Här Diderich huet d'Fro gestallt vum Schwammen. Et ass esou, dass alleguer d'Kanner schwamme ginn. Dat klappt nach ëmmer. Et ass awer och wouer, dass d'Demandë vun de Maison-relaisen a vun de Lycéeën, déi mer zu Déifferdeng hunn, natierlech klammen. An dass mer do geschwënn un de Limitte sinn. Dat ass näischt Neies. Dat ass kee Geheimnis.

En Aarbechtsgrupp ass intensiv am Gaang drun ze schaffen, fir nach e Lernschwimmbecken ze bauen. Mir sinn do nach um Iddie fannen an um kucken, wou een dat kéint maachen. Mat deene mannste Käschten natierlech. Idealerweis schwieft eis vir, deen um bestoende Site vum Aquasud ze maachen, fir en un déi bestoend Technik unzeschléissen.

Mä alles dat si mer am Gaang auszeschaffen. Fir e Lernschwimmbecken, dat dann och owes de Veräiner kéint zur Verfügung stoen. Fir eis Schwammveräiner, Tauchveräiner. Dorunner

schaffe mer. An och fir déi Enkpäss opzefänken, wann de Lycée nach Demanden huet. Well dee wiisst jo och. Also am Moment kënnen eis Kanner jiddefalls nach alleguerte schwamme goen. Mä mir wëssen, an e puer Jore gëtt dat méi schwiereg. Duerfir schaffe mer un deem Dossier, fir relativ schnell e Lernschwimmbecken ze bauen.

Dir hat gefrot no dem Makerspace. Dat ass effektiv eng Offer am Appui. Dat heescht, dat si Kanner, déi am Kader vum Appui dovunner profitéiere kënnen. Dat ass ausserschoulesch natierlech, awer trotzdeem en Deel vun der Schoulorganisatioun. A beim Makerspace ass et, wéi bei ville Projeten, et muss een Enseignanten hunn, déi bereet sinn, dat ze maachen. Net jiddwereе fillt sech wuel an där Welt vun de Makerspacen, fir mat Elektronik a Programmatioun mat de Kanner ze schaffen. An da muss ee Leit fannen, déi bereet sinn, dat ze maachen.

Déi Iddi, déi Dir opwerft, ass jo e bëssen eng aner. Dir sot, mir sollten am Fong eis Raimlechkeeten hierginn, fir Leit, déi esou e Projet wëlle maachen. Domadder hätte mer guer kee Problem, wa Leit op eis duer géife komme mat enger flotter Iddi a soen, si wëlle Makerspace ubidde fir d'Kanner hei an der Gemeng Déifferdeng – ob se ageschriwwe sinn oder net – a si bräichten e Raum. Da géife mer dat ganz sécher maachen. Bis elo hate mer keng esou Demanden. Mä wann där do wären, géife mer dat ganz sécher ënnerstëtzen.

Da war nach d'Fro vun der Moyenne zu Nidderkuer. Den Här Hartung huet déi eigentlech explizit beäntwert. Et geet hei ëm de Cycle 2.2 respektiv 3.2. Dir fannt déiselwecht Philosophie an deenen anere Gebaier. Just dass do d'Moyenne net grad esou héich ass.

Et ass jo esou, dass een an engem Cycle Kanner huet, déi en Allongement de cycle hunn, déi also dee Cycle net an zwee, mä an dräi Joer maachen. A wann een awer gär hätt, sou wéi den Här Hartung dat richteg erkläert huet, dass déi Kanner an hirem gewinnte Klasseverbond weiderschaffe kënnen, da muss een am Ufank vum Cycle – an dat fannt Der iwwerall erëm – am 2.1, 3.1, d'Moyennë relativ niddreg halen. Fir dass een am Cycle 2.2, 3.2 net ze vill héich geet.

An awer ginn d'Moyennen, wéi mer hei gesinn, dann erop. De Virdeel ass awer, dass de Klasseverbond oprecht erhale bleift, fir d'Kanner an hirem gewinnten Ëmfeld ze halen a se net ze splécken. D'Klasse brauchen dann net gespléckt ze ginn am 2.2 oder am 3.2. Dat ass e pädagogesche Choix. Doriwwer kann een diskutéieren. Ech kann dat awer ënnerstëtzen. Ech fannen dat eng gutt Saach, dass dat esou gemaach gëtt.

Ech mengen, ech hätt op alles geäntwert.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll elo net eng Diskussioun vun Nidderkuer ufänken, mä rechneresch hu mer eng Moyenne vu 15,1. An do si Klassen zu Nidderkuer mat 19. Da froen ech mech zwar, wéi vill Klasse mat 10 oder 11 Kanner do sinn, fir d'Moyenne op 15 ze drécken. Just dat gesot.

Mir géifen elo zum Vott kommen.

*Le conseil ccommunal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation pour l'année scolaire 2019-2020.*

De Punkt 4a, dat sinn d'Changementer vun de Posten, ganz wichteg. Déi mussen duerch de Gemengerot goen. Dat steet esou am Gesetz. Dofir maache mer dat. Här Liesch, ass et esou?

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ganz richteg. Dir gesitt eng Tabell vun den Enseignanten, déi am Laf vum Joer ersat gi sinn. Dat ass eng Formalitéit. Mä déi muss awer eng Kéier hei am Gemengerot approuvéiert ginn.

Ech mengen, mir kënnen dat direkt zum Vott ginn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Da géife mer zum Vott kommen.

*Les cycles peuvent être allongés de deux à trois ans. Par conséquent, si l'on ne veut pas séparer les enfants d'une même classe, il faut prévoir des effectifs relativement bas dans les cycles 2.1 et 3.1. Malgré cela, les moyennes augmentent dans les cycles 2.2 et 3.2. Il s'agit d'un choix pédagogique : celui de ne pas séparer les élèves. Georges Liesch pense que c'est une bonne chose.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *ne souhaite pas entamer une nouvelle discussion sur Niederkorn. Mais si la moyenne est de 15,1 et que certaines classes comptent 19 élèves, il se demande combien de classes il y a avec 10 ou 11 enfants.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe à des changements de poste devant être approuvés par le conseil communal.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *explique que les conseillers communaux disposent d'un tableau reprenant les enseignants ayant été remplacés en cours d'année.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe à un local du 1535°.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *demande où en est la commission devant être créée en juin. Cette question est importante non seulement pour le 1535°, mais pour tout Differdange.*
*En outre, certains développements dans le pays sont importants. Mertzig a annoncé vouloir devenir la première commune de l'économie pour le bien commun.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que la commission en question sera créée dans le courant de l'année.*
*(Interruption de M. Diderich)*
*Roberto Traversini répond qu'il est facile de créer une commission, mais encore faut-il qu'elle ait un sens.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe à un bail pour le Klenge Casino, qui ne fermera donc pas ses portes. Le bourgmestre félicite le conseil communal pour les discussions cons-*

*tructives. Le passage d'un locataire à l'autre est une bonne chose pour la place du Marché et le personnel. Roberto Traversini précise que le contrat ne change pas.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *a quelques questions concernant ce dossier épineux.*
*Le loyer est-il encore payé par l'ancien exploitant? Où se trouve le contrat de bail qui était censé être dans le dossier des conseillers communaux? Guy Altmeisch ne le trouve pas non plus sur le Diffcloud. Pour ce qui est de l'état des lieux, il n'y a pas de dates. Guy Altmeisch suppose donc qu'il n'a pas été réalisé. Or l'inventaire devrait faire partie du contrat de bail. Lors d'une éventuelle résiliation, les recherches seraient facilitées par un tel inventaire. Cela permettrait aussi d'éviter de nouvelles discussions concernant la vente d'un fonds de commerce appartenant à moitié à la commune.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que les questions sont pertinentes.*
*L'état des lieux sera réalisé le 12 juin. Il sera ajouté au dossier.*
*La commune est locataire du bâtiment, et non propriétaire.*
*Roberto Traversini sait ce que l'ancien et le nouveau locataire ont décidé, mais il n'a pas vu de document écrit. Comme l'a dit M. Altmeisch, le dossier est épineux.*
*Roberto Traversini remercie à nouveau les conseillers communaux pour leur coopération.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *pense avoir trouvé une erreur au point 5a à la page 7. Il y est question de 40,50 € alors que ce devrait être 28,50 €. S'agit-il d'une coquille?*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *devra vérifier, mais il suppose que c'est une erreur matérielle.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *se réjouit du fait que la place du Marché compte à nouveau un restaurateur sérieux. Il espère que le local fonctionnera.*
*Il rappelle cependant que la commune a eu quelques mauvaises expériences et que dans la rue Saint-*

*Le conseil ccommunal décide à l'unanimité de ratifier les changements dans l'affectation des postes au cours de l'année scolaire 2018-2019.*

Deen nächste Punkt ass e ganz klengt Lokal am 1535°. Dir gesitt, wien et ass. Wann dozou keng Froe wieren, géife mer zum Vott kommen.

Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Mir sinn elo Juni. Ech wollt froen, wou déi Kommissioun drun ass, wou Der gesot hutt, am Juni géife mer déi grënnen. Déi Fro ass net nëmme wéinst dem 1535° interessant, mä fir d'ganz Entwécklung vun der Gemeng. En plus gëtt et Entwécklungen zu Lëtzebuerg, déi interessant sinn an deem Beräich. Gëschter huet Mäerzeg sech lancéiert, dass se déi éischt Gemeinwohlökonomie-Gemeng vum Land ass. Ech mengen, do géif ee ganz vill interessant Elementer fanne fir esou eng Aarbecht vun esou enger Kommissioun.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Richteg. Wéi gesot, déi Kommissioun wäert nach dëst Joer zustane kommen.

(Interruptioun)

Mir hu schnell eng Kommissioun zesummegesat. Mä et soll jo awer och eppes mat Kapp a Fouss sinn. An et soll och e Kapp dobäi sinn an net nëmme Féiss.

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide avec 11 voix oui et 4 abstentions d'approuver le contrat de bail d'un espace au 1535° Creative Hub.*

Dat nächst ass e Bail, de Klenge Casino. Dir gesitt, et ass en Neien, deen deeselwechte Bail iwwerholl huet. Deen ass net zougaangen. Dat ass Dank dem ganze Gemengerot. Well mer eis, mengen ech, wierklech gutt mateneen ausgetosch hunn. Zesummen hu mer et fäerdegbbruecht, datt dee Klenge Casino net zougemaach huet an do e properen Iwwergang konnt gemaach ginn. Dat ass gutt fir d'Maartplaz. Dat ass awer och gutt fir d'Personal, wat do schafft. Do muss ech Iech wierklech e grousse Merci soen, datt dat esou propper iwwert d'Bün gaangen ass.

Et ass deeselwechte Bail, wéi mer haten. Dee gëtt da vun där neier Societéit iwwerholl.

Här Altmeisch, w.e.gl.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Et sinn e puer Froen, déi sech opdrängen an deem Dossier do, deen dach awer zimlech däreg war.

Déi éischt Fro: De Casino ass haut op. Gëtt de Loyer nach vun deem alen Exploitant bezuelt? Déi zweet Fro: Am Contrat de bail steet am Artikel 1, dass an der Annex de Contrat de bail géif bäileien, dee gemaach ginn ass mat der Gemeng a mam Proprietär. Ech fannen deen awer leider net a mengen Dokumenter, déi ech hei virleien hunn. An och bei deenen, déi ech op der Diffcloud kritt hunn, läit en net bäi. Dat ass net gutt. Dat werft weider Froen op.

Déi drëtt Fro: Am Contrat de bail steet, et gëtt en Etat des lieux ausgefouert. Do sinn awer keng Datumer dran, wéini deen ausgefouert gëtt. Den Etat des lieux ass also menger Meenung no nach net ausgefouert. Bis dato ass och keen Inventaire gemaach ginn. Gëtt dat nach gemaach?

Et wier vu Virdeel, wann den Inventaire, deen opgestallt géif ginn, Deel vum Contrat de bail wier. Wat ech soe wëll, wann et eng Kéier géif zur Resiliatioun vun deem Kontrakt kommen, da wär den Inventaire direkt bäileiend, an et wier méi einfach, fir Recherchen ze maachen. Net dass do erëm Diskussioune kommen, dass e Fonds de commerce verkaf gëtt, deen der Gemeng hallef gehéiert. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ganz pertinent Froen. Direkt déi lescht Fro: Den 12.6. gëtt en Etat des lieux gemaach. An dee gëtt bäigeluecht. Dat ass ganz kloer. Mir sinn net Proprietär vun deem Gebai, mir si Locataire. Dat gëtt am Moment gemaach. Mä ech kann Iech elo scho soen, datt dee méi gënschteg wäert ausfalen, wéi mer d'Gebai kritt hunn.

Wat tëschent deem neie Locataire an deem ale Locataire ofgemaach ginn ass – ech weess et mëndlech, ech hunn et awer net schrëftlech gesinn –, kann ech Iech schlecht soen, well et tëschent zwou Societéiten ass. Mir hoffe wierklech, datt dat dann elo anstänneg wäert goen. En däregen Dossier, hutt Der ganz richteg gesot. Nach eng Kéier Merci, datt Der esou konstruktiv do matgeschafft hutt. Méi kann ech Iech hei net soen.

Här Goffinet, w.e.gl.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Wann dat erlaabt ass, ech hat virdrun eppes vergiess. Beim Punkt 5a op der Säit 7, mengen ech, ass e Feeler. Ënnen op der Säit 7 steet e Montant vu 40,50 Euro. Wéi ech den Text verstinn, wier et 28,50 Euro. Just eng kleng Bemierkung, ob een dat duerno kéint nokucken, ob et sech do ëm e klenge Schreiffeeler handelt. Well ëmmer déi 19 Quadratmeter en Consideratioun gezu gi sinn. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mir kucken dat no. Wann ech de Loyer rechnen op 6 Euro, dann ass et wahrscheinlech dat. Mir kucken dat awer no. Wahrscheinlech ass et e materielle Feeler.

Här Bertinelli, w.e.gl.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Gott sei Dank hu mer deen Dossier hannert eis. Mir sinn elo zefridden, datt mer op eiser schéiner Plaz matzen an der Stad erëm e Restaurateur hunn. Deen, mengen ech, och gutt a seriö ass. Ech hoffen, datt dat hält.

Op där anerer Säit musse mer accentuéieren, well mer jo wëssen, datt mer do e bësse gebrannte Kanner sinn, datt an der Nicolas-Strooss e ganz gudde Restaurateur schonn annerhalleft Joer probéiert en Hotel-Restaurant opzemaachen. Wou ech net esou richteg verstinn, firwat déi Hëllefen ëmmer an ëmmer erëm zréckgesat ginn, mat Froe vun Environnement oder mat Froe mam Bau.

Ech wëll emol wëssen, wéi wäit eis Servicer Bescheed wëssen. Well dee fänkt sou lues un, de Geescht opzeginn, datt deen dee Restaurant emol guer net méi wëll opmaachen. Op engem Site, deen e ganz bekannt Haus an eiser Gemeng ass. Wou menger Meenung no derwäert ass, dass et ausgebaut gëtt. An et nach een ass, deen ech kennen, deen eng ganz grouss Erfarung an der Restauratioun huet.

Et ass jo net esou, datt se eis d'Dieren alafen, fir esou Haiser bei eis an der Gemeng opzemaachen. Dofir nach eng Kéier en Opruff, datt een do awer soll eng Hand mat upaken. An net esou Saachen annerhalleft Joer schleefe loossen, bis d'Leit es da genuch hunn an dann enzwousch anescht sech e Site sichen, fir e Geschäft opzemaachen.

Do kommen ech nach eng Kéier op déi Funktioun vun deem Grupp, vun deem mer virdru geschwat hunn, fir vläicht méi no bei deene Leit ze sinn, fir do eng Hand mat unzepaken. Dat war e Wonsch, deen d'LSAP un de Schäfferot gestallt hat.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Dee Wonsch ass gutt ukomm. Dat Gebai gehéiert der Gemeng net. Mir wäerten nach eng Kéier mat deem Promoteur schwätzen, mir hu souwisou nach déi eng oder déi aner Saach mat him ze klären. Dir schwätzt wahrscheinlech vum Lokal an der Nikloss-trooss, wou mer fäerdegbruecht hunn, de Sall wéinstens emol ze halen. Mir beschwätzen dat. Dat ass natierlech eng privat Saach. Mir kënnen awer nach eng Kéier drop hiweisen, datt e soll

*Nicolas, un bon restaurateur essaie d'ouvrir un hôtel-restaurant depuis un an et demi. Malheureusement, l'Administration de l'environnement ne cesse de repousser les travaux. Fred Bertinelli demande au bourgmestre s'il sait pourquoi. Le restaurateur en question commence à en avoir assez, ce qui est dommage, car il est expérimenté. Fred Bertinelli en profite pour lancer un appel. Differdange a besoin de ce type d'enseignes. C'est pourquoi la commune devrait intervenir et essayer d'aider les commerçants voulant ouvrir les magasins.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que le bâtiment en question n'appartient pas à la commune, mais le collège échevinal en parlera avec le promoteur. La commune n'a pas de mainmise sur le local, mais elle demandera gentiment au promoteur de faire avancer les choses.*

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉIGRÉNG)** *constate que le bourgmestre a fourni des informations quant au Casino.*
*Elle rappelle que le local sera repris par la Croix-Rouge, mais qu'il fonctionnera selon le même système qu'auparavant — sur 3 étages avec un restaurant et 13 suites meublées.*
*Yvonne Richartz-Nilles s'en réjouit, car le site contribue à embellir la place du Marché. Elle souhaite bonne chance aux nouveaux locataires.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *souhaite à son tour bonne chance à l'exploitant et espère que le Klenge Casino, qui est une institution à Differdange, se développera. Cela signifierait que la place du Marché serait de nouveau complète en juillet.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que c'est ce que l'ensemble du conseil communal espère.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *se réjouit que le Klenge Casino reste ouvert et que le projet visant à offrir une formation de base dans la gastronomie aux jeunes se poursuive. Car pour les clients, l'hôtel-restaurant fonctionne de manière impeccable.*

*La Croix-Rouge est un exploitant important disposant d'une vaste structure et de beaucoup d'expérience.*
*Jerry Hartung lui souhaite bonne chance. Les chrétiens sociaux approuveront le contrat.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *est content que le projet puisse être poursuivi comme initialement prévu.*
*Il constate que l'acteur choisi donne de fortes garanties que le projet puisse fonctionner alors que précédemment, la commune avait pris des risques. Il était beaucoup question du projet, mais il n'y avait pas de sécurité.*
*Cependant, le nouveau contrat est vague quant au concept. Il y est uniquement question de produits issus du commerce équitable. Ce n'est pas idéal, mais comme Gary Diderich connait le concept, il approuvera le contrat.*
*Il rappelle qu'en 2017, le conseil communal avait décidé de lancer un hôtel-restaurant visant à former un public non défini. Si cela a abouti à un échec, il faut avoir le courage de le dire.*
*À l'époque, Gary Diderich a soutenu le projet, même s'il souhaitait une autre forme de gouvernance. Les choses ne se sont pas bien passées. Il faut le dire sans parler de dossiers épineux, etc. Les citoyens ont le droit de connaitre la vérité et ceux qui ont soutenu le projet ont la responsabilité d'informer les gens.*
*Gary Diderich salue le fait que l'idée initiale puisse être préservée et poursuivie de manière plus sécurisée. À l'époque, la commune s'est montrée trop rapide. Cette fois-ci, elle s'est donné le temps nécessaire et elle a trouvé un partenaire offrant d'amples garanties. Le local dynamisera la place du Marché et permettra de former des jeunes dans un secteur aux nombreux débouchés.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *remercie M. Diderich pour son soutien.*
*Au cours des 15 dernières années, il a appris une chose : quand un projet fonctionne, beaucoup en revendiquent la paternité, mais quand il*

Neel mat Käpp maachen. Dat wäerte mer dann och maachen.

Madamm Richartz, w.e.gl.

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif alleguer, de Buergermeeschter huet eis iwwer verschidde Punkten opgekläert vum Casino. Ech wollt och nach e puer Saachen dozou soen. De Casino gëtt vun der Croix-Rouge iwwerholl, ënnert deemselwechte System wéi virdrun, wéi Der am Artikel 1 am Contrat de bail liese kënnt. Vum Rez-de-chaussée bis op den drëtte Stack, also Restauratioun plus 13 miwweléiert Suitten.

Mir si frou, dass dëse Projet esou virugefouert gëtt, well dee Site jo awer zur Verschéinerung vun eiser Maartplaz bäidréit. Mir wënschen op jidde Fall bonne chance a plein succès. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. D'Madamm Saeul, w.e.gl.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Här Buergermeeschter. D'Demokratesch Partei wënscht dem neien Exploitant locataire alles bescht an hofft, dass d'Croix-Rouge mat hirer Erfarung den Hotel-Restaurant De Klenge Casino, e Stéck vun Déifferdeng, eng Institutioun an e Lieu de rencontre, esou opbaut, wéi mir eis et virstellen. Well dann hätte mer ab Juli erëm e Complet op der Maartplaz bei de bestoende Caféen, Hotellen a Restauranten. Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Mir hoffen dat alleguer hei ronderëm den Dësch. Den Här Hartung, w.e.gl.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Et ass scho vill gesot ginn, och Explikatiounen. Dir Dammen, Dir Hären, d'CSV ass ganz frou, datt et elo mam Klenge Casino virugeet. An datt den initiale Grondgedanke vun engem soziale Projet, wou Jonker eng Basisformatioun an der Gastronomie kënne kréien, bäibehale bleift an engem professionelle gestalte Kader. Well an éischter Linn ass et e Restaurant-Hotel, dee fir d'Clienten impeccabel ze fonctionnéieren huet.

D'Konditiounen am Akt sinn onverännert. Mat der Croix-Rouge hu mer elo ee staarken Träger mat enger grousser Struktur, mat vill Erfarung hannendrun. Wat wichteg fir esou ee Projet ass.

Mir wënschen hinnen alles Guddes an en erfollegräicht Geléngen. D'CSV stëmmt dëse Kontrakt mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Als déi Lénk begréisse mir, dass mer elo e Wee fonnt hunn, dass den ursprénglleche Projet op eng Aart a Weis ëmgesat gëtt, wéi e geduecht ass. Mir stëmmen elo hei e Kontrakt, wou awer näischt iwwert déi Bestëmmung drasteet. Mir wësse just, dass mer et hei mat engem Acteur ze dinn hunn, wou d'Chancë ganz grouss sinn, dass et klappt. Wou mer ebe virdru méi op Risiko gaange sinn. An am Fong zwar méi iwwert de Projet geschwat hunn, awer manner Sécherheeten haten, dass dee Projet och esou kéint ëmgesat ginn.

Elo hu mer e Kontrakt, wou ausser, dass do Fairtrade-Produite wäerte sinn, am Fong keng Utilitéit, kee Konzept iergendwéi elo mat hei gestëmmt gëtt. Wat ech an deem Sënn net ideal fannen. Esou e Konzept gëtt et. Dat hätt een hei als Annex misse bäileeën. Vu dass ech dat Konzept awer kennen, wäert ech deen heite Projet ënnerstëtzen.

Wat mech elo awer e bësse wonnert: Mir hunn als Gemengerot eng Decisioun geholl, ech mengen, dat war 2016 oder 2017, fir e Projet an déi Richtung ze maachen, wou en Hotel an e Restaurant exploitéiert gëtt, mat engem sozialen Objet, wou och Leit sollten ausge-

bilt ginn. E ganz diverse Public. Dat war nach net ganz determinéiert.

A mir mussen, wa mer déi Verantwortung huelen, esou eppes ze maachen an esou eppes ze probéieren, ebe gesinn, dass et net esou gelaf ass, wéi erhofft. Dat musse mer eben och kënne soen. Ech hat dat deemools mat ënnerstëtzt. Ech hat zwar gesot, dass et eng aner Gouvernance bräicht, ech hat vun enger Société coopérative geschwat. An dat ass eben net esou gaangen, wéi mer wollten.

Ech mengen, dat kann ee soen. Do brauch een net a Rätselen oder an därege Biller hei ze schwätzen. Ech mengen, d'Bierger hunn e Recht drop, ze wëssen, dass de Projet net esou gelaf ass, wéi dat ugeduecht war, wéi dat no bausse gedroe ginn ass. A jiddereen, deen dat mat no bausse gedroen huet, huet d'Verantwortung, dozou ze stoen an d'Leit an deem Sënn opzeklären. Ouni mussen Detailer ze ginn, déi an dësem Fall net esou wichteg sinn.

Ech begréissen, dass mer elo, in der Tat, zesummen e Wee fonnt hunn, fir esou eng Initiativ, déi à l'origine positiv ass – an dofir hunn ech se och ënnerstëtzt –, ze retten. An eng méi ofgeséchert Aart a Weis ze fannen, fir dat esou ëmzesetzen, wéi et geduecht war. Ech mengen, mir waren deemools ze schnell virgaangen a mir hunn eis dës Kéier déi Zäit geholl, fir zesummen ze kucken, wéi een et anescht ka maachen. A Gott sei Dank hu mer e Partner fonnt, wou d'Chancë grouss sinn, dass et wäert klappen.

Als déi Lénk wënsche mir op jidde Fall, dass dee Projet elo esou leeft, wéi e geduecht ass. An dass en net nëmmen eis Maartplaz gastronomesch belieft, mä eben och Jonken d'Méiglechkeet gëtt, sech an engem Secteur auszebilden, wou vill Debouchéë sinn. Och wann et keen einfache Secteur ass, fir an deem Beräich ze schaffen. Mä et sinn awer Plazen do. An et sinn och Leit, déi interesséiert sinn, wa se déi néideg Formatioun kréien, an déi Richtung ze goen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Nach eng Kéier Merci, Här Diderich. Och fir Är Ënnerstëtzung. Richteg, heiansdo hëlt ee ganz schnell Decisiounen an domadder kritt ee Saache bewierkt. Op alle Fall hunn ech an deene leschte 15 Joer geléiert, wa Saache gutt lafen, da sinn et ganz vill Pappen a Mammen, déi dru schold sinn. A wann et falsch leeft, da war et de Buergermeeschter. Hei huelen ech ganz gär meng Verantwortung. Hei si Saache schif gelaf. An ech hu ganz vill Schold drun. Esou ass et.

Mir géifen dann zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec la SARL CR Services pour l'exploitation de l'hôtel-restaurant Klenge Casino.*

Villmools Merci. An da kënnt e flotte Punkt, fir eis Haiser ze schützen. Hei ass eng Famill, déi dat selwer decidéiert huet. Si wëllen hiert Haus an e Monument national ëmklasséiere loossen. Ech fannen, d'Leit kéinten dat vläicht méi oft vu sech aus maachen. Een, dee gewëllt ass, säin Haus fir de Patrimoine ze schützen, fir d'Geschicht ze erhalen, dee ka ganz vill Hëllefe vu Sites et Monuments kréien.

Hei ass wierklech net den Noper oder soss een, deen dat erhale wëll, mä déi Famill selwer. Dat kann ee just begréissen an esou Leit ënnerstëtzen. Et misst ee kucken, dat nach e bësse méi public ze maachen a soen, datt et do ganz vill Hëllefe gëtt. Op alle Fall sinn ech frou, datt et esou Famille gëtt, déi dat maachen.

Mir géifen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'aviser favorablement le classement comme monument national d'un immeuble situé au n° 133 avenue de la Liberté à Niederkorn.*

*va mal, c'est la faute du bourgmestre. Dans ce cas-ci, Roberto Traversini admet que les choses se sont mal passées et beaucoup est de sa faute.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe au point suivant. Une famille a décidé de faire classer sa maison comme monument national. Le bourgmestre trouve que les gens devraient prendre une telle décision plus souvent et profiter des subventions des Sites et Monuments. Dans ce cas-ci, ce ne sont pas les voisins à faire la demande, mais les propriétaires. Roberto Traversini est content qu'il existe de telles familles.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe à la nouvelle allocation de solidarité.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *rappelle qu'à l'origine, l'allocation de solidarité constituait une aide financière. Il y a dix ans, elle était distribuée à tout ménage ou à toute personne aux revenus modestes. Le montant était défini par un tableau sur la base du revenu mensuel.*
*En 2018, la commune a accepté 891 demandes et versé 360 000 €. Le calcul des revenus nets est complexe et dépend de l'honnêteté et de la bonne volonté des demandeurs. Les demandes étaient traitées les trois derniers mois de l'année et il fallait avoir habité à Differdange au début de l'année.*
*Dorénavant, l'office social propose une procédure simplifiée. L'allocation de solidarité est rattachée à l'allocation de vie chère de l'État. L'office social peut donc se baser sur un document objectif et n'a plus besoin de faire des recherches. L'allocation de solidarité se monte désormais à 15 % de l'allocation de vie chère ce qui représente 435 000 €. Certaines personnes toucheront moins que l'année dernière. Le collège échevinal considère 2019 comme une année de transition et versera la différence aux demandeurs. À partir de 2020, l'allocation communale se montera exclusivement aux 15 % de l'allocation nationale.*
*À la fin de l'année, la commune calculera le nombre de personnes touchant moins que l'année dernière et*

*évaluera d'éventuelles adaptations du règlement.*
*L'allocation peut être demandée tout au long de l'année. Elle est versée par le receveur. Si le demandeur a une dette, le montant de la dette sera retranché.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *rappelle qu'il y a quelques mois, il avait déjà exprimé son souhait de rattacher l'allocation de solidarité à l'allocation de vie chère. Le bourgmestre était du même avis. L'objectif n'est pas de baisser les dépenses, mais de rendre la procédure plus transparente.*
*M. Mangen s'est exprimé un peu différemment, mais les demandeurs ne disaient pas tous la vérité. Certains profitaient d'aides qu'ils n'étaient pas censés recevoir. Dorénavant, ce ne sera plus possible, car le client devra présenter un certificat du FNS.*
*La phase de transition doit permettre de soutenir les cas difficiles. Malheureusement, il restera de tels cas l'année suivante, si la proposition du collège échevinal n'évolue pas. Serge Goffinet pensait que la règle des 15 % constituait une bonne solution, mais il ne savait pas comment d'autres communes réglaient la question. Certaines versent beaucoup plus que les Differdange. À titre d'exemple, la commune de Sanem est passée de 30 % à 70 %, ce qui est énorme. Avant leur fusion, Clemency versait 25 % et Käerjeng 50 %.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *réplique que ces communes pourraient grimper à 100 %.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *admet que les problèmes de ces communes sont différents de ceux de Differdange.*
*(Interruption de M. Traversini)*
*Serge Goffinet souhaite une discussion honnête. Il sait que l'on se compare souvent aux communes voisines. Il soutient le calcul sur la base de l'allocation nationale, mais ne veut pas que cela serve de prétexte à des mesures d'économie.*
*Il constate qu'il est plus intéressant de vivre dans les communes citées qu'à Differdange. D'autres communes comme Esch voient les*

Et gëtt eng nei Allocation de solidarité. Den Här Mangen, responsabele Schäffen, wäert eis erklären, wéi mer eis dat virgestallt hunn, mat de Kommissiounen an och mam Office social. Här Mangen, Dir hutt d'Wuert.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, d'Allocation de solidarité, déi fréier Gromperegeld genannt gouf, war ursprénglech geduecht, fir finanziell Hëllef zoukommen ze loossen. Virun ongeféier zéng Joer ass dës finanziell Hëllef un all Stot oder Persoun an onser Gemeng, déi e geréngt Akommes huet, ausbezuelt ginn. A Funktioun vun hirem monatlechen Akommes ass laut enger Tabell ee bestëmmte Montant ausbezuelt ginn. Fir 2018 hate mir 891 Demanden akzeptéiert an ee Montant vun 360.000 Euro ausbezuelt.

D'Berechnung vum Netto-Akommes ass mat vill Aarbecht verbonnen an hänkt vun der Éierlechkeet an der Guttwëllegkeet vum Hëllefsichenden of, fir seng richteg finanziell Situatioun duerzeleeën. D'Demandë sinn déi lescht dräi Méint vum Joer traitéiert ginn an et huet ee musse vun Ufank dës Joers un zu Déifferdeng gewunnt hunn, fir datt d'Demande akzeptéiert ginn ass.

Fir awer elo méi Rigueur an d'Allocation de solidarité ze kréien, schléit den Office social an de Schäfferot eng méi einfach Prozedur vir. Ons Allocation de solidarité soll un d'Allocation de vie chère ugegliddert ginn, déi vum Staat ausbezuelt gëtt. Den Office social ka sech dann op en objektiivt Dokument bezéien a brauch net méi eng opwänneg Recherche ze maachen iwwert de Verdéngscht an déi finanziell Situatioun vun deene Bedürftegen.

Op dem Barème vun der Allocation de vie chère gi mer emol virleefeg e Montant vu 15% drop. Laut onse Berechnunge komme mir op e Gesamtmontant vu 435.000 Euro, deen net wäit vun der jëtzeger Hëllef ewech ass.

Fir verschidde Leit kéint de Montant vun der Allocation de solidarité 2018 manner ausfale wéi déi Jore virdrun. Dëst Joer 2019 betruechte mir als en Iwwergangsjoer a leeën dee feelende Betrag par rapport vum Joer 2018 bäi.

Ab dem Joer 2020 gëtt d'Allocation de solidarité exklusiv op 15% vum Betrag vun der Allocation de vie chère vum Staat berechent.

Enn dëses Joers gëtt eng Analys vum Ausbezuele vun der Allocation de solidarité gemaach. A wéi vill Fäll muss een zousätzlech zu deene 15%, déi bezuelt ginn, nach eppes bäileeën? Gëtt et Härtefäll, déi sech erausschielen, wou mer d'Reglement eventuell mussen adaptéieren? Dat misste mer dann Enn dëses Joers betruechten.

Déi nei Allocation de solidarité ka vun elo un d'ganzt Joer ugefrot ginn. Et muss een net, wéi virdrun, vum Ufank vum Joer an onser Gemeng wunnen.

Ech wëll eppes kloerstellen: D'Allocation de solidarité gëtt vun onsem Receveur vun der Gemeng ausbezuelt. An deene Fäll, wou eng Persoun eng Schold bei der Gemeng huet, gëtt d'Allocation op dës Schold gesat an dann natierlech net ausbezuelt. Oder d'Differenz, déi besteet, gëtt dann ausbezuelt. Ech wollt nach eng Kéier dorun erënneren.

Op Är Ureegunge freeën ech mech.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Goffinet, w.e.gl.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Merci, Här Mangen. Dir hutt scho vill gesot. Ech hunn e puer aner Iddie gehat, wou ech mech iwwer verschidden aner Saachen informéiert hat. Merci, Dir Dammen an Dir Hären, dass Der ganz gutt nogelauschtert hutt. Virun e puer Méint hunn ech schonn am Gemengerot de Wonsch geäussert, d'Allocation de solidarité un d'Allocation de vie chère ze koppelen. De Buergermeeschter war do 100% därselwechter Meenung wéi ech. Et war och en Uleies vun him, schonn eng laang Zäit. Net fir manner ze ginn, mä fir dat Ganzt méi transparent ze maachen.

Leider hat net all Client ëmmer déi ganz Wourecht gezielt, fir et esou ze soen. Den Här Mangen huet et e bëssen anescht ausgedréckt. Heiansdo ass vu Gelder profitéiert ginn, déi een eigentlech net zegutt gehat hätt. Dat muss gesot ginn.

Duerch déi Prozentregelung an de Beleeg, deen ee kritt vun der FNS, fält dat ewech. Wann e Client mat engem Beleeg vun der FNS kënnt, sinn d'Fakten definitiv kloer.

Déi Iwwergangsregelung ass eng Moossnam fir Härtefall ze minimiséieren. Nodeem, wat ech alles déi lescht Wochen duerchgecheckt an nogerechent hunn, muss ech leider soen, dass no der Iwwergangsléisung nach Häertefäll bleiwen, wa mir bei der Propos vum Schäfferot wëlle bleiwen.

Ab dem nächste Joer soll d'Prozentregelung gëllen. Ech hat geduecht, dass d'15%-Regel eng gutt Léisung wier, well ech bis dohin net wousst, wéi verschidden aner Gemenge ronderëm eis mat deem Sujet ëmginn. Dat si Gemengen, déi net déiselwecht Problematik hu wéi mir. Et gëtt Gemengen, déi definitiv méi bezuelen. Vill méi bezuelen.

Ech huelen als Beispill zwou direkt Nopeschgemengen. D'Gemeng Suessem, déi hat ëmmer 30% an ass op Decisioun vum Schäfferot op 70% eropgaangen. Wat zwar enorm ass, a mengen Aen.

D'Gemeng Käerjeng hat virun der Gemengenzesummeféierung zu Kënzeg 25%, a 50% fir Käerjeng selwer.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Déi kéinten op 100% goen, mat där Populatioun.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Dofir wollt ech dat soen. D'Problematik ass beileiwen net déiselwecht an deene Gemenge wéi hei. Mä well dat gären ernimmt gëtt, „den Noper huet hei, den Noper huet do", wëll ech eng éierlech Diskussioun. Ech si fir d'Prozentregelung. Ech sinn awer och fir eng éierlech Verdeelung an net dofir, fir Spuermoossnamen hei duerchzezéien. Wat guer net de Grondgedanken ass.

Wann ech mech elo op déi 15% bezéien, ass et wesentlech méi interessant, an dëse Gemengen ze wunnen, wann een op d'Allocation de solidarité ugewisen ass. Ech weess och, dass et Gemenge gëtt, déi ähnlech Iddien hu wéi dëse Schäfferot. D'Gemeng Esch, zum Beispill, läit an ähnleche Montante wéi mir. Et géif dëser Gemeng gutt zu Gesiicht stoen, wa se déi 15%-Regelung géif iwwerdenken a méi en héije Prozentsaz ausbezuele géif.

Den Här Mangen huet selwer scho vun Noberechnungen an Iwwerdenke geschwat. Dat Ganzt huet bewierkt, bei deene Gemengen, dass si manner Hëllef gebraucht hu fir Facturen an esou weider. Well de Montant vun der Allocatioun dee Moment méi héich war. Dat Ganzt ze indexéieren, wier och sënnvoll. Dat war e Grondgedanken. Deen hate mer och am Office social, fir et ze indexéieren. Fir net iwwer Joren datselwecht auszebezuelen, an dee Moment awer eng Perte vu Geld ze hunn.

Duerch d'Finanzreform huet eis Gemeng zeg Millioune méi Einnamen, besonnesch duerch den Indice social, well dee mat berécksiichtegt ginn ass.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ganz wéineg.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Awer e gewëssenen Deel. Hei wier eng Form, fir deene Leit, déi net vill hunn, eppes Klenges vun deem grousse Kuch – oder vun deem normale Kuch dann eben –, deen d'Gemeng kritt huet, wéinst dëser sozialer Situatioun zréckzeginn. Dat wier eng sënnvoll Sozialpolitik, déi op der richteger Plaz ukéim.

An der Hoffnung, eng Diskussioun ugereegt ze hunn, soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

*choses comme le collège échevinal. Mais celui-ci ferait bien de revoir sa position. M. Mangen a d'ores et déjà parlé d'adaptations. De toute façon, si l'allocation est plus élevée, les gens auront besoin de moins de soutien pour payer leurs factures. Serge Goffinet propose aussi d'indexer l'allocation. Il rappelle que Differdange touche de nombreux millions supplémentaires grâce à la réforme du financement des communes, et ce, notamment grâce à l'indice social.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *précise que cela ne représente pas grand-chose.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *trouve que cela permettrait de rendre aux gens une partie du gâteau que la commune reçoit. C'est ce qu'il appelle une bonne politique sociale. Il espère que ses idées engendreront des débats.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ajoute que la phase de transition a été introduite sur demande de plusieurs commissions — notamment la commission des finances et la commission sociale. Elle estime qu'il faudra voir comment la situation évoluera après l'année de transition et prendre une décision le cas échéant.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *salue l'introduction d'une phase de transition, une proposition de la commission. Que le dossier n'ait pas été remis au conseil communal cinq jours avant la séance est une bonne chose.*
*Gary Diderich dispose de tableaux reprenant les montants selon divers pourcentages. Il constate que l'on ne peut pas comparer le nouveau système à l'ancien. Pour lui, le changement est pertinent, car le personnel de l'office social a autre chose à faire que des recherches en vue de distribuer des primes.*
*Il soutient les propositions de M. Goffinet. Le nouveau système prévoit des primes de 396 € au maximum alors que de nombreuses personnes touchaient 401 € à 500 € jusqu'à présent. Pour Gary Diderich, ces personnes doivent continuer à obtenir au moins le même*

*montant que maintenant. Il suggère d'augmenter le pourcentage à 20 % ou 25 % pour atteindre 500 € ou 600 €. Cela permettra de soutenir les quelque 120 personnes concernées. Dans le cadre de l'ancien système, les personnes qui ne gagnaient rien avaient droit à une prime plus élevée.*
*Au lieu d'approuver le règlement pour 2020, Gary Diderich propose d'approuver celui de 2019 et d'analyser les chiffres pour voir quoi faire en 2020.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle que la nouvelle version de l'allocation de solidarité comprend deux éléments.*
*Tout d'abord, il faut se demander à qui profite l'offre. Dans ce cas-ci, il s'agit des familles monoparentales, les familles nombreuses, les jeunes et les retraités. Mais de nos jours, même ceux qui travaillent ne sont pas à l'abri de problèmes financiers. Jerry Hartung fait allusion aux « working poor ». Parmi les personnes fragiles, il faut donc compter ceux faisant partie de la classe moyenne inférieure. Les difficultés ne sont pas les mêmes pour tous. Il faut donc un barème pour s'assurer que l'argent arrive bien aux personnes qui en ont le plus besoin.*
*Tout à l'heure, il a été question des pourcentages appliqués par d'autres communes. Mais il faut voir l'envergure de l'ensemble. Jerry Hartung rappelle que l'allocation de solidarité a déjà été augmentée en 2014 et qu'elle augmentera de 20 % l'année prochaine pour passer à 435 000 €.*
*Tous les systèmes doivent être évalués régulièrement. Le système actuel a 11 ans. Un suivi du nouveau système devra être assuré.*
*Jerry Hartung salue la mise en place d'une année de transition.*
*L'ancien système touchait les gens aux revenus les plus faibles. Désormais, davantage de personnes auront droit à l'allocation. C'est pourquoi l'enveloppe allouée a été augmentée. Le nombre de personnes concernées passe de 891 à 1609 unités.*
*Il ne faut pas oublier non plus que l'office social peut aussi soutenir les cas particulièrement difficiles. Cela permet un ciblage plus efficace.*

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Goffinet. D'Madamm Brassel-Rausch Christiane, w.e.gl.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, et bleift mer net méi ganz vill ze soen. Et ass scho villes vu menge Virgänger gesot ginn. Wat déi Iwwergangsregelung betrëfft, wëll ech ervirhiewen, dass dat dem Wonsch vu verschiddene Kommissiounen entspréicht. Souwuel dem Avis vun der Finanzkommissioun wéi der Sozialkommissioun. Ech denken, et ass e Projet à observer. Mir musse kucken, wat d'nächst Joer dorausser gëtt, wann dat Iwwergangsjoer eriwwer ass. An da vläicht erëm eng nei Decisioun huelen.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Mir mussen. Mir mussen eng nei Decisioun huelen.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Den Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech begréissen, dass déi Iwwergangsléisung do komm ass. Dat war an de Kommissiounen diskutéiert ginn. Dat ass eng Ureegung, déi do komm ass. De Prozess, dass mer dat heiten dës Kéier net just eréischt fënnef Deeg am Viraus an engem Dossier kritt hunn, mä dass dat wierklech duerch d'Kommissioune gaangen ass, begréissen ech explizit.

Opgrond vun Nofroen, déi ech an der Kommissioun gemaach hunn, hu mer elo Tableauen, wéi dat mat anere Prozenter ausgesäit. Et kann een net deen ee System tel quel mat deem anere System vergläichen. Prinzipiell ass ze soen, dass e Switch op ee System Sënn mécht. Et gëtt Aarbecht, déi méi wichteg ass fir d'Personal am Office social, wéi esou Dossieren duerchzegoen, also Recherchen ze maachen, fir Primmen ze verginn. Elo hu mer, mengen ech, e System, deen an deem Sënn méi interessant ass.

Déi Ureegung, déi den Här Goffinet gemaach huet, kann ech nëmmen ënnerstëtzen. Mat deem, wat elo proposéiert ass, komme mer op e Maximum vun 396 Euro, jee nodeem wat ee verdéngt, wéi vill Kanner am Menage sinn an esou weider. Bis elo hate mer ganz vill Leit, déi 401 bis 500 Euro kritt hunn, mam System, wéi mer 2018 applizéiert haten. Fir mech ass dat absolutt d'Schmäerzgrenz, dass mat dem Pourcentage, dee mer auswielen, d'Leit op d'mannst op dat kommen, wat se bis elo gréisstendeels kritt hunn.

Et kann een eben net tel quel vergläichen. Dofir denken ech, dass een de Pourcentage op d'mannst op 20 oder 25% soll héijen, dass ee bis op 500 Euro respektiv bis op 600 Euro kënnt. An dass een dann déi Iwwergangsléisung huet, fir déi ronn 120 Leit, déi bis elo méi kritt hunn, well se nach méi Kanner haten. De System war jo en aneren. Wou awer verschidde Leit, déi wierklech näischt verdéngt hunn, oder apparemment näischt verdéngt hunn, ebe méi en héije Montant konnte kréien. An do ass déi Iwwergangsléisung, mengen ech, wichteg.

Ech froe mech, ob mer elo schonn d'Reglement fir 2020 hei solle stëmmen oder ob mer net einfach elo dat fir 2019 kënne stëmmen a kucken, wat dat ergëtt. Wéi entwéckelt sech dat? Mir kréien dann aner Chifferen. Mir gesinn dat dann anescht. An da kënne mer eng Kéier e Bilan maachen a kucken, wéi et sech fir 2020 presentéiert.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Diderich. Här Hartung, w.e.gl.

### JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, dës ganz iwwerschaffte Versioun vun der Allocation de solidarité enthält zwee Elementer. Een Element, dat Wichtegst, do muss ee sech d'Fro stellen, wann een esou ee System ausschafft, fir wien a wéi gëllt dës Offer?

Dat heescht, mer mussen ons d'Fro stellen, wien an eiser Gesellschaft fragiliséiert ass. Do falen engem direkt d'Familles monoparentales, d'Familles nombreuses, déi Jonk oder pensionéiert Persounen an. Zu deem liewe mer leider an enger Zäit, wou och eng Aarbecht ze hunn, keng Garantie méi ass, fir gutt liewen ze kënnen. D'Bezeechnung vu working Poor ëmräisst dëst gutt.

Dat heescht, wa mer kucken, wien hautdesdaags an onser Gesellschaft fragiliséiert ass, een d'Stéit muss abegräifen, déi bis zur ënneschter Classe moyenne matzielen. Jiddereen huet do seng Schwieregkeeten. Natierlech brauch et heifir eng Skala, fir de Leit respektiv de Familllen, déi an Nout sinn, deementspriechend méi Hëllefen zoukommen ze loossen.

Elo grad gouf vill iwwert d'Prozenter geschwat vun anere Gemengen. Do muss een dann och kucken, wat fir eng Envergure dat am Ganzen huet a wéi d'Enveloppe ausgesäit. 2014 gouf d'Allocation de solidarité schonn eng Kéier eropgesat. An elo, fir dat kommend Joer, geet se vun 360.000 op ronn 435.000 Euro erop. Dat heescht, datt mer se ëm 20% erhéijen.

Et si méi Leit do. All System muss reegelméisseg op de Leescht geholl ginn. Dëse System huet elo eelef Joer um Bockel. Dat ass ee ganz neie System. Mä wéi richteg gesot ginn ass, muss een dat an den nächste Jore weider suivéieren. Mir begréissen dat Transitiounsjoer, wat virginn ass a vu ville Kommissioune gefrot gouf.

Virdrun hate mer e System, wou mer eng Enveloppe haten, déi opgedeelt gouf op Leit, déi mat engem ganz niddrege Revenu hei hu musse liewen. Anerer kruten näischt. Elo huet d'Gemeng d'Enveloppe opgestockt an zugläich ass de Seuil eropgesat ginn, well mer esou méi Leit erreechen. Virdrun hate mer 891 Stéit oder Persounen, déi mer erreecht hunn. An Zukunft wäerten et 1.609 Stéit sinn. Dat ass bal eng Verduebelung vu Leit, déi dës Offer an Usproch huele kënnen.

Bei den Härtefäll, wat ugeschwat gouf, mengen ech, wann eng Famill oder eng Persoun trotz dësen an aneren Hëllefe weider Ënnerstëtzung brauch, dass eisen Office social ëmmer nach fir si do ass an et do Méiglechkeete gëtt. Dëst erlaabt zudeem, a verschiddene Situatioune méi präzis ze hëllefen. Also méi e genaue Ciblage fir d'Leit ze maachen. Fir deenen, déi méi Hëllef brauchen, deementspriechend méi Ënnerstëtzung zoukommen ze loossen.

Dat zweet Element, do halen ech mech méi kuerz, dat ass den technesche Volet. Dat heescht, wéi d'Ufro an d'Prozedur ass. Mir begréissen immens, datt déi néideg Prozeduren op e minimalen Opwand reduzéiert goufen. Dëst kënnt de Clienten zegutt, well si net méi mat ze ville Paperasse geplot ginn. Wéi och eise Servicer, déi all dës Dossieren elo méi séier traitéiere kënnen.

Et gouf ugeschwat, datt mat deem viregte System konnt gefuddelt ginn. Ech mengen, dëse System ass méi gerecht.

D'Demande ze stellen ass vereinfacht ginn. Si kann elo dat ganzt Joer iwwer gestallt ginn an net méi just um Enn vum Joer, wat och am Sënn vun de Leit ass.

Mer leenen eis un d'Allocation de vie chère un. D'Leit musse just eemol d'Paperasse beim Staat eraginn. Déi kontrolléieren alles. Mir kënnen eis dann op de Pabeier vum Staat baséieren, wou mer da sécher sinn, datt déi Donnéeën all stëmmen. Wat eis vill Aarbecht erliichtert.

D'CSV stëmmt dës Ännerunge mat. Ech soen Iech Merci.

### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Et sinn e puer ganz interessant Ureegunge komm. Déi Prozentregelung, déi den Här Goffinet genannt huet, ass ganz flott. Ech géif awer gär wëssen, wat déi Gemengen am Budget

*Jerry Hartung passe à la procédure et salue le fait que le temps nécessaire soit réduit au minimum. C'est une bonne chose pour les clients et pour les services communaux.*
*Avec le système précédent, il était possible de tricher. Ce système-ci est plus juste.*
*Les demandes peuvent être introduites tout au long de l'année.*
*Le calcul de l'allocation se fait sur la base de l'allocation de vie chère. C'est donc l'État qui effectue les contrôles. La commune peut être sure que les données sont correctes. Le CSV approuvera les modifications.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *trouve les remarques de M. Goffinet intéressantes. Il se demande cependant quel budget les communes en question allouent à l'allocation. Car si seules trois personnes ont droit aux primes, il est facile de verser 100 % de l'allocation de vie chère. De même, si elles investissaient davantage dans le logement social, elles baisseraient peut-être leurs allocations. De toute façon, les deux communes citées par M. Goffinet ne sont pas de bons exemples : ce sont elles qui devraient s'inspirer de Differdange.*
*(Interruption de M. Goffinet)*
*Roberto Traversini signale qu'il y a dix ans, la commune versait 35 000 € contre 400 000 € aujourd'hui. Parallèlement, la commune a aussi mis en place d'autres services comme Senior Plus, Baby Plus, l'éducation de rue, etc. Elle participe au financement des cartes de membre pour les jeunes. Roberto Traversini mentionne ensuite la boutique de vélo, la laverie automatique et l'« Okkasiounsbuttik ». Si l'on prend en considération tous ces éléments, Differdange n'a pas à se cacher.*
*Roberto Traversini trouve qu'il est trop tôt pour décider quoi faire en 2020. Si à ce moment-là, le conseil communal est d'avis qu'il faut augmenter l'allocation, le collège échevinal n'y verra surement pas d'inconvénient.*
*L'objectif du nouveau système n'est pas de verser moins d'argent, mais d'éliminer ceux n'ayant pas droit à une prime. Comme l'a dit M. Diderich, il vaut mieux attendre avant*

*de prendre une décision pour 2020. Les commissions pourront en discuter.*
*(Interruption de M. Goffinet)*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *demande si le pourcentage est maintenu à 15 %.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que oui.*
*(Interruption de M. Diderich)*
*Roberto Traversini confirme que les demandeurs toucheront au moins la même somme qu'en 2018. Tout le monde n'était pas d'accord, mais Roberto Traversini trouve que c'est une bonne décision. En 2019, personne ne touchera moins qu'en 2018. Ensuite, on verra ensemble pour 2020.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *ajoute que ceux désirant une prime en 2019 devront présenter un certificat du FNS.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que oui.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *constate que le mode de calcul de 2019 n'est donc pas le même qu'en 2018.*
*La proposition de M. Diderich pour 2020 est bonne.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe aux règlements de circulation.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *explique qu'il y a des règlements d'urgence, des adaptations et quelques chantiers.*
*La kermesse de Lasauvage ouvrira vendredi. Georges Liesch en profite pour y inviter les gens.*
*Il mentionne ensuite un chantier dans la rue de la Montagne. Une présentation publique a déjà eu lieu. Le chantier est réalisé en phases.*
*Les autres règlements sont plus classiques : des câbles de Creos, des façades, etc.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe à une lettre d'intention pour soutenir le Pro-Sud dans ses démarches pour obtenir un label.*

hunn, wou se ausbezuelen. Ech hunn absolutt kee Problem, iwwert déi Chifferen ze schwätzen. Mä e Prozentsaz – wann een dräi Stéck an der Gemeng huet, déi gehollef kréien, dann ass et zimlech einfach, deen eropzesetzen. Do géif ech souguer op 100% eropgoen.

A wann déi Gemengen, wou Der genannt hutt, géifen esou vill an de soziale Wunnengsbau stiechen, wéi mir gestach hunn, géife se vläicht déi Prozenter erëm erofsetzen. Da géife se déi Prozenter vläicht a Wunnenge stiechen. Ech mengen, datt déi zwou Gemengen, déi Der genannt hutt, kee Beispill sinn, fir sech e Bild ze maachen. Just au contraire, déi hätte besser, sech e Beispill un eiser Sozialaarbecht ze huelen.

(Interruptioun)

Dofir muss een dann och wëssen, wéi vill se ausbezuelen. Ech wëll just soen, viru knapps zéng Joer, op alle Fall säit ech de Sozialvolet iwwerholl hunn, hu mer tëschent 25.000 a 35.000 Euro ausbezuelt. A mir leien haut iwwer 400.000 Euro. Dat heescht, dat sinn 1.000%, woumat mer déi lescht zéng Joer awer deene Leit gehollef hunn. Ech wëll awer soen, vu wou mer kommen.

Dat verschléisst awer natierlech net, fir nëmmen alles am Geld ze maachen. Dat ass natierlech wichteg. Mä mir hunn awer nach ganz vill aner Servicer niewendrun opgebaut. Et ass jo net nëmmen, datt mer de Leit mat Geld hëllefen. Mir hunn eng ganz Partie Leit agestallt, fir deene Leit och aneschters ze hëllefen, sief dat mam Senior plus, mam Baby plus, mat der opsichender Jugendaarbecht. Mir investéiere ganz vill an d'Memberskaarte vun deene Jonken, déi och gehollef kréien. Dat ass och eng Hëllef. Vun eiser Epicerie guer net ze schwätzen, vun eisem Vëlosbuttek, vun eisem Wäschsalon, vun eisem Occasiounsbuttek. Wou déi Leit, déi schwaach dru sinn, Saachen och méi bëlleg kréien. Wann een dat alles zesummerechent, ech mengen, da brauche mer eis hannert kenger Gemeng ze verstoppen.

Et ass richteg, datt et net sënnvoll wier, elo schonn ze soen, wat mer 2020 maachen. Kommt mer waarden zesummen of, wat elo geschitt. A wa mir all der Meenung sinn, mir sollen do nach méi hëllefen, da mengen ech net, datt de Schäfferot do e Problem wäert hunn, fir deene Leit méi ze ginn.

D'Iddi war op alle Fall net, datt se manner kréien. Mä, datt mer déi erausschielen, déi näischt méi zegutt hunn. An dat ass och gutt esou. D'Iddi ass op alle Fall net, fir deene Leit, déi Hëllef brauchen a mussen hunn, eppes ewechzehuelen. Dofir géif ech mengen, datt déi Iddi soll genotzt ginn.

Mir loossen dat Reglement vun 2020 ewech. A mir géifen dat am Laf vum Joer, wéi den Här Diderich gesot huet, an déi verschidde Kommissioune mathuelen an diskutéieren. An dann eng Propos maachen, wéi mer dat upassen 2020. An da mengen ech, datt een da kann un de Riedercher dréien.

An da mengen ech, kéinte mer zum Vott kommen.

Här Diderich, ganz gären.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

A mir bleiwen awer bei 15%?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mir bleiwen elo fir 2019 bei 15%, jo. Mat Adaptatiounen, datt 2019 jidderee wéinstens dat kritt, wat en 2018 kritt huet. Mä och dat war e Kampf, datt dat iwwerhaapt drakënnt. Well et waren och Iddien dobäi, dat net ze maachen. Ech mengen awer, datt et gutt war, datt mer dat gemaach hunn. 2019 wäert kee manner kréie wéi 2018. An 2020 kucke mer zesummen.

Här Goffinet, w.e.gl.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Jo, éischtens zesummen. Dat war och de Sënn vun där ganzer Geschicht. Ech wollt awer och soen, deen deen elo 2019 eppes kritt, dee muss e Beleeg vun der FNS hunn, wuelbemierkt. Et ass elo net deen ale Modus. Dee muss 2019 de Beleeg vun der FNS hunn, dass en eppes zegutt huet. Deementspriechend fält en an déi Regelung, iwwert déi mer elo ofstëmmen. An 2020, dat ass eng ganz gutt Propos vun Iech, Här Dide-

rich, fir et da frësch ze benennen an ze kucken. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Exzellent. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification du règlement communal sur l'allocation de solidarité.*

Merci. Den nächste Punkt sinn eis Verkéiersreglementer. Här Liesch, w.e.gl.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Dës Kéier sinn eng Partie Reglement-d'urgencen drop, et si kleng Adaptatioune vun eisem Verkéiersreglement an eng Partie Chantieren drop. Ech wëll der just e puer erauspicken.

D'Lasauvager Kiermes geet elo dëse Freideg op. Dat ass eent vun de Reglementer. Ech profitéieren, fir d'Leit dohinner ze invitéieren, fir e Freideg op Lasauvage ze kommen.

Dann ass ee Reglement an der rue de la Montagne, wou e Chantier am Gaang ass, fir déi Strooss ganz frësch ze maachen. Do hate mer eng Presentatioun fir d'Leit alleguerten. Dat Reglement wäert eis an deenen nächste Gemengeréit nach begleeden, well dat a Phase weidergeet. Dat sinn déi zwee, déi ech erausgepickt hunn.

All déi aner si klassesch Saachen, zum Beispill wou d'Creos Kabele gezunn huet, wou Fassade gemaach ginn, wou eppes gebaut gëtt. Ausser Dir hätt ee fonnt, wou Der nach eng Fro hutt, da géif ech dorobber äntwerten, wann ech d'Äntwert weess.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mir géifen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Deen nächste Punkt ass ganz wichteg fir dee ganze Süden. Net nëmme fir d'Stad Déifferdeng. Dat ass eng Lettre d'intention fir de Pro-Sud ze ënnerstëtzen, fir datt déi ganz Regioun de Label kritt. Ech wëll ganz kuerz erklären. Här Schwachtgen an Här Liesch, et ass och ganz wichteg fir Iech, zemools bei deem heite Projet. Et geet am Fong geholl drëms, de Süden op eng Weltkaart ze setzen. Am Moment sinn et net manner wéi 700 Regiounen. Menger Meenung no ass et eng enorm Chance, net nëmme fir haut, mä fir eis Regioun an Zukunft wierklech nohalteg ze gestalten.

Wann ee gesinn huet wéi sech deen Dossier an de leschte Méint entwéckelt huet, wéi eng Begeeschterung lues a lues an deenen eelef Gemengen zustane komm ass, dann ass dat immens wichteg an immens flott. An ech wëll jiddwerengem Merci soen, deen et dohinnerbruecht huet.

Net nëmmen hu mer et fäerdegbruecht, d'Demande fir e Label ze maachen. Soudatt de Pro-Sud unanime decidéiert huet, dee Prozess an d'Weeër ze leeden. An déi Kandidatur, déi sech stellt, do wär et flott, wann déi eelef Gemengen dat Ganzt elo nach mat engem Bréif géifen ënnerstëtzen.

Mir hunn et wierklech fäerdegbruecht, eis méi no ze kommen an d'Gemengegrenzen aneschters ze gesinn, wéi dat bis elo de Fall war. Et ass net nëmmen eng Saach, fir e Label ze hunn. Mä et ass an éischter Linn, fir an noer Zukunft vill méi intensiv zesummenzeschaffen.

Wat och nach flott an deem Dossier ass, ass, datt versicht ginn ass, ganz vill Jonker mat ze integréieren. Net nëmmen hu mer et fäerdegbruecht, an eelef Gemenge Biergerbefroungen ze maachen – heiansdo positiv, heiansdo negativ, mä et ass ganz vill Input komm. Et ass och fäerdegbruecht ginn, Jonker ganz intensiv un deen Dossier ze bréngen. Vläicht nach net genuch, mä et ass um gudde Wee.

*L'objectif est de placer le sud du pays sur la carte mondiale. Actuellement, moins de 700 régions disposent du label en question. Il s'agit donc d'une chance énorme pour la région et son avenir.*
*Le dossier s'est bien développé et les 11 communes ont été prises d'enthousiasme. Roberto Traversini remercie toutes les personnes impliquées. Le Pro-Sud a décidé à l'unanimité de lancer la procédure et de poser sa candidature. Roberto Traversini voudrait en outre que les 11 communes soutiennent le projet à travers une lettre. Désormais, les frontières communales sont vues un peu différemment. Car l'objectif n'est pas seulement de disposer d'un label, mais de collaborer plus fortement à l'avenir.*
*Beaucoup de jeunes ont participé à la réalisation du dossier. Les 11 communes ont demandé l'avis de la population. Cinq groupes de travail ont vu le jour. Ils comprennent des personnes intéressantes disposées à partager leur savoir. En tout, il s'agit d'une cinquantaine de personnes de diverses institutions.*
*Roberto Traversini rappelle que le dossier a été présenté il y a deux semaines dans la brasserie de Käerjeng. Il mentionne la présidente de la commission de l'UNESCO au Luxembourg, Simone Beck, ainsi qu'Isabelle et Gaëlle du Pro-Sud, qui ont parfaitement préparé ce dossier complexe.*
*Le label constituerait une bonne chose non seulement pour Differdange, mais aussi pour le sud, le pays et la région. Roberto Traversini salue l'unité affichée il y a deux semaines à Käerjeng.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que le label de qualité en question permettra au patrimoine industriel d'obtenir la valeur qu'il mérite et au tourisme dans la région de se développer. Le label en question garantit aux touristes qu'une visite des lieux en vaut la peine.*
*Ce projet rapproche la nature, les hommes et l'industrie. Et comme l'a dit le bourgmestre, les communes participantes collaborent de manière étroite.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *répète que le programme prévu doit réunir les*

*hommes et la nature. Une importance particulière est accordée à la biodiversité.*
*Le passé industriel a fait évoluer les paysages du sud, mais aussi la population à travers le mélange des nationalités et le développement des villes industrielles.*
*Le passé industriel doit être analysé avec des méthodes socioéducatives, économiques, culturelles, touristiques et écologiques. L'objectif est une coopération entre les 11 communes du sud pour établir un partenariat national et transfrontalier, développer une identité, renforcer l'économie, protéger la nature, proposer des activités industrielles, organiser des évènements culturels…*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *est content que Mme Pregno ne soit pas là aujourd'hui. Il cède la parole à M. Liesch.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *constate que le projet concerne de nombreux ressorts. Le collège échevinal est conscient de son importance.*
*Georges Liesch souligne les efforts accomplis dans le domaine de l'environnement au cours des dernières décennies à Differdange. Depuis l'année dernière, Differdange est la seule commune à avoir deux zones naturelles protégées sur son territoire.*
*Le label de l'UNESCO représente une reconnaissance pour tous ceux qui s'investissent dans le domaine de l'écologie. Le patrimoine est valorisé de Dudelange à Differdange.*
*M. Mangen a parlé de coopération transfrontalière. C'est important, parce que la nature ne s'arrête pas à la frontière. La France se trouve à trois mètres de la Ferme rouge.*
*Georges Liesch s'est toujours montré sceptique envers le Pro-Sud, mais il doit constater qu'ils ont enfin réussi à présenter un projet qui en vaut la peine et qui peut être réalisé par l'ensemble du syndicat. L'orientation politique et les affinités personnelles des différents membres ne permettent pas toujours un partenariat efficace. C'est pourquoi Georges Liesch trouve ce projet aussi important.*
*Il espère que la nature dans le sud du pays pourra être valorisée. Les rapports environnementaux de ces*

Mir hunn et fäerdegbruecht, fënnef Aarbechtsgruppen ze realiséieren. Et steet och dran, wéi eng et sinn. Mat extrem, extrem interessante Leit. Leit, déi e gewëssent Wëssen hunn an dat Wëssen och wëllen deelen an zesummebréngen. Dat sinn tëschent 40 a 50 Leit, dat geet vun der Uni bis zum LISER, dat geet wierklech queesch duerch d'ganz Institutiounen. Dat ass flott.

Ech zielen Iech elo net dee ganzen Dossier op, deen hutt Der virleien. Et ass jo och eng flott Presentatioun gemaach ginn, virun zwou Wochen zu Käerjeng an der Brauerei. Dat war schonn eng ganz impressionnant Presentatioun. An och herno déi Froestellung. Well et war kee méi, deen eng Fro gestallt hat. Deen Dossier war esou komplex an esou gutt presentéiert, datt jiddwereе sech dee Moment iwwerzeege konnt.

An dat war just méiglech mat deene ganz interessante Leit. Ënner anerem duerch d'Simone Beck, Presidentin vun der Unesco-Kommissioun hei zu Lëtzebuerg, mat zwou Mataarbechterinne vum Pro-Sud. Sief dat d'Isabelle oder d'Gaëlle, déi deen Dossier wierklech extrem gutt preparéiert haten.

Et wier gutt, net nëmme fir d'Stad Déifferdeng, mä fir dee ganze Süden, d'ganzt Land a wäit doriwwer ewech, wa mer dat géife fäerdegbréngen, wat mer zu Käerjeng virun zwou Woche fäerdegbruecht hunn: eng Unitéit an deen Dossier, an déi Kandidatur ze kréien an dee Bréif bäizeleeën.

Här Ulveling, w.e.gl.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, als Kulturschäffe freet ech mech, dass sech an dësem Unesco-Projet, wat jo e Gütesiegel ass, ganz vill fir de Patrimoine industriel agesat gëtt. Dass deen elo seng richteg Valeur kritt. Dat wäert dozou bäidroen, den Tourismus an eiser Regioun ze beliewen.

Well en Unesco-Label ass e Gütesiegel. Do kënnen d'Leit sécher sinn, wa se dohinner kommen, dass do wierklech eppes ze kucken ass. Mech freet et wierklech, dass d'Natur mat de Mënschen, mat der Industrie, mat der aler Industrie verbonne gëtt. Ech fannen déi Iddi immens gutt. Wéi de Buergermeeschter gesot huet, et bréngt eis als Gemeng zesummen. An dat ass och e wichtege Volet vun deem Ganzen. Dat wollt ech just kuerz bemierken.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Den Här Mangen seet och nach zwee, dräi Wierder.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Zwee, dräi kleng Wierder. De virgesinne Programm soll d'Verbindung tëschent dem Mënsch an der Natur verbesseren. Heibäi gëtt e grousse Wäert op d'Biodiversitéit geluecht, déi geschützt soll ginn.

Duerch déi industriell Vergaangenheet ass net nëmmen d'Landschaft am Süde verännert ginn, mä och d'Bevëlkerung. Mam Vermësche vun deenen ënnerschiddlechen Nationalitéiten an der Entwécklung vun den Industriestied. Déi al industriell Vergaangenheet soll mat där zukünfteger, méi digital orientéierter Gesellschaft mat sozioedukativen, ekonomeschen, kulturellen, touristeschen an ëmweltfrëndleche Methoden analyséiert ginn.

D'Zil ass eng Zesummenaarbecht vun deenen eelef Südgemengen, fir ënner anerem e Partenariat national an transfrontalier unzestriewen, eng eegen Identitéit ze entwéckelen, déi lokal Wirtschaft unzekuerbelen, den Tourismus ze entwéckelen, nei industriell Aktivitéiten unzebidden, d'Natur ze schützen, edukativ a kulturell Evenementer ze organiséieren.

Zesummefaassend: Déi ganz Südgemenge sollen an Zukunft als eng eegestänneg Identitéit funktionéieren, mat engem Zesummespill tëschent mënschlecher Aktivitéit an Natur. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Den Här Liesch, w.e.gl.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Dir gesitt, dëse Projet ass immens Ressortiwwergräifend, wat eis am Schäfferot eenegt, wat d'Wichtegkeet vun dësem Projet ugeet. Am Ëmweltberäich kann ech soen, dass dëse Projet enorm flott ass fir déi Aarbecht, déi mer an deene leschte Joerzéngten hei zu Déifferdeng gemaach hunn, andeem mer eis Ëmwelt ëmmer konsequent geschützt hunn.

Ech erënneren drun, dass mer d'lescht Joer nach en zweet Naturschutzgebitt am Gemengerot gestëmmt hunn. Soudass mer déi eenzeg Gemeng mat zwee Naturschutzgebidder sinn.

Den Unesco-Label, falls mer e kréien, ass fir all déi Leit, déi sech am Ëmweltberäich asetzen, eng Unerkennung fir déi vill Aarbecht, déi do geleescht ginn ass. An eng Wäertschätzung fir de Patrimoine, dee mer hunn. Deen net zu Déifferdeng ophält, mä vun Diddeleng bis Déifferdeng eriwwergeet, wou mer vill Saachen erëmfannen.

Den Här Mangen huet déi Transfrontalier-Saachen ugeschwat. Ech fannen dat en immens wichtegen Aspekt. En Aspekt, wou mer, mengen ech, am Projet nach e wéineg méi mussen dru feilen an dru schaffen. Well eis Natur hält eben net op der Grenz op. Mir wëssen dat besser wéi vläicht anerer. Mir sëtzen hei direkt op der Grenz. Wann een uewen um Roudenhaff steet an dräi Meter eriwwergeet, ass een a Frankräich. An et huet een déiselwecht bewonnerenswäert Natur. An déi musse mer mat an dëse Projet integréieren.

Ech wëll nach ënnersträichen, dass ech et perséinlech immens flott fannen, dass de Pro-Sud, deem ech an deene leschten zéng Joer ëmmer mat Skepsis begéint sinn, endlech e Projet op den Dësch leet, wou et derwäert ass, dass et de Pro-Sud gëtt. Et ass ee Projet, dee wéi d'Fauscht op d'A passt, well dat net eng Gemeng eleng oder dräi Gemengen eleng kënne maachen, mä e Syndikat, deen d'Gemenge vereenegt, fir dëse Projet ze maachen.

Dat ass wierklech eng riseg Unerkennung un de Pro-Sud. Dass et e gëtt, an dass dëse Projet iwwer si ofgewéckelt gëtt a sech de Pro-Sud och d'Moyene ginn huet, fir dee Projet hei kënnen ze maachen. Well wann ee weess, wéi déi perséinlech Affinitéiten zum Pro-Sud sinn, an och déi politesch Orientéierung, ass dat keen einfache Match, dee si do maachen.

Ëmsou méi flott fannen ech et dann, dass de Pro-Sud et fäerdegbréngt, an enger sachlecher Diskussioun all d'Gemengen aus dem Süden op dëse Projet hei ze fokusséieren. An all Gemeng aus dem Süde seet, dat do ass wichteg fir eis Regioun, dass mer dee Projet kënnen ëmsetzen.

Ech hoffen, dass mer, mat deem Elan, mat deem mer hei virukommen, eis Natur hei ënnen am Süde wierklech valoriséiert kréien, immens geschützt kréien, nach méi wéi elo. Well all déi Berichter, déi mer an der leschter Zäit ze liese kréien, wat den Ëmweltschutz ugeet, eis éischter Suerge maachen. An dat heiten emol endlech e positiivt Signal fir eis Ëmwelt ass.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Ech géif d'Diskussiounsronn opmaachen. Här Goffinet, w.e.gl.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, uganks wëlle mir als LSAP direkt soen, mir ënnerstëtzen d'Initiativ vun der Commission Nationale pour la Coopération avec l'Unesco, fir zesumme mat Pro-Sud eng, wéi et och nach heescht, Minett-Unesco-Biosphär ze kréien. Dëse Begrëff gefält mer u sech besser. Well mer haut bei deene Jonken net onbedéngt méi wëssen, wat an der Minettregioun geschitt ass.

Vun eiser Säit, der Madamm Simone Beck, zesumme mat hirem Comité, dee sech säit e puer Jore mat dësem Sujet ofgëtt, e grousse Merci.

De Projet „Man and the Biosphere" ass fir d'Südregioun, a speziell Déifferdeng, eng grouss Chance. Fir engersäits déi Biotopen, déi am Süden no der Stëllsetzung vum Ofbau vun der Minett am Dagebau entstane sinn, nach méi ze valoriséieren. A gläichzäiteg de Mënsch matanzebezéien. Sief dat eis haiteg Gederniers mois occasionnent bien des tracas. Cette fois-ci, la nouvelle est positive.

---

*derniers mois occasionnent bien des tracas. Cette fois-ci, la nouvelle est positive.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *soutient l'initiative de la Commission nationale pour la coopération avec l'UNESCO pour créer une biosphère Terres-Rouges-UNESCO. Aujourd'hui, les jeunes ne connaissent plus nécessairement l'histoire des Terres-Rouges.*
*Les socialistes remercient M^me^ Simone Beck, qui s'occupe de ce sujet depuis quelques années.*
*« Man and the Biosphere » représente une chance pour valoriser les biotopes de la région du sud et d'intégrer les hommes au projet — que ce soient les générations actuelles ou les immigrés ayant travaillé dans les mines ou les galeries en plein air. Le « Giele Botter » a été créé dans les années 1960. Le minerai de fer y a été extrait jusqu'en 1977. Depuis 1991, on parle de réserve naturelle Prënzebierg-Giele Botter. Plus tard, elle est devenue une zone Natura 2000 de cent hectares.*
*La nature a repris ses droits dans les Terres-Rouges. Serge Goffinet mentionne le « Lallenger Bierg », un terrain de 267 ha entre Esch, Schifflange et Kayl. Un film promotionnel de l'ORT Sud sur les pistes de VTT a rendu ce site célèbre. C'est d'ailleurs l'ORT Sud, qui a introduit des expressions comme « Red-Rock-Trail » ou « Minett-Tour ».*
*Le label de l'UNESCO représente une grande chance pour la région. Differdange dispose déjà du Minettpark, mais il reste beaucoup à faire. Serge Goffinet mentionne le Giele Botter, le Prënzebierg et le Tëttelbierg. La fonte du minerai de fer y avait déjà lieu 300 ans avant Jésus-Christ. Un centre de documentation est nécessaire pour les futures générations.*
*Le projet MAB constitue une initiative durable s'inscrivant parfaitement dans Esch 2022. Un parcours pourrait être aménagé de Clemency à Dudelange à travers les Terres-Rouges.*
*Pour les socialistes, la candidature de la région sud au label de l'UNESCO constitue une grande chance.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *se dit honoré de défendre ce dossier, même s'il suppose que M. Schwachtgen va dire quelques mots.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *le croit aussi.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *soutient la candidature. Le programme vise à établir une base scientifique pour améliorer les relations entre l'homme et la nature. L'objectif principal de MAB consiste à réduire la perte de la biodiversité en tenant compte des aspects écologiques et économiques.*
*MAB est un programme pluridisciplinaire touchant les sciences exactes et naturelles, les sciences sociales et économiques, et l'éducation.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *demande à M. Aguiar s'il peut l'interrompre.*
*(Interruption de M. Diderich)*
*Roberto Traversini sait que M. Diderich doit partir. C'est pourquoi il propose de lui céder la parole et de revenir à M. Aguiar ensuite.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *est d'accord.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *plaisante sur le fait qu'il peut reprendre son souffle. En tout cas, il n'aurait pas osé interrompre M. Schwachtgen.*
*(Rires)*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *s'excuse. Il doit aller travailler. Il a repoussé ce qu'il a à faire ; autrement, il n'aurait pas pu participer à la réunion.*
*Déi Lénk soutient l'initiative en question. Les défis décrits dans le dossier sont corrects. Il y est question d'eau potable, d'alimentation, etc. Gary Diderich rappelle dans ce contexte que le Luxembourg ne produit que peu des aliments consommés. Il s'agit aussi de préserver la biodiversité et les paysages. Le projet va dans la bonne direction.*
*Gary Diderich doit se dépêcher. Il espère que son vote pourra être pris en considération.*

neratioun wéi déi Generatioune vun Immigranten, déi den Ofbau vun der Minett, sief et an de Galerien oder ënner fräiem Himmel iwwerhaapt méiglech gemaach hunn.

Eist gréisst Dagebaugebitt ass bekanntlech de Giele Botter, deen an de 60er Jore geschaaft gouf. Wou bis 1977 Eisenäerz, déi sougenannte Minett, ofgebaut gouf. Haut schwätze mir vum Naturreservat Prënzebierg-Giele Botter, dat 1991 ënner Naturschutz gestallt gouf an duerno an d'Natura2000-Schutzzon opgeholl ginn ass. Dëst Reservat huet ronn 100 Hektar.

Awer och aner Plazen am Minett huet d'Natur zréckeruewert. Zum Beispill erëm en Dagebaugebitt, Brucherbierg-Lallengerbierg. E Gebitt vun 267 Hektar, wat sech vun Esch iwwer Schëffleng bis Käl erstreckt. Duerch de Promotiounsfilm vum ORT Sud fir Mountainbikespisten – fir déi Leit, déi Mountainbike hei fueren –, konnte mer d'Besonneschkeet vun dëser Red-Rock-Landschaft bewonneren.

Iwwregens war et den ORT Sud, deen d'Begrëffer wéi Red-Rock-Trail a Minetttour agefouert huet, nodeems en d'touristesch Attraktivitéit vun der Minettregioun, et kënnt ee bal behaapten, nei entdeckt huet.

Fir op Déifferdeng zréckzekommen, am Unesco-Label gesi mir eng grouss Chance fir eis Regioun. Wou et jo schonn de Minettpark gëtt. Mä et bleift nach vill ze dinn. Mir hunn eng Partie Natur vum Giele Botter a Richtung Nidderkuer, Prënzebierg an och op där anerer Säit a Richtung Péiteng a Rodange, déi mat an de Projet afléisse kann.

Dann den Tëtelbierg, d'Réimer- a Keltesiidlung. Op dëser Plaz konnt d'Aschmëlze vun Eisenäerz iwwer Schlaken nogewise ginn an dëst schonn 300 Joer viru Christus. Et huet sech hei ëm dat sougenannte Bohnerz, wéi och Rasenerz gehandelt. De Site Tëtelbierg, d'Industriekultur am Fond-de-Gras, e Besucher- an Dokumentatiounszenter, deen hei muss entstoen, sinn alles nohalteg Initiativen, déi mir den zukünftege Generatioune schëlleg sinn.

Déi Elementer, déi bis elo am Dossier ausgewise ginn, beweisen, dass mer et am Projet MAB mat enger ganz nohalteger Initiativ ze dinn hunn, déi ganz kloer bei Esch2022 passt. Et ass envisagéiert, e Parcours ze amenagéieren, dee vu Kënzeg bis Diddeleng, duerch déi ganz Minettregioun, soll verlafen.

Bei dëser Geleeënheet wollte mir op de Projet „Interreg Land Art“ hiweisen. Fir dësen am Kader vum MAB erëm opzegräifen als e Projet transfrontalier. D'LSAP gesäit an der Kandidatur vun der Südregioun als Unesco-Label eng grouss Chance. Mir als LSAP ënnerstëtzen d'Kandidatur vum Pro-Sud zu 100%. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Goffinet. Här Aguiar, w.e.gl.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären avant tout je souhaiterais vous faire part que je suis un peu honoré quand même de défendre ce dossier et d'avoir la complaisance de monsieur Schwachtgen, qui va surement dire quelques mots par après.

Bien évidemment que nous acceptons et soutenons la candidature pour le label Réserve de biosphère du programme l'Homme et la biosphère de l'UNESCO.

C'est important pour nos citoyens de dire ce que c'est : c'est un programme visant à établir une base scientifique pour améliorer les relations homme/nature au niveau mondial. Ça n'a pas commencé maintenant ici, ça a commencé dans les années 70. « Man and the Biosphere » propose un agenda de recherche interdisciplinaire et encourage le renforcement des capacités. Les objectifs principaux : réduire la perte de la biodiversité et d'entrainer les aspects écologiques, sociaux et économiques.

Pour qu'il touche à des problèmes à la croisée de plusieurs domaines scientifiques et écologiques, sociétaux et du développement, le MAB rassemble plusieurs disciplines. Les sciences exactes et naturelles, les sciences sociales, l'économie et l'éducation. Améliorer les en-

vironnements humains et préserver les écosystèmes naturels.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Aguiar, ech maachen dat net ganz gär, ech géif Iech ënnerbriechen an dem Här Diderich d'Wuert ginn. Den Här Diderich muss fort. Et ass net üblech. Ech hat dat vergiess, Här Aguiar. Wann Der wëllt, da kënnt Der nach e bësse Loft huelen. Et ass net üblech, entschëllegt. Bei Iech trauen ech mech dat. Beim Här Schwachtgen hätt ech mech net getraut.

(Gelaachs)

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Kee Problem, Här Buergermeeschter. Et ass kee Problem.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Pardon, ech wollt Iech elo net ënnerbriechen, Här Aguiar. Ech muss just wéinst der Aarbecht fort. Ech hunn dat verluecht kritt. Soss hätt ech guer net kéinten un der Sëtzung deelhuelen.

Ech wëll kuerz soen, dass ech als Vertrieder vun déi Lénk déi doten Initiativ ënnerstëtzen. Et ass ganz wichteg. An och d'Defien, déi opgezeechent ginn am Dossier, sinn déi richteg. Et geet do ëm d'Drénkwaasser, et geet ëm d'Alimentatioun. Dass mer zu Lëtzebuerg net vill Nahrung selwer produzéieren, déi mer consomméieren an dat och an eiser Regioun feelt.

Dofir ass et wichteg, all Initiativ an déi Richtung ze ënnerstëtzen. An natierlech nach méi déi, déi an déi Richtung ginn, wou d'Biodiversitéit an d'Landschaft erhale bleift a geférdert gëtt. D'Fro ass: Wat wäert konkret doraus ginn? D'Richtung ass déi richteg. An deem Sënn kann ech déi nëmmen ënnerstëtzen.

An entschëllegt mech, dass ech awer elo goe muss. Ech weess net, ob een de Vott scho positiv notéiere kann. Wahrscheinlech kréie mer dat hin. Merci villmools. Äddi.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech si richteg frou, dass ech Iech d'Wuert nach ginn hunn, Här Diderich. Här Aguiar, entschëllegt, Dir kënnt elo weiderfueren.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Buergermeeschter. Je disais : soutenir une relation durable entre l'homme et son environnement, tout en favorisant la grande qualité de vie en mettant l'accent sur l'identité propre de la région où les points en évidence seront soulignés. Tel que le passé industriel, la reprise de possession de la nature sur les anciens sites miniers, la forte densité démographique et le multiculturalisme du sud du Luxembourg. Je rappelle que la Ville de Differdange comporte 113 nationalités. Et dans l'ensemble du pays du Luxembourg 170. Et également le caractère urbain particulier pour cette dénomination.

Une candidature qui est faite par le syndicat Pro-Sud, que je salue pour son engagement et le travail qualitatif réalisé jusqu'à maintenant. J'étais également présent à Bascharage. C'était une présentation très claire où personne n'a vraiment émis des objections par rapport aux objectifs du projet.

Qui est également soutenu par la Commission luxembourgeoise pour la coopération avec l'UNESCO et rédigé par un collectif intersectoriel de professionnels issus des secteurs associatifs et publics ainsi que d'acteurs dans le domaine des sciences naturelles, de la protection de la nature, de l'éducation, du développement durable, de la recherche scientifique, du tourisme et de la culture, qu'il est important de mettre en évidence.

Pourquoi faisons-nous cette candidature ? La réponse est simple, mais en même temps alarmiste. Car notre réserve de biosphère fait face à différents

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *se dit content de lui avoir accordé la parole. Il revient à M. Aguiar.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *rappelle qu'il s'agit de soutenir une relation durable entre l'homme et son environnement tout en mettant l'accent sur l'identité de la région avec son passé industriel, les anciens sites miniers, la densité démographique et le multiculturalisme. Il souligne le fait que Differdange compte 113 nationalités et l'ensemble du Luxembourg 170.*
*La candidature a été posée par le Pro-Sud. Paulo Aguiar salue l'engagement du syndicat, qui a réalisé un travail de qualité.*
*Il a assisté à la réunion de Bascharage et a pu constater que personne n'a critiqué les objectifs du projet, qui est soutenu par la Commission luxembourgeoise pour la coopération avec l'UNESCO. Des acteurs des domaines des sciences naturelles, de l'éducation, du développement durable, de la recherche scientifique, du tourisme et de la culture y participent.*
*La candidature est nécessaire parce que la réserve de biosphère fait face à différents défis comme le déséquilibre dans l'utilisation des sols, la diminution de l'attractivité des villes ou le manque de logements abordables. Chaque ménage luxembourgeois voudrait une maison individuelle et il faut faire en sorte que ce soit possible. Des mesures sont nécessaires pour stabiliser l'évolution des prix courants de l'immobilier.*
*Paulo Aguiar trouve également alarmant que 70 % des espèces ne se trouvent pas dans un état de conservation stabilisée et que 75 % des habitats naturels soient dans un état non favorable. Les forêts se dégradent. Les terres agricoles disparaissent. C'est pourquoi un projet régional permettant de gérer la dynamique spatiale et de garantir la qualité de vie des habitants dans le respect de l'environnement et des objectifs du développement durable est nécessaire.*
*Cela passera par différents ministères, administrations communales, syndicats intercommunaux, commissions, administrations environnementales, ASBL, etc. C'est là*

*qu'il est important de disposer de l'engagement des jeunes.*
*Les citoyens sont des acteurs essentiels pour la gestion de l'ensemble de la réserve de biosphère. Parmi les projets mis en évidence dans le dossier figurent la valorisation du patrimoine industriel, la mise en réseau des institutions culturelles et le tourisme durable.*
*Pour Paulo Aguiar, il est également important de profiter d'Esch 2022 en lien avec les objectifs de la réserve de la biosphère.*
*Les jeunes peuvent être impliqués dans la gouvernance du programme et la mise en œuvre des projets concrets.*
*Parmi les zones centrales du futur MAB figurent la zone naturelle Giele Botter ou le parc naturel Haard à Dudelange. Elles sont entourées de zones tampons dont la protection est soumise à des programmes Natura 2000. La nature reprend ses droits et Paulo Aguiar s'en félicite.*

---

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *constate qu'il ne reste pas grand-chose à dire. Elle trouve que c'est un superbe projet.*
*Les démocrates soutiennent la candidature de la région du sud pour l'obtention du label « Réserve de biosphère ». Il s'agit d'une bonne publicité pour Differdange, ses sites naturels, son patrimoine industriel, etc.*
*Christiane Saeul y voit un formidable défi pour la région et ses 11 communes.*

---

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *trouve superbe que M^me Saeul parle de projet superbe.*

---

**GUY TEMPELS (CSV)** *salue à son tour la candidature pour le label de l'UNESCO « Man and the Biosphere ». Le projet constitue une plus-value pour Differdange, les Terres-Rouges et la région.*
*Les chrétiens sociaux soutiennent ce projet améliorant la qualité de vie dans la région.*

---

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *souhaite connaitre le fonctionnement exact de ce projet. Sera-t-il coordonné à partir d'un site central ou par les régions ?*

défis : l'étalement urbain, les déséquilibres régionaux dans l'utilisation des sols, une diminution de l'attractivité des villes, la répartition inégale de logements abordables. Nous faisons face au risque d'une discrimination sociale et spatiale accrue des groupes défavorisés.

Je pense que chaque ménage luxembourgeois souhaite avoir une maison individuelle. Et nous devons faire en sorte que leurs souhaits se réalisent. Malheureusement, ce n'est pas toujours possible. L'évolution des prix dans le secteur du logement étant exagérée, il est important de prendre de nouvelles mesures pour stabiliser cette évolution. Afin de permettre aussi aux personnes aux revenus moins élevés de construire au moins un logement.

La surconsommation foncière fragmente le paysage, mais menace encore davantage la biodiversité.

Également alarmiste est le fait que 70 % des espèces ne sont pas dans un état de conservation stabilisée. 75 % des habitats naturels sont dans un état non favorable. En particulier les habitats aquatiques et les paysages ouverts.

L'état sanitaire des forêts se dégrade continuellement sous l'effet combiné de la pollution de l'air et du changement climatique. La disparition des terres agricoles ne permet pas d'envisager une augmentation conséquente des productions alimentaires dans notre région.

C'est pour cela que nous souhaitons et nous soutenons le projet à vocation régionale, permettant en partenariat avec tous les parties prenantes de gérer une dynamique spatiale afin de garantir la qualité de vie des habitants et habitantes. Ceci dans le respect de l'environnement et de l'application des objectifs du développement durable dans l'agenda de 2030.

Ça passera bien évidemment par différents ministères, par différents administrations communales, syndicats intercommunaux et commissions communales, la commission luxembourgeoise pour la coopération avec l'UNESCO, différentes administrations de protection de la nature et des forêts comme l'ASBL natur&ëmwelt, des instituts de recherche, universités du Luxembourg et écoles… Et c'est là où est l'importance également d'avoir l'engagement de nos jeunes.

Les citoyens sont des acteurs essentiels pour la gestion de l'ensemble de la réserve de biosphère. Tout ça partagé par différentes catégories afin de mieux encadrer l'organisation de la gérance, comme la représentation de la politique, la protection de la nature, la promotion touristique et culturelle, etc. Il y a beaucoup de grands projets qui sont mis en évidence dans le document. J'aimerais citer par exemple la valorisation du patrimoine industriel, la mise en réseau des institutions culturelles, le tourisme durable, pérenniser Esch 2022, la capitale européenne de la culture.

Il est important de profiter d'Esch 2022 en lien avec les objectifs de la Réserve de la biosphère. Et l'observatoire de la biodiversité.

Le Youth MAB est aussi très important pour le MAB. Car on peut impliquer les jeunes citoyens dans la gouvernance du projet de la mise en œuvre des projets concrets.

Trois zones sont distinguées dans le dossier, qui sera présenté : les zones centrales du futur MAB, les plus protégées par la législation nationale, comme la zone naturelle de Giele Botter ou le Haard à Dudelange. Elles sont entourées de zones tampons dont la protection est soumise à des programmes Natura 2000. Et finalement les zones de développement où les habitants exercent leurs activités économiques, où ils travaillent, se déplacent et construisent. La nature reprend ses droits et nous en félicitons. Merci de m'avoir écouté.

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Villmools Merci. D'Madamm Saeul, w.e.gl.

---

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Beim Interessi vum Thema vun de Kolleeginnen a Kolleegen bleift net méi vill ze soen. Awer ech muss soen, dass ech dëst super fannen.

D'Demokratesch Partei ënnerstëtzt d'Ufro vum Pro-Sud fir e Projet Unesco zur Kandidatur vun der Südregioun mam Label Réserve de biosphère. Dobausse gëtt dat eng gutt Reklamm fir eis Stad Déifferdeng a fir déi ganz Géigend, mat hiren exzeptionell schéinen Naturplazen a groussem Patrimoine industriel. Fir d'Natur mat de Mënschen ze verbannen. E formidabelen Defi an eng grouss Chance fir d'Regioun mat sengen eelef concernéierte Gemengen. Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. An ech fannen dat super, wann Der dat super fannt. Den Här Tempels, w.e.gl.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären, mir begréissen dës Demande fir en Unesco-Man-and-the Biosphere-Label. Dëse Projet wäert ee Méiwäert, net nëmme fir Déifferdeng, mä fir déi ganz Minettregioun bréngen. A souguer wäit iwwert d'Grenzen eraus. Natierlech ënnerstëtze mir dëse Projet, deen eis kulturell an touristesch eppes bréngen an eisen dach esou flotten Eck nach méi liewenswäert maache wäert. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Tempels. Den Här Bertinelli, w.e.gl.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech wollt de President vum Pro-Sud froen, well ech leider d'Chance net hat, do dobäi ze sinn, wéi dat genau fonctionnéiert. Gëtt dat vun enger Plaz aus am Süde koordinéiert oder gëtt dat Fall fir Fall pro Regioun ausgeschafft?

Well elo beim Här Aguiar senger Ried – virdrun hat ech et verstanen, duerno hunn ech et guer net méi verstanen. Well et jo hei ëm d'Situatioun vun enger Stad, de Bau vun der Stad, also d'Haiser an der Stad geet. Ech hu gemengt, et géif ëm de Patrimoine culturel Unesco goen, dat heescht iwwert d'Friche-industriellen oder d'Bëscher, dat wat mer jo schonn 20 Joer, souguer nach méi, maachen. Säit et d'Industrie net méi esou gëtt, wéi et se hei am Süde gëtt. Dat hunn ech nach verstanen.

Mä wéi ass dat genaut Konzept dovunner innerhalb vun deene Stied am Pro-Sud, am Süden? Ass dat effektiv iwwert d'Unesco, wou de Patrimoine, wou d'touristesch Anlag oder déi Site-industriellë solle revaloriséiert ginn. Oder ass dat cas par cas zu Diddeleng, Déifferdeng oder Esch?

Ech fannen dat och gutt, fir déi iwwert d'Grenzen ewech unzebannen un eis Natur. Awer wéi gëtt dat gehandhaabt? Do hunn ech e bëssen e Problem. Gëtt dat dirigéiert iwwert de Pro-Sud? Iwwer alleguerten déi Acteuren, déi do dra sinn, d'Universitéit an esou weider? Dat ass eng Fro, wou ech vläicht och hätt kéinten noliesen, Här Buergermeeschter, mä ech froen Iech, well Der jo de President sidd, ob Der mer kéint drop äntwerten. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Da gi mer dem Här Schwachtgen d'Wuert.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Den Dossier ass vläicht kompliéiert, wann een dat „Man and the Biosphere" nennt an dee ganze Gedankegang wëll ronderëm féieren. Ech wëll awer elo keng Äntwert op dem Här Bertinelli seng Fro ginn. Den Här Buergermeeschter, oder de President vum Pro-Sud, kann dat jo maachen. Mä vläicht kënnt de Gedanke méi eraus, wann ech ganz konkret ginn, am Beispill vun eisem Minett.

Als houfrege Minetter – an ech mengen, mer sinn dat alleguerten –, hu mer eis och ni beiere gelooss, wa mer als dreckege Minett a knaschtege Minett betitelt gi si vun e bësse méi wäit ewech. An do wunnen och vill Auslänner a vill Friemer an hei an do. Mer hunn eis do ni beiere gelooss. Mer si bei eisem Stolz iwwer eise Minett bliwwen. An dat bleiwen ech och nach.

*Fred Bertinelli pensait avoir compris de quoi il s'agissait, mais le discours de M. Aguiar l'a perturbé. N'est-il pas question du patrimoine culturel de l'UNESCO ? Des friches industrielles et des forêts ? Quel est le concept pour les villes du Pro-Sud ? Le patrimoine, les sites touristiques et les sites industriels seront-ils revalorisés par l'UNESCO ou au cas par cas par Dudelange, Differdange et Esch ? Comment les projets seront-ils gérés ? Seront-ils dirigés par le Pro-Sud ? Par les différents acteurs ? Par l'université ?*
*Fred Bertinelli aurait pu rechercher la réponse dans le dossier, mais le bourgmestre étant le président de Pro-Sud, il lui pose directement la question.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *constate que le dossier « Man and the Biosphere » est complexe. Il ne répondra pas à M. Bertinelli. Le président du Pro-Sud pourra s'en charger.*
*Frenz Schwachtgen est fier d'être originaire des Terres-Rouges. Il se souvient qu'on traitait les habitants des Terres-Rouges de sales et qu'on soulignait le fait qu'il y avait beaucoup d'étrangers dans la région.*
*Si les Terres-Rouges obtiennent le label, il s'agirait d'une reconnaissance pour tous ceux qui durant des décennies se sont engagés pour l'environnement, et ce, quel que soit leur parti politique. La région se retrouverait dans un livre sur les trésors de l'humanité à côté du Taj Mahal, du mont Saint-Michel, du palais impérial de Pékin, etc. L'édition que Frenz Schwachtgen a en sa possession date d'il y a vingt ans. Il y a de plus en plus de paysages.*
*Frenz Schwachtgen mentionne les mines à ciel ouvert des Terres-Rouges. Quand il était petit, il y a 65 ans, la mine à ciel ouvert du Rollesbierg a ouvert. Le Rollesbierg a complètement été détruit à l'époque. Frenz Schwachtgen se souvient des pâturages et des haies qui ont disparu pour être remplacés par d'énormes trous afin d'extraire le minerai de fer. C'est ce qu'on appelait « contribuer à la richesse du pays » grâce aux sales Terres-Rouges.*

*L'exploitation de ces paysages n'a pas seulement donné vie aux galeries faisant partie du patrimoine culturel et du patrimoine industriel, mais aussi aux usines ayant vu le jour dans la région jusque dans les années 1980.*
*Bettembourg, Käerjeng et Clemency participent aussi au projet. Mais il ne faut pas oublier que Saulnes et Hussigny étaient dans la même situation. Frenz Schwachtgen mentionne aussi Herserange, Rédange, Dudelange, Zoufftgen, Rumelange, Hettange, etc.*
*La nature a repris ses droits dans les galeries en plein air. Mais cela n'a pas été facile. Le Ronnebierg a longtemps été considéré comme une décharge. Heureusement, plusieurs organisations se sont défendues et en 1996, le Ronnebierg a finalement été fermé. Malheureusement, il reste beaucoup de petits Ronnebierg. Frenz Schwachtgen mentionne l'étang du Giele Botter contenant des tonnes de plastique en provenance d'une entreprise chimique. À l'époque, le responsable communal de l'environnement était d'avis qu'il fallait y déverser des camions.*
*La conscience écologique n'a vu le jour que petit à petit. La nature a repris ses droits. Des paysages spéciaux se sont créés. Ce sont ces paysages qui permettront peut-être à la région d'obtenir le label de l'UNESCO.*
*Frenz Schwachtgen est content que M. Aguiar ait pris la parole. La jeunesse lutte pour l'environnement et contre le changement climatique. Un jour, il sera possible de se promener tranquillement dans le Giele Botter ou le Kiermerchen.*
*Le dossier précise que le label pourra être retiré si la situation devait évoluer dans les galeries en plein air, c'est-à-dire si la nature et les biotopes venaient à disparaitre. Le site ne pourra donc pas être transformé en Disneyland. C'est le tourisme doux qu'il faudra cibler. Si les Terres-Rouges obtiennent le label, il faudra se montrer responsables à l'avenir.*
*Frenz Schwachtgen, les écologistes et apparemment tous les partis politiques soutiennent ce projet. Dudelange, Esch, Schifflange, Kayl, Pétange, Saulnes et Hussigny font*

Wann et effektiv zu enger Verleiung vun deem Label hei géif kommen, da wär dat eng Unerkennung un all déi Leit. Ech mengen, mäin Numm ass jo och alt emol zitéiert ginn, mä ech wëll awer och un all déi Leit denken, déi sech zënter Joren a Joerzéngten derfir agesat hunn, an der Ëmweltzeen. Vun alle Borden, vun alle Parteien, net nëmme vun deene gréngen, mä vun alle Parteien. Fir déi Gebidder esou bestoen ze loossen, wéi se haut bestinn.

Wa mer dat geschenkt kréien, da sti mer vläicht an zwee Joer an esou engem Buch wéi deem heiten: „Schätze der Menschheit", Unesco-geséchert Plazen, wéi den Taj Mahal, de Mont Saint-Michel, de Kaiserpalast zu Peking. Dat sinn Nimm vun Architekturen, vu Patrimoinen, vu kulturellen Denkmäler. Mä et sinn och Landschaften dran, ëm déi 700, hat den Här Buergermeeschter gesot. Ëmmer méi Landschafte kommen dobäi.

Dat hei ass eng Editioun vun 2000, also virun 20 Joer ass déi hei gemaach ginn. Et kann een nokucken, wat fir Landschaften do dra sinn. A justement eis Landschaft, de Minett, mat sengem Kärgebitt den Dagebaugebidder, dat ass déi Landschaft, déi elo geschützt gëtt.

Dofir wëll ech iwwert d'Kärgebidder schwätzen a kuerz drun erënneren, wéi ech kleng war, viru 65 Joer war et zum Beispill um Rollesbierg lassgaange mam Dagebau. Do war dee ganze Rollesbierg zerstéiert ginn. Mir haten als Kanner materlieft, wéi d'Schofslandschaften do verschwonne waren, d'Hecke verschwonne waren a wéi riseg Lächer do gegruewe gi sinn, fir eise Räichtum, d'Eisenerz, d'Minett erauszehuelen a fir eis ekonomesch Zukunft ze sécheren.

Dat heescht, engersäits war et eng Zerstéierung, anerersäits war et eng Sécherung vun eisem Räichtum vum Land, duerch deen dreckege Minett heiansdo. Ech ginn nach ëmmer rosen, wann ech dat muss soen. Mä et war awer heiansdo esou.

Dat heescht, eis Landschaft, den Doggerplateau, de geologeschen Opbau huet dat eben hierginn. Doraus sinn net nëmmen d'Galerien entstanen, wat jo och als Patrimoine culturel a Patrimoine industriel ze betruechten ass, och d'Schmelze sinn um Liewe bliwwen an ausgebaut ginn, bis an d'80er Joren, ronderëm deen Doggerplateau.

Beetebuerg, Käerjeng a Kënzeg sinn och mat an deem Projet hei dran, dat sinn d'Randgebidder. Mir sollen awer och derbäirechnen, dass Zounen, Héiseng déiselwecht Situatioun haten. Herserange, Réiden bis op Diddeleng, Zoufftgen, Rëmeleng, Hetteng sinn déiselwecht Gebidder am Fong, déi an deem Milieu elo hei leien. Mä wa mer d'Kärgebitt, den Dagebau net hätten, kéim dat hei net zustanen.

D'Natur huet sech déi Dagebaugebidder erëmgeholl. Mä dat hat ellen Aarbecht kascht. Ech ginn d'Beispill Ronnebierg vum Dogma, dat all d'Buergermeeschtere quasi an de 60er, 70er, 80er Joren an hirem Label haten. Och souguer eis grouss Gewerkschaften. Alleguer hate se déi Dagebaugebidder als Verfüllungsort betruecht. Déi hätte sollten zougeschott ginn. Meeschtens war un Industriemüll, un Dreckstipp geduecht ginn, fir se zouzemaachen: „Leet e puer Meter gudde Buedem driwwer, an da si mer roueg".

Gott sei Dank waren eng Partie Organisatiounen, déi sech wierklech vehement wärend 20 Joer gewiert hunn, bis zum Beispill de Ronnebierg 1996 endlech, no 20 Joer, konnt zougemaach ginn.

Mer haten awer nach ëmmer vill kleng Ronnebierger. Ech erënneren drun, dass am Giele-Botter-Weier nach Tonnen an Tonne Plastik vun enger grousser Lëtzebuerger Chemiefirma leien an och nach op anere Plazen um Bierg. An dass ee vun eisen Haaptbeamten deemools, dee sech sollt ëm d'Ekologie bekëmmeren, der Meenung war, dass mer all eis Entrepreneure sollten dorobber schécke mat volle Camionen, déi mer hei ënnen ausgebaggert hunn. Dat war d'Mentalitéit vun där Zäit.

Ech wëll einfach soen, datt dat Ëmweltbewosstsinn lues a lues vun de Generatioune komm ass, wat derzou gefouert huet, dass mer déi Gebidder gehalen hunn. D'Natur huet sech déi erëmgeholl. Et si speziell Landschaften entstanen, vun deene mer haut liewe kënnen, wou mer eis Biodiversitéit ausschëpfe

kënnen a wou mer eventuell eng Unesco-Reconnaissance derfir kréien.

Ech si ganz frou driwwer, dass den Här Aguiar, als Jonken heibannen, d'Ried geholl huet. Mir komme jo elo an eng Situatioun, dass effektiv eis Jugend verstäerkt Drock mécht fir Kampf géint de Klimawandel, Kampf fir d'Ëmwelt. Dat gëtt engem Hoffnung, dass ee sech vläicht iergendwann eng Kéier zur Rou setzen an an de Giele Botter trëppele goe kann, oder an de Kiermerchen an esou weider.

Ech wollt awer och nach dat hei soen: Wa mer déi Reconnaissance kréien, an dat steet jo an deem 40-säitegen Dossier, wat immens wichteg ass, ass, dass mer eng Garantie hunn, dass mer déi Protektioun do op deene Sitte loossen. Well en Unesco-Label kann een erëm verléieren. Et brauch een nëmmen d'Kärzon futti ze maache vum Unesco-Label. Dat heescht, d'Dagebaugebidder erëm esou ze veränneren, dass kee Biotop méi do ass, dass keng Natur méi do ass.

Do kommen – an dann halen ech op –, nei Ufuerderungen op eis zou. Dat steet och ganz kloer am Dossier, dass et keen Disneyland däerf ginn, dass et kee Rummel däerf ginn. E soften Tourismus, en durabelen Tourismus, eng durabel Begeeung vun deene Gebidder soll et schonn däerfe ginn. Mä se mussen awer geschützt bleiwen. Soss verléiere mer de Label. An domadder géife mer vill méi verléieren.

Wa mer de Label sollte kréien, wat ech staark hoffen, musse mer awer elo schonn d'Jalone setzen, dass mer dann och an deem Sënn an Zukunft dermat ëmginn.

Ech sinn net méi wéi frou. Déi gréng sinn net méi wéi frou. A wat ech esou ronderëm den Dësch héieren, kënne mer eis als Parteien d'Hand ginn a soen, wa mer dat do packen als Minett … An dann huelen ech och gär dee ganze Beräich vun Diddeleng, Rëmeleng, Esch, Schëffleng, Käl bis Rodange, Péiteng, an Zounen an Héiseng mat dran. An ech hoffen, dass mer dat packen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Ech mengen, et ass alles gesot. Nach zwee Sätz. Mir schaffen drop hin, datt de Pro-Sud d'Gouvernance wäert iwwerhuelen. Mä et ass ganz kloer, et mécht een näischt, wann een d'Gemengen net all am Boot huet. Dat hu mer bis elo fäerdegbruecht. An ech mengen ee Saz, dee viru Joerzéngte gesot ginn ass, kann een hei widderhuelen: Datt et haut e klenge Schratt fir Déifferdeng ass, mä e ganz grousse fir de Minett. An da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de soutenir le projet UNESCO « Man and the Biosphere » sous la gouvernance du syndicat PRO-SUD.*

Merci. Da wäre mer bei de Kommissiounen. Do hu mer näischt erakritt.

Froe sinn do. Ganz gären, Här Bertinelli.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Hären, ech hunn eng Fro un de Sportschäffen, wéi ee liese konnt, hate mer e klenge Skandal am Sport, mat eisem Futsal an der Sportshal. Wou de Championnat ënnerbrach ginn ass. Vu datt de Sport mech enorm interesséiert a well et jo e bëssen e Veräin ass, un deem mer hänken – Dir méi wéi ech, Här Buergermeeschter …

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Nee. Mir sinn zesumme staark.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

… a vill do gemaach hunn, an och vill gemaach hu fir den Developpement, huet dat mer Suerge gemaach. Well et Déifferdeng net grad esou vertrëtt, wéi mir zwee wëllen, datt Déifferdeng sportlech no baussen am Land soll vertruede ginn.

Meng Fro ass: Hutt Dir déi Leit gesinn, Här Buergermeeschter? Zweetens hunn

*aussi partie des Terres-Rouges. Frenz Schwachtgen espère que la région obtiendra le label.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *suppose que le Pro-Sud obtiendra la gouvernance. Mais pour obtenir des résultats, les communes devront toutes participer.*
*Roberto Traversini fait sienne une phrase prononcée il y a longtemps : c'est un petit pas pour Differdange, mais un grand pas pour les Terres-Rouges.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini constate qu'il n'y a pas de modifications au sein des commissions et qu'il n'y a pas non plus de questions.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *proteste.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *lui cède la parole.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *souhaite revenir sur le petit scandale ayant eu lieu dans le cadre des championnats de futsal dans le centre sportif. Il rappelle qu'il s'intéresse fortement au club en question tout comme le bourgmestre.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *ajoute que l'union fait la force.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *regrette que ce club ne représente pas Differdange à travers le pays comme il le devrait. Le bourgmestre en a-t-il discuté avec eux ?*
*Fred Bertinelli a également appris que le bourgmestre aurait écrit une lettre à la FLF pour se plaindre des sanctions prises à l'encontre du club. Le conseiller communal a du mal à y croire.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *ne sait pas de quelle lettre M. Bertinelli parle.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *explique qu'il s'agit d'une lettre du bourgmestre à la FLF concernant les sanctions à l'encontre du club. Le bourgmestre l'aurait envoyée sur demande du club. C'est un membre du club qui l'a raconté à Fred Bertinelli et celui-ci voudrait en avoir le cœur net.*

*Differdange fait d'énormes efforts pour améliorer son image dans le domaine du sport — particulièrement en ce qui concerne l'intégration. Ce qui est arrivé fait donc encore plus mal.*
*Fred Bertinelli a aussi une question pour M. Liesch concernant le club de tir d'Oberkorn. Celui-ci est en train de croitre. Il faudrait lui trouver un site.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**
*croit pouvoir répondre aux deux questions, mais cèdera la parole à M. Liesch.*
*(Interruption)*
*Roberto Traversini rappelle que M. Liesch s'est rendu à la réunion et que la question concerne aussi l'environnement.*
*Le collège échevinal est d'avis que le site en question ne peut pas accueillir un stand de tir à cause des conséquences sur la cité, qui seraient plus importantes que l'aménagement d'éoliennes. Le collège échevinal recherche un autre emplacement. Il faudra aussi régler la question du financement.*
*L'agrandissement du stand de tir de Lasauvage aurait pu être une solution, mais le ministère de l'Environnement s'y oppose. D'un autre côté, Roberto Traversini rappelle que le club en question s'est tiré une balle dans le pied il y a quelques années. Le collège échevinal dispose d'un ou deux sites, mais il faudra évaluer les nuisances.*
*Pour ce qui est du sport, Roberto Traversini se dit scandalisé par la violence, mais aussi par le fait que tous les sports ne sont pas traités de la même manière. Sur les terrains, l'agressivité est en train d'augmenter. Le problème concerne aussi les tribunes, où se trouvent des enfants avec leurs parents.*
*Roberto Traversini n'a pas demandé à la FLF de réduire les sanctions. En revanche, il a communiqué à la FLF qu'en absence d'améliorations, la commission du Sport mènera une discussion pour savoir si Differdange doit continuer à mettre à dispositions ses infrastructures sportives. Les incidents ont eu lieu dimanche à 19 h 30. Roberto Traversini a reçu les responsables lundi matin et on l'a entendu crier de loin.*

ech vu Leit aus deem Veräin Informatioune kritt, déi ech bal net gleewe kann, datt Dir e Bréif geschriwwen hätt un d'FLF, datt Der fonnt hätt, déi wieren ze schro bestrooft ginn no deenen Aktivitéiten an deene Geriichtsuerteeler, déi d'Federatioun do geholl hätt. An dat war einfach meng Fro un Iech.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Wéi ee Bréif hätt ech geschéckt?

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir hätt e Bréif un d'FLF geschriwwen, datt de Veräin ze schro bestrooft gi wier, an datt se elo vläicht sollte kucken, fir déi Leit net esou laang ze spären. Dat wier e Bréif gewiescht, deen Dir als Buergermeeschter, op Demande vum Veräin hin, un d'FLF geschéckt hätt. Wat ech bal net konnt gleewen. Duerfir hunn ech dat hei gefrot.

Ech hunn dat awer gesot kritt vun engem Member. Dunn hunn ech gesot, da froen ech de Buergermeeschter, dee ka mer jo dann dorobber äntwerten. An och, wat Dir hinne gesot hutt. Well ech awer scho mengen, datt mer eis ganz, ganz vill Méi ginn am Sport, fir den Image vun Déifferdeng no baussen ze droen. An ech menge grad an deem dote Fall, wat jo en immens groussen Integratiounsfacteur ass, an deem Beräich deet et dann duebel wéi, wann esou Saache wéi déi dote virkommen. Dat war déi éischt Fro.

Déi zweet Fro betrëfft den Här Liesch. Ech wollt den Här Liesch froen: Ech war op der Generalversammlung vum Schéissclub zu Uewerkuer. Dir hat jo gewëssen Interviewe mat deenen, wat hire Site ugeet. Et ass e Club, wou se nach ëmmer net schéisse kënnen. Wou se hir Athleten hei a Veräiner am Süden schécken, fir do kënnen ze schéissen. Fir do eng Alternativ ze fannen. Deen ass nach ëmmer am Gaang ze wuessen, dee Veräin. Wéi wäit si mer do? Dat ass eng gewëssen Zäitchen hier. Ass do schonn eppes gelaf? Oder hutt Der do schonn e Projet, wéi dat do soll weidergoen? Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech mengen, ech kéint déi zwou Froe beäntwerten. Ech ginn awer och ganz gären dem Här Liesch d'Wuert. E war op der Sitzung an en huet och vill mat Ëmwelt ze dinn, wat richteg ass.

Ech kann Iech schonn haut soen, datt de Schäfferot dee Kommodo, deen de Schéissclubveräin selwer an de Sand gesat huet, ni méi wäert ënnerstëtzen. Dat heescht, mir sinn der Meenung, datt op där Plaz kee Schéissstand méi soll sinn. Well dat wier wierklech en Agrëff an déi ganz Cité. An dat wär méi e grousse Agrëff wéi déi Wandmillen, déi mer wëllen dohinner stellen.

Mir sinn am Gaang ze kucken, fir eng aner Plaz an der Gemeng ze fannen, wou een dat kéint maachen. Dat ass ganz kloer. Dat kucke mer. Mir hunn déi eng oder déi aner Iddi. Mä et muss een natierlech och kucken, wéi een dat finanzéiert kritt an d'Plaz kritt.

Déi éischt Iddi, déi mer haten, war, de Schéissstand zu Lasauvage e bëssen ze erweideren. Dat ass awer net méiglech, well mer dat refuséiert kritt hu vum Ëmweltministère. Mä mir kënnen eis och net e Been erausrappen, wann dee Veräin sech selwer an de Sand gesat huet viru Joren, an dat wierklech vermasselt huet. Mir versichen, do ze hëllefen, wou et nëmme geet. Well, wéi Der sot, Här Bertinelli, et sinn awer vill Leit, déi gär schéisse ginn. Mir bleiwen do um Ball.

Mir hunn een oder zwee Sitten, mä et muss een natierlech kucken, datt do, wou een déi Sitte schaaft, keng Nuisancë sinn. An ech mengen, dat wär just méiglech, wann een eng zouen Hal géif éierens kënne bauen, fir déi Leit, déi schéisse ginn.

De Sport. Gott sei Dank sinn ech net direkt vun der Press dorop ugeschwat ginn. Esou konnt ech mech e bësse berouegen. Ech muss soen, datt ech am Moment deelweis skandaliséiert sinn iwwer vill Saachen. Éischtens emol iwwert d'Gewalt am Sport. Zweetens doriwwer, datt verschidde Sportaarten aneschters bewäert gi wéi aner Sportaarten. Dat ass net richteg.

Ech hunn d'Gefill, datt d'Aggressivitéit op den Terrainen an der Lescht zougeholl huet. Net nëmmen op de Fussballsterrainen. Et brauch ee just aner Sportaarte kucken ze goen, an Halen. Da gesäit een, datt de grousse Problem oft emol net op der Sportplaz ass, mä ronderëm. Dat heescht op den Tribünen, Elteren, bei Kanner. Doriwwer muss ee sech wierklech de Kapp zerbriechen.

Ech hu kee Bréif un d'FLF geschriwwen, datt se d'Strofen erofsetze sollen. Nodeems ech och den zweete Video kritt hunn, nom Bericht vum Arbitter, dat war eppes komplett aneschters. Mä do muss d'Federatioun dann hir Konsequenzen zéien oder net.

Wat ech gesot hunn, wann et géif esou weidergoen, da géife mer eng Diskussioun lancéieren an der Sportskommissioun, ob mer iwwerhaapt nach eis Sportsinfrastrukture sollen zur Verfügung stellen. Also just de Contraire hunn ech versicht. Sonndes ass dat geschitt, sonndes owes um 19.30 Auer. A méindes mëttes waren déi ganz Responsabel bei mir am Büro. An ech kann Iech soen, do huet ee mech, mengen ech, bis dobaussen héiere jäizen.

An zweetens fannen ech, datt dat muss thematiséiert ginn. Sport bréngt jo och eppes. An ech hunn d'Gefill, datt an deene leschte Méint a Joren, vill méi wéi dat üblech ass, op dat Negatiivt vum Sport gepocht gëtt wéi op dat Positiivt vum Sport. Sport bréngt d'Leit zesummen. Sport hëlleft de Leit léieren ze verléieren an ze gewannen. Sport ass Integratioun. Sport ass esou vill, datt et elo, mengen ech, falsch wier, just op déi negativ Saachen hinzeweisen.

A vu datt mer dëst Joer 50 Joer vun eiser Sportshal feieren a bis elo nach kengem eng gescheit Iddi agefall ass, wat ee soll maachen, ausser vläicht e puer Biller ophänken an e puer Kaarte vun all de grousse Vedetten, déi an de 70er, 80er Joren op Déifferdeng komm sinn, wat natierlech och flott ass, si mer am Gaang drun ze schaffen, fir Table-ronden, eng Sensibiliséierungswoch oder zwou vun der Gemeng aus ze organiséieren. Fir iwwert déi Saachen ze schwätzen. Iwwert déi gutt Säite vum Sport an iwwert déi manner gutt Säite vum Sport. Datt een dat erëm an dee richtege Kontext setzt. Sport ass extrem wichteg. Et muss ee sech awer natierlech och trauen, Decisiounen ze huelen. Ech hätt do kee Problem, wann de Gemengerot dermat averstane wier, verschidde Saachen ze spären.

Mä da gëllt dat fir all Sportaart. Da gëllt et och fir aner Sportaarten, wa se op eemol mat Bengelen op d'Spiller schéissen, wa se d'Leit mam Hals huelen, wa se d'Leit vernennen, wann d'Elteren unenee ginn. Da musse mer do och eis Konsequenzen heibannen zéien a soen, mir huele verschidde Leit vum Terrain. Da géif ech gär gesinn, wat d'Diskussioun da wier, well da sinn d'Iwwerleeunge jo aneschters.

Am Hierscht wäerte mer esou eppes Grousses lancéieren. Éischtens emol, fir 50 Joer Sport ze feieren. Well fir mech ass Sport nach ëmmer eng Feier an net e Begriefnis. Et ass eppes, wat zesummenhält, wat integréiert. Déi Fro, déi Der gestallt hutt, Här Bertinelli, wäerte mer ganz eescht huelen. An d'Leit, déi Sport maachen, déi sollen net an de Krich goen, déi sollen dohinner goen a Pleséier a Wäerter mateneen deelen. Dat ass op alle Fall dat, wat deen heite Schäfferot wëll. A villmools Merci fir déi Fro.

Mir géifen dann elo zu der netëffentlecher Sitzung kommen. Dem Anne an dem Luc Merci, datt se esou laang bliwwe sinn. An Dir hutt jo héieren, et rentéiert sech, Artikelen ze schreiwen. D'Zeitung gëtt gelies.

(Gelaachs)

*Le bourgmestre a aussi l'impression que dernièrement, on insiste beaucoup plus sur les aspects négatifs du sport. Comme le centre sportif va fêter ses cinquante ans et que personne n'a une idée concrète pour célébrer l'évènement, la commune est en train d'organiser des tables rondes et de prévoir des semaines de sensibilisation à tous ces problèmes. Il faut parler à la fois des aspects positifs et des aspects négatifs.*
*Pour Roberto Traversini, il faut oser prendre des décisions. Il soutiendra le conseil communal si celui-ci veut fermer certaines infrastructures, mais les règles devront être les mêmes pour tous les sports. On ne peut pas tolérer que des gens tirent des bâtons sur les joueurs, que les spectateurs se bagarrent, que les parents se battent entre eux…*
*En automne, Differdange célèbrera cinquante ans de sport. Le sport est un facteur d'intégration. Les sportifs ne doivent pas partir en guerre, mais prendre du plaisir ensemble et défendre des valeurs.*
*Roberto Traversini remercie Anne et Luc pour leur présence. Il vaut la peine d'écrire des articles, car les journaux sont encore lus.*
*(Rires)*
*Roberto Traversini clôture la séance publique.*

# COPIES D'ACTES DE NAISSANCE/MARIAGE/DÉCÈS

Les copies d'actes de naissance, de mariage ou de décès sont délivrées sur présentation d'une preuve d'identité valable, par le service de l'état civil de la Ville de Differdange.

Ces copies peuvent également être envoyées au domicile de l'intéressé sur simple demande par e-mail à etatcivil@differdange.lu avec la copie d'une pièce d'identité annexée.

# DEMANDE D'ATTESTATION DE SÉJOUR PERMANENT

**pour citoyens de l'Union européenne résidant depuis au moins cinq années au Luxembourg.**

Pièces à produire :

- Document d'identité valide du demandeur : carte d'identité valable ou passeport ;
- Preuve d'un séjour légal de cinq ans au Luxembourg du demandeur : certificat de résidence de la commune où le demandeur habite actuellement et s'il y a lieu le ou les certificats de résidence de la ou des communes où le demandeur a habité avant – jusqu'à cinq années passées.

Pour le membre de la famille :

- Composition de ménage de la commune où le demandeur et le membre de la famille (= père, mère, conjoint ou partenaire) habitent actuellement et s'il y a lieu le ou les certificats de résidence de la ou les communes où le membre de la famille a habité avant – jusqu'à cinq années passées.

Pour des renseignements supplémentaires, n'hésitez pas à contacter le Biergeramt au 58 77 1-1700.

**Attention :**

La carte de séjour n'existe plus pour les citoyens européens. Elle est remplacée par l'attestation de séjour permanent ou l'attestation d'enregistrement.

# CARTE D'IDENTITÉ BIOMÉTRIQUE

La détention d'une carte d'identité est obligatoire pour toute personne de nationalité luxembourgeoise âgée de 15 ans au moins et ayant sa résidence habituelle dans une commune luxembourgeoise. Pour les Luxembourgeois de moins de 15 ans, la carte d'identité n'est pas obligatoire, mais elle est délivrée sur demande. En revanche, elle est obligatoire pour les mineurs si vous quittez le Luxembourg.

La demande doit impérativement être effectuée par l'intéressé lui-même. Pour les mineurs, la présence d'un des parents ayant le droit de garde ou du tuteur légal est obligatoire. La photo sera prise directement à la commune au moyen de l'équipement installé conforme aux normes de l'OACI.

Le délai normal de délivrance des cartes d'identité est en principe de dix jours ouvrables à partir du jour de la demande. La date exacte vous sera communiquée lors de la demande. Tout citoyen majeur pourra disposer sur sa carte d'identité de deux certificats lui permettant :

- de signer électroniquement ses documents et transactions en ligne, avec une valeur légale équivalente à une signature manuscrite ;
- de se connecter de manière sécurisée à de multiples applications étatiques et privées en ligne.

L'activation des certificats est optionnelle et la décision y relative est prise au moment de la demande.

Le montant à régler à l'avance pour la délivrance d'une carte d'identité est de :

- 14 € pour une carte d'identité valide 10 ans (titulaire de plus de 15 ans) ;
- 10 € pour une carte d'identité valide 5 ans (titulaire entre 4 et 15 ans) ;
- 5 € pour une carte d'identité valide 2 ans (titulaire de moins de 4 ans) ;
- 45 € pour une procédure accélérée

et est à verser sur le compte-chèques postal luxembourgeois du Centre des technologies de l'information de l'État suivant :

Numéro de compte : IBAN LU44 1111 7028 7715 0000
Nom du bénéficiaire : TS-CE CTIE Cartes d'identité B. P. 1111 L-1011 Luxembourg
Code BIC : CCPLLULL
Communication : Nom(s) et prénom(s) des personnes concernées.

Au moment de la demande sont à produire :

- la carte d'identité périmée ou une déclaration de perte/vol établie par la police ;
- la preuve de paiement de la taxe indiquée ci-dessus (copie de virement).

Les cartes d'identité actuelles restent valables jusqu'à leur date d'expiration et ne seront renouvelées qu'aux conditions suivantes :

1. À l'expiration de la période de validité stipulée sur la carte (moins de trois mois) ;
2. En cas de déménagement (également à l'intérieur de la commune) ;
3. Lorsque la photographie du titulaire ne correspond plus à sa physionomie actuelle ;
4. Lorsque la carte a été perdue, volée ou détériorée ;
5. En cas de changement de nom(s) ou de prénom(s) et en cas d'ajout ou de retrait de nom du conjoint vivant ou décédé ;
6. En cas de changement de numéro d'identification.

Pour des renseignements supplémentaires, n'hésitez pas à contacter le Biergeramt au 58 77 1-1700.

Ville de Differdange

Lëtzebuerger Maarteverband
Association sans but lucratif

# MARCHÉ
# HEBDOMADAIRE

Ouverture de la nouvelle saison

## JEUDI

## 19 SEPTEMBRE 2019

## 14:30
JUSQU'À
## 18:30

# PLACE DU MARCHÉ

DIFFERDANGE

PARTIE OFFICIELLE À 14H30

ANIMATION MUSICALE
ORCHESTRE HAEMELMAOUS

VERRE DE L'AMITIÉ ET DÉGUSTATION

www.differdange.lu

28-29 septembre 2019



# STEAMPUNK CONVENTION



## FOND-DE-GRAS
Luxembourg

Samedi 28 & dimanche 29 septembre 2019 de 11h00 à 18h00
au Minett Park Fond-de-Gras (Luxembourg)

**Animations de rue, concerts, marché victorien, exposition de créations steampunk, trains historiques à vapeur,...**

**www.anno1900.lu**

MINETT PARK FOND-DE-GRAS WWW.MINETTPARK.LU
Ville de Differdange
COPPER HEAD
SPUERKEESS
FARGO.LU